

READER



Lëtzebuergesch fir 4C a 4G



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

INHALT

1

Typesch Lëtzebuerg? Traditionen, Geschichten, Mentalitéiten

Michel LENTZ > Ons Heemecht	3
Michel LENTZ > De Feierwon	4
 Fatima ROUGI > Nein, es wird keine neue Hymne geben (Artikel vum 3.4.2014)	5
Michel RODANGE > Der Grasmësch hiert Lidd	6
Jean-Paul JACOBS > Poulet mat Fritten an Zalot oder De Jean-Paul rífft de Maréchal de la Cour un	9
Claudine MUNO > Dat glécklecht Anouk	12
Lucien BLAU > Mat der Döschewo bei de Mao Tse-Tung. Eng Jugend am Minett	14
Serge TONNAR > ech si lëtzebuerg	18
Gast GROEBER > Eng Stad ënnert dem Himmel	20
Gast GROEBER > Brudder, oh Briddchen	21
Josiane KARTHEISER > Gees de mat? Eng modern Famill op der Sich no enger Äntwert	25
Guy REWENIG > Am falsche Film	28
Guy REWENIG > Feierowend	30

2

Sprooch a Sproochen

Antoine MEYER > E Schrëck op de Lëtzebuerger Parnassus	37
DICKS (Edmond de la Fontaine) > D’Kiermesgäscht	38
Caspar Mathias SPOO > Heemechtssprooch (Ried an der Chambersëtzong vum 9. Dezember 1896)	40
Jean-Michel TREINEN > latzenbörk blues	42
Guy REWENIG > Häwwi! Lëtzebuerger Leckzikon	43
Guy REWENIG > De Korrekter	48

3

Literatur op Lëtzebuergesch entdecken: Ufankskapiteln

Roger MANDERSCHIED > schacko klak. biller aus der kandheet (1935-1945)	52
Cathy CLEMENT > Aleng	58
Jhemp HOSCHT > Perl oder Pica	61
Lucien BLAU > Mam Schucos-Auto an den Zinema Royal. Eng Kandheet am Brill	66
Josy BRAUN > Meewäin	68
Tullio FORGIARINI > Amok	70
Claudine MUNO > Komm net kräischen	72
Samuel HAMEN > Zeechen	75

Zesummesetzung vum Dossier: **SCRIPT**

Illustratiounen: shutterstock.com

Editeur: SCRIPT, Service de Coordination de la Recherche et de l’Innovation pédagogiques et technologiques

33, Rives de Clausen | L-2165 Luxembourg | Boîte postale L-2926 Luxembourg

secretariat@script.lu | www.script.lu

ISBN: 978-99959-1-423-3



Typesch Lëtzebuerg?

Traditiounen, Geschichten, Mentalitéiten

1864

Michel LENTZ

Ons Heemecht

Wou d'Uelzecht durech d'Wisen zéit,
 Duerch d'Fielsen d'Sauer brécht,
 Wou d'Rief laanscht d'Musel dofteg bléit,
 Den Himmel Wäin ons mécht:
 Dat ass onst Land, fir dat mir géif
 Heinidden alles won,
 Ons Heemechtsland, dat mir sou déif
 An onsen Hierzer dron.

An sengem donkle Bëscherkranz,
 Vum Fridde stëll bewaacht,
 Sou ouni Pronk an deire Glanz
 Gemittlech léif et laacht;
 Säi Vollek frou sech soë kann,
 An 't si keng eidel Dreem:
 Wéi wunnt et sech sou heemlech dran,
 Wéi ass 't sou gutt doheem!

Gesank, Gesank vu Bierg an Dall
 Der Äerd, déi äis gedron;
 D'Léift huet en treie Widderhall
 A jidder Broschts gedon;
 Fir d'Heemecht ass keng Weis ze schéin;
 All Wuert, dat vun er klénkt,
 Gräift äis an d'Séil wéi Himmelstéin
 An d'A wéi Feier blénkt.

O Du do uewen, deem seng Hand
 Duerch d'Welt d'Natioun leet,
 Behitt Du d'Lëtzebuerger Land
 Vru friemem Joch a Leed!
 Du hues ons all als Kanner schonn
 De fräie Geescht jo ginn.
 Looss viru blénken d'Fräiheetssonn,
 Déi mir sou laang gesinn!

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie,
 déi säit November 2019 a Kraaft ass.

(1859/1873)

Michel LENTZ

De Feierwon

De Feierwon, deen ass bereet,
E päift duerch d'Loft a fort et geet
Am Dauschen iwwer d'Strooss vun Eisen,
An hie geet stolz den Noper weisen,
Datt mir nun och de Wee hu fonnt
Zum éiweg grouse Vëlkerbond.

Kommt hier aus Frankräich, Belgien, Preisen,
Mir wëllen iech ons Heemecht weisen:
Frot dir no alle Säiten hin,
Wéi mir esou zefridde sinn!

[...]

An hutt dir dann de Wiert erkannt
Vum klengen Lëtzebuerger Land,
An dir musst fort rëm vun ons goen,
Da kënnt dir an der Heemecht soen:
'T ass d'Gréisst net grad, déi d'Gléck bedeit,
Well an deem Land si glécklech Leit!

Kommt hier aus Frankräich, Belgien, Preisen,
Mir kënnen iech ons Heemecht weisen;
Frot dir no alle Säiten hin:
Mir wëlle bleiwe wat mir sinn.

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie,
déi säit November 2019 a Kraaft ass.

Méiglech Aufgaben

- Beschreift fir déi zwee Lidder, iwwert wat fir Aspekter jeeweils Lëtzebuerg definéiert gëtt.
- Vergläicht: A wat fir engen Hisiichte sinn dës Lidder änlech? A wat fir engen ënnerscheeden se sech vuneneen?
- 1993 goufen déi éischt an déi lescht Strof vun *Ons Heemecht* zur Lëtzebuerger Nationalhymn.
Diskutéiert: Fannt dir den Text nach passend?
- Liest den Artikel den [Artikel vum Fatima Rougi](#) iwwert dem Schrëftsteller Luc Spada säi Projet an diskutéiert d'Reaktiounen dorop, déi am Artikel ugeschwat ginn. Maacht duerno eng Recherche am Internet a fannt eraus, wat aus deem Projet gouf.

Fatima ROUGI

Nein, es wird keine neue Hymne geben¹



Quell: *lessentiel.lu*, publizéiert den 3. Abrëll 2014

LUXEMBURG – Ein Workshop von Luc Spada rund um die luxemburgische Nationalhymne hat für erhebliche Kontroversen gesorgt, die sogar das Parlament beschäftigt.

„Ziel des Projekts ist ganz und gar nicht, eine neue Nationalhymne zu schaffen“. Mit dieser Erklärung der Stadt Ettelbrück soll die Kontroverse rund um einen Workshop des Dichters und Schriftstellers Luc Spada beendet werden. Junge Menschen zwischen 16 und 25 Jahren waren aufgefordert worden, eine Nationalhymne für Luxemburg zu dichten – rein aus „künstlerischen Zwecken“. Doch die Idee schlug hohe Wellen, in sozialen Netzwerken wurde gehetzt; es gab sogar eine parlamentarische Anfrage.

„Es ist traurig, weil einige nicht einmal den Artikel von *L'essentiel* oder die Beschreibung des Workshops gelesen haben. Sie dachten nur, ich sei ein Linker, der die Hymne des Landes verändern will“, erklärt Luc Spada betrubt. Er sei schockiert gewesen, welche nationalistischen Reaktionen die Sache hervorgerufen habe. Beim „Conservatoire de musique du Nord“, dem Organisator der Veranstaltung, versteht man die Welt nicht: „Das Ganze ist so realitätsfern. Die Leute haben nicht verstanden, dass es einfach nur ein kleines Projekt für junge Menschen ist“, erklärt Direktor Marc Jacoby. Isabelle Lenz vom Conservatoire ist weniger schockiert: „Ich kann nachvollziehen, dass einige Menschen das falsch verstanden haben und das Thema Nationalhymne für manche Menschen ein wichtiges und empfindliches Thema ist.“

Die Stadt Ettelbrück, die auch die Idee für den Workshop hatte, erklärt, Ziel sei, „zu sehen, wie junge Menschen heute die Nationalhymne und

Luxemburg wahrnehmen. Ob sie das Land so sehen wie im Text von Michel Lentz beschrieben, oder ob sie vielleicht eine ganz andere Sicht auf ihr Land haben, das sich ja im Laufe der Zeit auch weiterentwickelt hat.“ So sieht es auch Marc Jacoby: „Dieser Workshop ist eine Hommage an die Nationalhymne. Es ist eine Möglichkeit, mit jungen Menschen über Fragen der Nation, der Identität zu reden und eine Sensibilität für ein Thema zu entwickeln, dem Jugendliche in dem Alter normalerweise keine große Aufmerksamkeit schenken.“

In einem früheren Interview erklärte Luc Spada, dass er den Workshop kaum erwarten könne, „weil die Hymne oft als etwas Unantastbares angesehen wird.“ Im Workshop würden die jungen Menschen die Gelegenheit bekommen, sich mit der Hymne auseinanderzusetzen oder sie erst einmal kennen zu lernen. „Ich glaube, dass einige den Text gar nicht kennen. Wenn sie an dem Workshop teilnehmen, wird sich das vielleicht ändern“, meint Isabelle Lenz.

Eins steht jedenfalls fest: Der Workshop wird nicht abgesagt. Aus organisatorischen Gründen wurde er zwar verschoben, doch er findet statt. Alle Organisatoren halten das Projekt nach wie vor für eine großartige Idee und Luc Spada ist motivierter denn je. Ihm seien jene, die den Workshop für deplatziert halten, egal. Für ihn sei es ein „sehr schönes und spannendes Projekt, das niemandem weh tut.“

Michel RODANGE

Der Grasmësch hiert Lidd

Auszuch aus: Méchel Rodange: **Renert. De Fuuss am Frack an a Maansgréisst.** Komplette Editioun mat histoireschen a politeschen Explikatiounen vum Romain Hilgert. Éditions Guy Binsfeld, Lëtzebuerg 2020. S. 276f. (XIV, 449-500).

- 449 All mir Déier si ganz dichteg
An eis Fiissercher si brav;
All eis Räre schreiwe richtig,
Keen ass och fir d'Wourecht daf.
- 453 Kanner, dat misst sinn e Glotten,
Deem net schmëich hir Schreiwerei,
A wat sinn se Paterjotten,
A kee Schallek ass derbei!
- 457 Hei geschitt kee blanne Läre,
't kann een traue grad op d'Wuert
Wi e Kand om Papp seng Ärem,
Déi et droen duerch de Fuert.
- 461 Well vum Kapp bis zou de Suelen
Si reell mir, als wi Gold,
A mir wëllen net bezuelen
Mat Schéischwätzen all eis Schold.
- 465 Blumme wuessen, wuer mer trieden,
Pëlgre mir no Lëtzebuerg;
Well mir sinn, als wi mer bieden,
Chrëschtkatholesch duerch an duerch.
- 469 Hei ass d'Bravheet guer kee Wonner,
D'Land ass allenenne voll;
Eist Gewëssen hält schéi sonner,
Wat een dunn a loosse soll.
- 473 D'Honn an d'Kaze si verdréiglech,
D'Schof an d'Wëllef hunn sech gier;
An de Stiede geet et déiglech
Wi an enger Kierch dohier.


n.b. D'Grasmësch séngt
hiert Lidd ganz zum Schluss
vum *Renert*, wéi de Fuuss am Duell
géint de Wollef gewonnen huet a vum
Léiw zum éischte Mann un der Sait
vum Troun erhuewe ginn ass. Doropshi
schmeechelen sech bal all d'Déieren, déi
virduun dem Fuuss säin Doud gefuerdert
haten, beim Renert bäi. D'Lidd vun der
Grasmësch (= dt. „Grasmücke“, e kleng
Villchen) ass en ironesche Commentaire
iwwert déi gesellschaftlech Zoustänn, déi de
Rodange a senger Fuussefabel kritiséiert.



- 477 Alles ass zum Gudde wëlleg,
All mir Männer dunn eis Flicht;
An eis Fraen, wi onschëlleg,
An eis Kanner ma' keng Spicht.
- 481 Dann eis Kueben, o wat Englen!
An eis Stéiren, wi gedam!
Bei Mauliesle si keng Benglen
Néideg hei an och keen Zam.
- 485 All eis Arem sinn och glécklech,
Duerch hir Eier, an der Nout,
An eis Räich sinn do ablécklech,
Wou et bënnt, mat engem Brout.
- 489 Nëmmescht geet bei d'Gléck hei gäipen
Fir eng Knippche senges Gold,
Net sech niddelträchtég näipen
Duer, wou Dalre gi geschmolt.
- 493 Vill ze grouss sinn all eis Ielen
A kee Sieschter ass ze kleng.
Wien sech wëllt en Hellge wielen,
Komm heihin, mer hunn eng Meng.
- 497 Wien sech wëllt Patréiner praffen:
Alles steet voll Gammen hei!
A keen eenzeg vun de graffen
Fënnt ee fir d'ganz Welt derbei."

Dësen Text entsprécht den
offizielle Reegele vun der
Lëtzebuurger Orthografie, déi säit
November 2019 a Kraaft ass.

Eenzel orthografesch
Ofwäichungen a bestëmmt
sproochlech Variante goufen net
ugepasst.



Erklärungen

- 451: „Déi Rären, déi Rären, / Déi spillen d'Sekretären“, heescht et am Dicks sengem Vulleparlament am Gréngewald (cf. I, 78).
- 454: „schméich“ – Konjunktiv vu „schmaachen“.
- 455: „Paterjotten“ – Verballhornung vu „Patrioten“.
- 460: „de Fuert“ – dt. „die Furt“; Plaz an engem Floss, wou d'Waasser net esou déif ass, sou datt ee gutt eriwuer kënn.
- 497ff.: D'Patrénier, d'Virbiller, kann ee sech iwwerall vun der Heck schneiden an déi Gamme virunzillen; a fir näischt an der Welt fënnt een eng graff.

Méiglech Aufgaben

- Sicht mat Hëllef vun engem Dictionnaire d'Bedeutung vun deene Wierder, déi der net kennt oder bei deenen der iech net sécher sidd.
- Schreift fir all Stroph ee Saz als Zesummefassung, an deem der mat äre Wierder erkläert, wat gemengt ass.
- Erkläert d'Ironie vun dësem Text. Wat kritiséiert den Auteur un der Gesellschaft?
- Schreift – eleng oder am Grupp – en ironeschen Text iwwert Lëtzebuerg, wéi dir et haut gesitt.

Tipp: Maacht iech als Virbereedung eng Lëscht mat Aspekter, déi der kritiséiere wëllt.



Jean-Paul JACOBS

Poulet mat Fritten an Zalot oder

De Jean-Paul rífft de Maréchal de la Cour un

In: Jean-Paul Jacobs: **Firwat as dem Denise séng Bitzmaschin da geckeg gin?**
De Jean-Paul rífft erëm un. Éditions Phi, lechternach 1998. S. 32-35.

De M. de la C.: Jo ...

De Jean-Paul: Hei ass Jacobs vu Berlin ...

De M. de la C.: Här Jacobs!

De Jean-Paul: Ech wollt emol froen, wat et mar den Owend z'iesse gëtt.
Ech géif nawell gär kommen ...

De M. de la C.: Ma dat ass léif! Ech kucken emol ...

De Jean-Paul: Loosst Iech roueg Zäit ...

De M. de la C.: Ech muss emol kucken. Ee Moment, wannechgelift. Ah, hei hunn ech de Menü ...

De Jean-Paul: Loosst Iech roueg Zäit ...

De M. de la C.: Ech hunn de Menü hei leien. Här Jacobs, 't gëtt Poulet mat Fritten an Zalot ...

De Jean-Paul: Ma dat ass flott!

De M. de la C.: Hutt Der dat gär?

De Jean-Paul: A jo, dat hunn ech ganz gär. Sinn dann och keng Wierm an der Zalot?

De M. de la C.: Ma déi huele mer eraus ...

De Jean-Paul: Dat ass ganz léif ...

De M. de la C.: Kommt Der dann iessen?

De Jean-Paul: Jo ...

De M. de la C.: Ma dat ass léif!

De Jean-Paul: Jo, dat ass ganz léif ...

De M. de la C.: 't ass wierklech léif ...

De Jean-Paul: Ech fannen och ...

De M. de la C.: Poulet mat Fritten an Zalot, dat ass ëmmer eppes Gutts ...

De Jean-Paul: Ech iessen dat ganz gär ...

De M. de la C.: Ouni Wierm!

De Jean-Paul: Ouni Wierm!

De M. de la C.: Mat engem Pättche Wuermeldenger.

De Jean-Paul: Näischt dergéint!

De M. de la C.: Et voilà!

De Jean-Paul: Et voilà! Bis mar den Owend. Ech komme ganz gär ...

De M. de la C.: Ma dat ass léif ...

De Jean-Paul: A jo, dat ass ganz léif ...

De M. de la C.: E gudde Poulet ...

De Jean-Paul: Mat Fritten!

De M. de la C.: A mat Zalot!

De Jean-Paul: Ech iessen dat esou gär!

De M. de la C.: Ech awer och!

De Jean-Paul: Dir och?

De M. de la C.: Poulet mat Fritten an Zalot, dat ass den Himmel op der Äerd!

De Jean-Paul: Dat ass d'Metafisik vum Iessen!

De M. de la C.: Dat ass de Paradäis um Dësch!

De Jean-Paul: En Iesse fir Aarm a Räich ...

De M. de la C.: En demokratescht Iessen ...

De Jean-Paul: An dofir kommen ech och ...

De M. de la C.: Mar den Owend?

De Jean-Paul: Jo ...

De M. de la C.: Voilà!

De Jean-Paul: Ech brénge just e puer Frënn mat ...

De M. de la C.: Ma dat ass léif. Wéi vill, wann ech gelift?

De Jean-Paul: O, zirka siwwenzeg ...

De M. de la C.: Siwwenzeg Frënn?

De Jean-Paul: All meng Frënn vu Berlin ...

De M. de la C.: Ma dat ass ganz gentil ...

De Jean-Paul: Awer kee Wuerm an der Zalot!

De M. de la C.: Kee Kabes am Poulet!

De Jean-Paul: Kee Schnéi op de Fritten!

De M. de la C.: Dat gött flott! Wéi ass Ären Numm, wannechgelift?

De Jean-Paul: Jacobs, Jean-Paul Jacobs vu Berlin.

De M. de la C.: Ah, den Här Jacobs?! Dat geet an d'Rei ...

De Jean-Paul: Awer mat Fritten! Mat Fritte wéi vu menger Bomi!

De M. de la C.: Dat ass entendu. Eis Fritten si ganz gutt. De Grand-Duc huet se och gär.

De Jean-Paul: Mar den Owend, um aacht Auer?

De M. de la C.: Um aacht Auer ...

De Jean-Paul: Am Palais?

De M. de la C.: Am Palais ...

De Jean-Paul: Villmools Merci, Här Maréchal ...

De M. de la C.: Bonsoir, Här ... wéi war Ären Numm, wannechgelift?

De Jean-Paul: Jacobs ...

De M. de la C.: Här Jacobs, jo. Ma dat geet an d'Rei. Poulet mat Fritten an Zalot. Mar den Owend um aacht Auer am Palais ...

De Jean-Paul: Dat ass ganz léif. Mir komme gär ...

De M. de la C.: Bonsoir, Här ...

De Jean-Paul: Jacobs ...


De M. de la C.: Bonsoir Här Jacobs ...

De Jean-Paul: Bonsoir Här Maréchal ...

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Beschreift den Humor an dësem Text. Gitt dobäi och op déi sproochlech Mëttelen an, déi den Auteur gebraucht. Maacht dofir fir d'éischt eng Tabell, an där dir d'Methode mat de Beispiller opléscht. Formuliert duerno méi allgemeng, mat wat fir engen humoristesche Strategien den Auteur schafft.
- Bewäert d'Gespräch tëscht dem Jean-Paul an dem Maréchal de la Cour vun engem satiresche Standpunkt aus. Iwwerleet duerfir, wien déi Leit sinn, déi hei mateneen telefonéieren. Wat fir eng Uspréich als Kënschtler stellt de Jean-Paul mat sengem Uruff?
- Schreift – eleng oder zu zwee – selwer en Telefongespräch tëscht iech an enger bekannter Persoun. Bréngt dës Persoun am Gespräch dozou, iech eppes ze verspriechen.



Claudine MUNO

Dat glécklecht Anouk

In: Claudine Muno: **Dat klenkt Buch vun der Doudangsch**. Op der Lay, Esch/Sauer 2009. S. 109-116.

D'Anouk S. vu Péiteng war ee vun deene glécklechste Mënsche vun der Welt. Gebuer 1971 op der Lénger Strooss, just op der richteger Plaz, ëm den Eck vun do, wou d'Géigend schonn ugefaangen huet schrappeng ze ginn, de Papp Schoulmeeschter, mee kee vun deene mat Alkoholproblemer oder een, deen an der Schivakanz mam sechste Schouljoer owes heemlech duerch d'Schlëssellächer kuckt, an d'Mamm huet sech ëm de Stot bekëmmert, mee ouni dass si do duerch verwahrlost wär.

D'Anouk S. war an där gudder Spillschoul, net bei där Spillschoulsjoffer mat den Depressiounen, an dono an där gudder Primärschoul, gottseidank ees se niewendrun de Lycée ausgebaut hunn, vun deem aus de lokale Marihuanahandel kontrolléiert gouf. Duerch d'ganz Primärschoul duerch huet d'Anouk S. nëmmen Eenter geschriwwen, mee ouni, dass et der dowéinst op d'Noss kritt hätt vun deenen, déi dono vum Lycée aus de lokale Marihuanahandel kontrolléiert hunn.

Mee wéi gesot, d'Anouk S. war ëmmer andersäits beléift. Souguer mat sengem Numm hat et Chance, e gouf ganz seele falsch geschriwwen, wat net de Fall gewiescht wär, hätt et Anouk mat "ck" geheescht, déi meescht Leit schreiwen Anouk nämlech spontan net mat "ck". Am Lycée waren se ënnert sech tëscht gutt gestallten a gescheite Leit. Mat 15 hat et säin éischte Frënd, de Christian B., mat deem et véier Joer zesumme war, bis se sech am éischte Joer Uni a géigesäitegem Averständnis getrennt hunn. Nodeem d'Anouk S. seng Première E bestanen hat, ass et op d'Bréisseler Beaux-Arts gaangen. An dat, obwuel de Papp säi Meed-

che gär och am Schoulbetrib gesinn hätt. Zu Bréissel ass et dem Ben W. begéint, dee séngersäits fir Schoulmeeschter geléiert huet. Nodeems béid hir Schoul fäerdeg haten, sinn se erëm zrëck op Lëtzebuerg komm, de Ben W. krut e véiert Schouljoer zu Bascharage an d'Anouk eng Plaz als Graphiker bei engem lëtzebuergesche Mediekonzern. Niewebäi huet et CDscovère fir lokal musikalesch Artisten entworfen. Wat dozou geféiert huet, dass d'Anouk S. sech souwuel am Stadzentrum a bekannte Lokaler mat sengen Aarbechtskollege weise konnt, wéi och a méi aschléiegen, illegale Siffecken am Süden.

Am Alter vun 28 Joer hunn sech de Ben W. an d'Anouk S. bestuet, och op hir Hochzäit war eng erfrëschend heterogeen Gesellschaft gelueden. Zwee Joer méi spët koum hiert éischt Kand, d'Sophie W., op d'Welt, am Oktober. Tëscht de Kanner Sophie an Tun W. (2 an en halleft Joer méi spët) huet d'Anouk S. seng Aarbecht net opgehollet an huet d'Berufsliewen eréischt erëm integréiert, nodeems dee Klengsten an der Spillschoul war. Mat de Kanner sinn d'Anouk S. an de Ben W. all Joer eemol an d'Vakanz gefuer op d'Plage wéinst de Kanner, mee net op déi Plage, wou all d'Leit hifueren, just op déi mat ganz e bësse Leit.

De Ben W. hat e Renault Scénic 7-Sëtzer, fir och d'Schwéiereltere mol kënne matzehuelen, an d'Anouk S. e bloe Peugeot 207 Diesel. Dem Ben W. seng Elteren hunn op der Musel gewunnt (de Papp war Reviseur d'Entreprise, mee kee vun deenen, déi engem ausrechnen, wéi vill ee spuert, wann een owes d'Luucht ausmécht fir de Fernseh ze kucken – d'Mamm huet op der Gemeng

geschafft, mee et war keng vun deenen, déi eppes mam Buergermeeschter oder eng Foto vun der groussherzoglecher Koppel doheem an der Stuff hänken hunn). Si koumen eemol am Mount bei d'Anouk S. an de Ben W. iessen, an eemol am Mount gongen de Ben W. an d'Anouk S. bei dem Anouks S. seng Elteren.

Si haten en DVD-Spiller, e Flatscreen-Fernseh an der Stuff, zwou Stereosanlagen, en iPod, fir wann de Ben W. jogge gaangen ass, ee Computer an een iMac fir dem Anouk S. seng Graphik-aarbechten. D'Sophie an den Tun W. hunn zu Käerjéng d'Primärschoul duerchlaf, den Tun W. huet Fussball gespillt an d'Sophie W. Querflütt. Si koumen an dee selwechte Lycée, an deem och d'Anouk S. an de Ben W. waren (de Ben W. allerdéngs ee Joer virum Anouk S.). Bei béide Kanner gouf weeder Hyperaktivitéit nach Konzentratiounsstéierungen, Dyslexie oder Dyskalkulie festgestallt. Si hu mat 16 Joer zu Péiteng hannert dem Lycée eng éischt Experienz mat Marihuana gemaach, déi allerdéngs ouni Suite bliwwen ass. Heiansdo hu si Alkohol consomméiert, mee nëmmen a kleng Quantitéiten an ni, wann si dono nach hu missen Auto fueren. D'Sophie W. gung wéi de Papp an de Schouldingscht, den Tun W. huet zu Bréissel Psychologie studéiert.

Obwuel dem Ben W. säi Papp am dem Anouk S. seng Mamm kuerz noene gestuerwe sinn, goufe béid Kanner relativ gutt mat deem Verloscht eens, well se sech géigesäiteg an dëser Zäit ënnerstëtzt hunn. Dem Ben W. seng Mamm an dem Anouk S. säi Papp hu sech wéineg Méint méi spéit fräiwëlleg an e korrekt ageriichtent Altersheim gemellt. De Ben W. an d'Anouk S. hunn hir respektiv Elterenhaiser verkaaft an ënner anerem an zwee Studioen investéiert fir d'Sophie an den Tun W. Den Doud vum Ben W. senger Mamm a Joren drop dee vum Anouk S. sengem Papp hunn déi zwee doduerch verkraaft, dass genoe zu deem Moment d'Sophie W. an dann den Tun W. hinnen hiert éischt an zweet Enkelkand geschenkt hunn.

Et ass moies fréi op engem 7. September, wou d'Anouk S. de Stach am Häerze spiert. Sou iwwerrascht vun deem onbekannte Gefill, mécht et kuerz drop d'Ae fir ëmmer zou. Dat ass deen eenzege Misär vun de gléckleche Leit: um Enn fält hinnen d'Stierwe vill méi schwéier wéi eis aneren.

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass.

Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Handelt et sech bei dëser Geschicht ëm eng realistesch oder ëm eng onrealistesch Lëtzebuerger Biographie? Begrënnt är Meenung unhand vun op d'mannst dräi Elementer aus dem Text.
- Erkläert, woua genoe d'Ironie vun dëser Geschicht besteet.
- Fannt dir de Klischee vum Anouk S. sengem Liewen zoutreffend? Nennt Aspekter, déi ärer Meenung no an enger ironescher Biographie vun enger jonker Lëtzebuergerin vun haut net dierfe feelen.
- Erkläert a kommentéiert de leschte Saz vun der Geschicht.

Lucien BLAU

Mat der Döschewo bei de Mao Tse-Tung. Eng Jugend am Minett

Geschichten. (Auszich) Éditions ultimomondo, Nospelt 2013.

Ech triede bei de Maoisten an (Auszuch), S. 83f.

Et wuar de Krich am Vietnam, deen eis politiséiert an eis Astellung zu den USA geännert huet. Mär wuaren opgewuess mat den Erzielunge vun eisen Elteren iwwert d'Helden aus den USA, déi an der Ardennenoffensiv, der *battle of the bulge*, hiert jonkt Liewe fir eis Fräiheet gelooss haten.

A villen Zinemasfilmer hate mer vu Kand u mat den amerikaneschen Zaldote matgekämpft géint d'Japsen an d'Nazien. Mär selwer hunn oft Krich gespilt mat eise Bazookaen a Maschinengewierer aus Plastik. Mär wuaren dann amerikanesch Zaldoten, déi Nazien niddergeméint hunn. D'Amerikaner wuare bis dohin eis Virbiller. Si wuaren eisen Elteren hir Befreier vun den Nazien.

De Prääsident Kennedy huet vill Jugendlecher a mengem Alter begeeschtert, a säin Doud zu Dallas huet hien zu enger mythescher Figur gemaach. Vill Hoffnunge sinn a säi Brudder Robert gesat ginn. Ech wuar amgaang, a menger Kummer fir de Passage-Examen ze büffelen, wéi meng Mamm ënnen an der Kiche Kreesch geden huet: „Elo hu se deen och erschoss!“

Mä ëmmer méi huet de Vietnamkrich eis revoltéiert. D'Biller aus dem Fernseh mat deem napalmverbrannte vietnameesesche Kand, dat mat groussen, erféierten Ae plakeg iwwert e Feldwee rennt, oder mat denen Honnerte vu Bommen, déi op Stied am Nord-Vietnam falen, hunn eis Usichten iwwert d'USA op d'Kopp gekéiert.

Mir kruten d'Gefill: Dat do ass kee Befreiungskrich mat engem gerechten Uleies, neen, dat ass en dreckegen Ënnerdréckungskrich. Dat huet eis opgewullt an entsat.

Eis Clique vum Lena, d'*Union de la Jeunesse de Dudelange*, ass geschlosse mat an d'Stad op d'Vietnamdemonstratioun gaang.

Mär wuare géint déi amerikanesch Administratioun, sinn awer weider der amerikanescher Rock- a Popmusek an dem amerikanesche Film verbonne bliwwen. De Film iwwert *Woodstock*, deen eist Liewensgefill erëmgespigelt huet, hu mer eis gläich e puermol eragezunn. Mär wuare solidaresch mat deene jonken amerikanesche Studenten, déi och op d'Strooss gaang si géint de Vietnamkrich. Mär hunn dem Bob Dylan an dem Joan Baez hir Lidder auswenneg kannt a se bei all Geleeënheet, wann nëmmen een eng Gittar derbäi hat, gesong. Iergendwéi hu mär jo och ausgesinn ewéi déi amerikanesch *Flower-Power*-Generatioun.

[...]

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass.

Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Informéiert iech iwwert déi historesch Evenementer, déi den Erzieler uschwätzt, an notéiert iech jeeweils e puer Sätz als Informatioun.
- Erkläert déi ënnerschiddlech Vuen op d'USA vum Erzieler a senger Generatioun op där enger Säit an der Generatioun vu sengen Elteren op där anerer Säit.
- A wéi engen Hisiichten ënnerscheet sech dem Erzieler seng Vue vun den USA vun där, déi Jonker vun haut hunn? Gitt an ärer Äntwert konkret Beispiller fir är Opfaassung.
- Iwwerleet, wat haut Evenementer an Entwécklung sinn, déi Jonker dozou bréngen, sech politesch ze engagéieren. Beschreift, wéi dir de politeschen Engagement vun ärer Generatioun gesitt: Setzt si sech ärer Meenung no genuch a fir déi richteg Ziler an?

De Miliant (Auszuch), S. 123ff.

[...]

En NATO-Freak hate mer och am Engleschen. Seng Stonnen hunn doranner bestan, datt mär aus engem Buch virgelies hunn. Am Ufank vun der Stonn huet hien e Schüler opgeruff: „Begin to read at the page ...“. Deen huet dann ugefaang, haart ze liesen, ouni vill Begeeschterung a Betounung. No enger Zäit koum dann dem Proff säin zweete Saz: „The next one, Mister ...“. Och nach en drëtte Sproch hat hien drop. Huet e Schüler ausgestreckt a gefrot: „What does that mean ...?“, krut hien ëmmer déi selwecht Äntwert: „Nothing!“.

Deem Engleschproff seng Dissertatiounsthema waren ëmmer sou neutral wéi *Demonstrate that America is the greatest Nation under God*.

Am Englesche war ech ëmmer gutt. Ech hat mer jo nieft menger Schoullektür – Hemingway oder Graham Greene – duerch dat gewëssenhaft an ausféierlecht Liesen an der amerikanescher Ausgab vum *Penthouse* a *Playboy* e grouse Wuertschaz zougeluecht.

Och aus diverse *Songbooks*, déi mer eis géigesäiteg ausgeléint hunn, hu mer Texter vun de Beatles, de Stones oder dem Janis Joplin an en Heft opgeschriwwen, wa méiglech an de Schoulstonnen. Dat huet bal esou ausgesinn, wéi wa mer géifen äifreg Notize vum Cours huelen.

Dofir war ech ëmsou méi paff, wéi ech vun deem strammen Amerika-Unhänger, deem ech a mengem jugendleche Liichtsënn eng gewëssen Toleranz zougetraut hat, eng Datz erëmkru. Nëmme 28 Punkten. Meng Schoulkomeroden, déi u meng gutt Resultater am Englesche gewinnt waren, hu mech verwonnert ugekuckt.



Ech si bei d’Pult meng Kopie siche gaang. Den NATO-Freak huet mech mat engem süffisante Grinse gemustert a mer meng Kopie gereecht. „Please, Mister Blau.“ Nervös an opgereegt hunn ech him s’ofgeholl. Vir drop stoung a roudere Fuerf effektiv eng 28. A menger Bänk hunn ech duerch meng Kopie gebliedert. Et wuar näischt ënnerstrach, an dat vu vir bis hannen. Als eenzege Kommentar op menger Prüfung stoung lénks um Rand nieft dem Numm Angela Davis, iwwer dat ech och geschriwwen hat: „I don’t know this person!“

Ech hat a menger Dissertatioun versicht ze erklären, datt déi amerikanesch Administratioun am Vietnam en ongerechte Krich féiere géif an datt an den USA nach ëmmer Rassentrennung a sozial Ongerechtegkeet herrsche géifen. Ech hu vum Martin Luther King sengem *civil rights movement* geschriwwen, vum Malcolm X an natierlech vum Angela Davis, dat am Prisong souz an deem Land, wou d’Meenungsfräiheet jo sollt existéieren.

An der nächster Stonn hunn ech e *KONKRET* matbruecht, wou en ausféierlechen Artikel iwwert d’Angela Davis dra stoung. Direkt am Ufank vun der Stonn sinn ech bei d’Pult gaang an hunn d’Zeitung drop geluecht. An der Klass wuar et op eemol esou roueg, datt et mer schonns e bëssen ongeheier wuar. Ech hunn all mäi Courage zesummegeholl an dem Proff mat engem liichten Zidderen an der Stëmm gesot, well hie jo net wéisst, wien d’Angela Davis wier, géif ech him de *KONKRET* ausléinen. Do wier en exzellenten Artikel iwwert déi amerikanesch Biergerrechtlerin dran.

Dunn hunn ech eng Kéier geschléckt an him gesot, ech wier iwwerhaupt net averstane mat senger Bewäertung. Néierens wier e Feeler ënnerstrach. Mäin Häerz huet ferm geklappt, awer ech hunn och e gewësse Stolz gespiert. Meng Klassekomeroden hunn nach ëmmer gespaant deem Spektakel nogekuckt.

Proffe wuaren deemools net gewinnt, eng Nott ze justifiéieren, och net d’Unhänger vun der amerikanescher Demokratie. Hien huet mech entgeeschtert gekuckt, d’Oderen a sengem Hals sinn op eemol geschwollen, säi Gesiicht gouf feierrot. Hien ass opgesprong, säi Stull ass ëmgefall, hien huet sech mat senger voller Gréisst viru mär opgebaut, huet no der Zeitung gegraff a se duerch Zoufall genee an der Mëtt opgeschloen.

Do wuar am *KONKRET* ëmmer eng plakeg Zatz. E *Pin-up girl*. Obschonns dat jo grad eng amerikanesch Traditioun wuar, besonnesch bei der amerikanescher Arméi, vun där mäi Proff jo ëmmer esou geschwäermt huet, huet hien „Mister Blau, that’s pornography!“ an d’Klass gebrëllt, an de *KONKRET* ass duerch de Sall geseegelt a widdert eng Mauer geklätscht.

Déi nächst Dissertatioun wuar erëm vum selwechte Kaliber. Sollt ech him nees eng Kéier an d'Messer lafen? Sollt ech mer erëm eng bluddeg Nues huelen? A mer um Schluss vum Joer mat enger Datz am Engleschen en Noexame fänke goen? Beim Brecht hat ech gelies, et sollt ee seng Feinden iwwerlëschten.

Ech hunn him eng Dissert geschriwwen, wou ech bewisen hunn, datt Amerika wierklech déi gréissten Demokratie ënnert Deem do uewe wier. Ech hunn natierlech schwéier iwwerdriwwen. Meng Uarbecht wuar e Glanzstéck, déi Kéier net vu Leninismus, mä vun Zynismus.

De gudde Mann wuar begeeschtert an huet wierklech geduecht, hien hätt mech iwwerzeegt, ech wier a mech gaang an hätt erausfonnt, datt hie Recht hätt. 58 hat ech dës Kéier. Als eenzeg Remark stoung elo „Now, you are a very intelligent young person“ op menger Kopie. Ausser dem „Now“ hat de Mann natierlech recht.

[...]

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass.

Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Den Ënnertitel vum Buch deit op dem Auteur seng Kandheet am Minett hin. Wourun erkennt een déi geografesch Zouuerdnung? Markéiert d'Plazen am Text!
- Sicht zu den Nimm vun historesche Perséinlechkeeten (Martin Luther King, Malcolm X, Angela Davis, Brecht), déi am Text genannt ginn, Informatiounen an notéiert iech zu jiddwerengem ongeféier zwee Sätz als Beschreibung.
- Beschreift dem Engleschproff seng pädagogesch Methoden. Wéi ginn dës Methode vun der Erzielinstanz bewäert?
Tipp: Maacht an ärer Äntwert en Ënnerscheid tëscht dem Jong aus der Erënnerung an dem erwuessenen Erzieler.
- Beschreift, wéi a mat wat fir enger Begrënnung de Schüler op dem Proff seng Bewäertung vum éischten Aufsatz reagiert. Bezitt selwer Positioun zu senger Taktik am nächsten Aufsatz an dozou, wéi hien seng Taktik zum Schluss selwer bewäert.
- Gehéieren Diskussiounen iwwert Politik ärer Meenung no an d'Schoul? Wat fir Chancen a wat fir eng Gefore gesitt dir dobäi? Begrënnst äre Meenung.

Serge TONNAR

ech si lëtzebuerg

Wierder a Musek: Serge Tonnar © MASKéNADA 2013

1

ech si mat muskelschwund de georges christen
 de girardelli am plou op ufängerpisten
 de bommeleeër an och säi riichter
 ech sinn den thierry, awer anonym an niichter
 ech sinn de frieden als grouse künstler
 den andré hoffmann als member am cercle münster
 ech sinn am te deum an hu kee kleeed un
 ech sin de grand-duc an d'grand-duchesse, déi sech gescheet hunn
 ech sinn de bëttel, dee glat keng sau kennt
 ech sinn de mittal, deen ënnert der roudert bréck pennt
 ech sinn de fränk an ech hu kee brudder
 d'lea linster a kache fir kackmaschinne fudder

refrain

ech sinn alles, an ech sinn näischt
 d'madeléin, déi laacht, de klon, dee kräischt
 et gëtt däi lëtzebuerg an et gëtt mäint
 looss et gutt sinn, jidderengem säint

2

ech sinn den dillenbourg mat hoer an der nues
 ech sinn de guillaume a méien zu fëschbech de wuess
 de vullegast, dee sech mol gekämmt hätt
 de juncker, dee mam colombero eng gedämpft hätt
 ech sinn de bartolomeo, deen d'fëmmen um mars verbitt
 de strummert, deen an eng villa um eecheffeld zitt
 ech sinn den tonnare, just am cercle bech
 ech si bestuet mam foxefern a mam colette flesch
 ech sinn de jemp schuster, dee just nach fir d'wort schreift
 de marc thoma, dee sech selwer lo en nol an de kapp dreift
 den hollerech, deen an aller ëffentlechkeet buppt
 de robert biver, deen net an déi eege promillskontroll knuppt

3

ech sinn de bausch an allergesch op geméis am gesiicht
 ech sinn de fausti, deen eent an der bambubar um buedem biischt
 ech sinn de rewenig, dee jo an amen seet
 sinn d'astrid lulling, wat op eemol kee lëtzebuergesch versteet
 ech si christus an ech sinn och buddha
 ech liewen zu kanech, zu kairo an zu kalkutta
 ech sinn esou an dann och nees anescht
 ech sinn zu shanghai, schikago a schlënnermanescht
 ech sinn de glawen an och d'mathematik
 ech sinn d'thes an d'antithes vun all thematik
 ech si rout, wäiss, blo, giel a schwaarz wéi d'nuecht
 ech sinn net lëtzebuerg, ech si lëtzebuerg

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzeburger Orthografie,
 déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen
 a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

n. b. Dir fannt d'Liddertexter vu Legotrip op <https://legotrip.lu/bibliotheik/texter/>

Méiglech Aufgaben

- Deelt iech a Gruppen an. Recherchéiert déi verschidde Leit a Referenzen op Evenementer, déi am Lidd ugeschwat ginn.
- Beschreift, wéi eng Opfaassung vu Lëtzebuerg an dësem Lidd kritiséiert gëtt. Erkläert och, wat d'Lidd dëser Opfaassung entgéintsetzt.
- Analyséiert kritesch d'Auswiel vun de Beispiller. Wéi eng Gruppe vu Leit gi genannt an a wat fir engem Ëmfang? Wéi eng net?
- Schreift eng eege Stroph, déi zur haiteger Gesellschaft passt.
- Vergläicht de Refrain mat dësem Virwuert vun enger Kuerzgeschichtesammlung vum Gast Groeber. Gitt dobäi besonnesch op d'Roll vun de Possessivpronomen an.

Gast GROEBER

Eng Stad ënnert dem Himmel

Kuerzgeschichten. (Auszug) Op der Lay, Esch/Sauer 2016. S. 5.

Schrëtt schloen de Rhythmus vu Gedanken.

Oder vläicht och genee ëmgedréint?

Aus engem Appartement erausgaangen, gi Féiss a Gedanke spadséiere gefouert, op engem Trottoir, an enger Strooss vun engem Quartier an enger Stad.

Appartement, Strooss, Quartier, Stad.

Kengem seng!

Possessivpronome pechen d'Welt zesummen.

Si maachen aus dem Niewenteneen op eemol e Mateneen.

Si maachen aus engem Mënsch anere Leit hiren Noper, hire Bekannten, hiren Ugestallten, hiren Aarbechtskolleeg, hire Frënd, hiren Intimen.

Possessivpronomen erlaben, dass Klaatsch opkënnt.

De Klaatsch ass kengem säin. Et gëtt en einfach nëmmen.

En ass zu jidder Zäit do, lauert doruechter, ëmmer prett, fir lassgelooss ze ginn.

An da gëtt et dee Mënsch, mat sengen Trëtt a senge Gedanken. Op engem Trottoir, an enger Strooss, an engem Quartier, an enger Stad.

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- f. Stellt iech vir, dësen Text wier just den Ufank vun enger Geschicht. Schreift dës Geschicht! Passt dobäi op, datt ären Text mat dësem Ufank zesummenhängt.

Tipp: Markéiert déi wichtegst Begrëffer hei am Text, déi – an iergendenger Form, déi dir selwer wielt – an ärem Text musse virkommen.

Gast GROEBER

Brudder, oh Bridderchen

In: Gast Groeber: **Eng Stad ënnert dem Himmel**. Kuerzgeschichten. Op der Lay, Esch/Sauer 2016. S. 17-24.

Et ass ganz roueg an si stinn zesummen an enger breeder Rei. Hatt hieft kuerz säi Bléck.

Esou vill Leit sinn heihinner komm!

Hatt zitt de Kapp erëm eran.

Wat déi em dach all an dësem Moment egal sinn!

Seng Eltere stinn niewent em, an och d'Bomi.

Säi Papp gräift no senger Hand, hält se fest, sou wéi deemools e bësschen, wéi si kleng waren.

Hie war dacks mat hinne spadséiere gaangen, an a jiddwerenger vun sengen eegenen, groussen Hänn hat en eng kleng Hand vu senge Kanner agekrämpft.

E Papp mat sengen zwee Kanner, Hand an Hand, sechs plakeg Féiss um rengen grimmelege Sand vun enger waarmer Plage. An och sechs Wanderschong an de wielege Blieder vun engem verniwwelten Hierschtbësch, oder sechs Stiwwele am grätschege Schnéi vun engem kalen, kuerzen Winternomëtten.

Hatt luusst heemlech op hien eriwwer.

Fréier huet hatt de Kapp missten hiewen, elo net méi.

Vläicht well hien de Kapp tëscht seng Schëlleren eragezunn huet an eidel op de Buedem stierkt. Hatt léisst säi Bléck och erëm eroffalen.

Elauter kleng Kräsisteng, an deenen hir Féiss stinn!

Vill waren se zesummen trëppele gaangen, deemools, wéi si zwee nach kleng waren.

An der Lescht, heiansdo, wann s'allen zwee vun der Uni zeréck am Land waren, sinn s'och nach en Tour mam Papp spadséiert, meeschtens duerch de Bësch, hannert de leschten Haiser, den Hiwwel erop. Si hunn him d'Hand zwar net méi ginn, mee

vill geschwat hunn s'ëmmer ënnerwee, iwwert alles, wat hinnen duerch de Kapp goug.

E Geroch lenkt et of

Wäirauch!

Dem Bopi säi Begriefnes, virun zwee Joer!

D'Mamm stoung dunn nieft der Bomi, hat s'ëm d'Hëft gepaakt an huet se gestäipt. Déi aarme Bom hätt kënnen a sech selwer zesummefalen, wann d'Mamm se net gestäipt hätt.

Haut ass alles verkéiert. Elo hält d'Bomi d'Mamm fest, fiert hir heiansdo iwwert d'Schëller, oder iwwert de Réck.

Déi Zeremonie hei, dat war jo souwisou der Bom hir Iddi gewiescht.

Keent vun hire Kanner an Enkelkanner war gleeuweg, dat wousst si. Dat war och ni en Diskussiounstheema gewiescht, bis déi lescht Woch.

– Mee, hat d'Bom op eemol gesot, et war jo och net virgesinn, dass ee vun iech viru mir géing goen.

D'Elteren haten éischter un eppes Diskretes an aller Intimitéit geduecht. D'Bom hat sech awer net ginn.

An elo stinn se hei, ronderëm déi Këscht, mat all deene Leit derbäi.

De Paschtouer ass grad amgaang, Laténgesch ze schwätzen. Dann zappt en eng Zort Toilettëbiischt an e klengen metallenen Eemerchen a besuddelt de Sarg mat Waasser. Dat pärelt um poléierten Holz zu décken Drëpsen zesummen, eng dovunner bleift der klenger Jesusfigur am Nuebel hänken.

Hatt spiert eng kräfteg Hand a sengem Bauch. Déi zerdrätscht em de Mo, rappt drun hin an hier, wullt eng Péng dran, wéi se bal net auszehalen ass. Wat war dat mat där Toilettëbiischt elo grad? Wéi

e Message sollt domadder vermëttelt ginn? An eng Schäisswelt goufs de gebuer, du has vill Schäiss erlieft an elo gëtt Waasser gezunn? Du gëss entsuergt an deng lescht Spueren uerdentlech ewech geschruppt? Dass d'eng Kéier gelieft hues, ass am Endeffekt schäissegal?

D'Fauscht a sengem Bauch boxt de Mo dronken. Den Niwwel a sengem Kapp mécht en Trëndel, dréckt em widder d'Oueren. E Geräisch quëtscht sech derduerch.

Seng Mamm! Si hickt hiert Gekräischs eraus, eng Staumauer gëtt no, kritt Rëss, brécht derduerch.

Hatt kuckt eriwier op si.

Komesch! Et ass fir d'éischte Kéier, dass si kräischt, zanter dass si et gewuer goufen.

Wéi d'Poliziste laanschkoumen a geschellt haten, waren seng Elteren allen zwee bei d'viischt Dier gaangen.

– Wat ass dann elo lass?

Hatt war an de Gank gaangen, huet vun do aus nogelauschtert.

D'Polizisten haten d'Elteren duuss a gedëlleg iwwert d'Fakten informéiert. D'Mamm hat direkt eng Riddo an hirem Kapp erofgelooss, hat gesot, si wëlt dat net gleewen, si missten hir scho Beweiser bréngen. Si war bei d'Garderobe gaangen, hat hire Mantel geholl an hat d'Polizisten opgefuerdert, si op d'Plaz ze féieren, fir dass si sech mat eegenen Aen e Bild kéint maachen. Déi zwee Beamte ware genéiert gewiescht, de Psy, dee matkomm war, hat dunn ugefaangen, mat hir ze schwätzen. Hien hat gedëlleg erkläert, dass den Auto méi wéi warscheinlech schonn opgelueden an ofgeschleeft wier. Hien huet Nee mam Kapp gerëselt. Neen, si kéint hien och net besichen, op jidder Fall nach net direkt. Hie wier jo net an e Klinikszëmmer gefouert ginn. Si hat d'Poliziste gefrot, wéi dat Ganzt dann eigentlech geschitt war. Si wousste leider nach net vill, Miessunge waren nach amgaang, gemaach ze ginn, et misst een ofwaarden, ob d'Resultater dovunner eppes brénge kéinten. Zeie goufen et leider och nach keng. Si

hat de Mantel zeréckgehaangen, de Kapp gerëselt, just gesot, hien hätt dach awer versprach, mat Zäiten heiheem ze sinn, fir d'essen. Dunn hat se nach eemol de Kapp gerëselt, an op hiert Meedche gekuckt, hatt gefrot, wien dat dann elo alles iesse géing, wat si zwee virbereet haten. Si hat sech erëm zu de Poliziste gekéiert an déi ganz spontan agelueden, dach einfach eppes mat z'essen. Déi zwee haten sech entschëllegt, si misste gläich nach weider.

– Well, Madame, mir si jo nach am Déngscht. Et deet eis leed.

De Papp hat bis dohinner nach guer net geschwat. Hien hat deenen zwee Beamten d'Hand gedréckt a Merci gesot. De Psy war nach e bëssche bliwwen, en hat sech mat un den Dësch gesat, e bëssche mat hinne geschwat, dem Papp geroden, den Hausdokter ze ruffen, wéinst deem Schock, ënnert deem d'Mamm warscheinlech stéing. Den Hausdokter war geschwë komm, en hat e kuerzt Gespräch mam Psy. Deen hat dunn Äddi gesot – d'Iesse war stoe bliwwen.

Seng Mamm schléckt, gierkt hir Tréinen erof. D'Péng duerchbrécht elo d'Äisdecke vun de Berouegungsmëttelen, déi se vum Hausdokter verschriwwer krut hat. Si hält net op mat Kräischen, ëmmer weider, ouni Enn, déif a sech selwer eran. Hatt gesäit se guer net gäre esou, dat deet him nach méi wéi. Et kuckt erëm op déi hëlze Këscht. De Paschtouer schwätzt nach e puer lescht Wieder. Hatt héiert se, kritt se mat, mee bréngt et net fäerdeg, se mat Sënn ze bepaken. Hatt versteet am Moment just déi Tréinen, déi em iwwert d'Baken erofbonzelen an déi eekleg Péng am Bauch. Säi Papp dréckt em d'Hand elo eemol duuss a léisst se dann erëm lass.

Hatt erschreckt. De Paschtouer kënnt op si duer getrëppelt, bleift bei jidderengem stoen, gëtt em d'Hand. Ouni e Wuert ze soen. Ee Moment laang geet et him duerch de Kapp, fir de Mann ze froen, wat dat Gedeesems virdru mat där Toilettëbiisch do sollt. Mee dann hält et de Mond. Dee Mann

mécht jo just nëmmen säin Job. Grad esou wéi déi zwee Polizisten, déi laanschkomm waren, fir déi grujeleg Noriicht eriwwerzebréngen.

Knapps fënnf Minutten, ier déi zwee un d'Hausdier schelle komm waren, war de Papp bei hatt a bei d'Mamm an d'Kiche komm. Hien hat just um Radio héieren, dass en Nolauschterer e schwéiert Accident eragemellt hat. Op där Streck, déi säi Brudder sollt heemgefuer kommen. Et géing elo schonn e gréissere Stau do ginn.

Hoffentlech huet de Bouf dat matkrut, hat hie gemengt. Well soss géing e jo riskéieren, e gudde Strapp festzehänken. Ee Moment laang hat de Papp dru geduecht, fir him op den Handy unzeruffen, mee si wousste jo all, dass säi Brudder deen ëmmer beim Fueren ausgeschalt gelooss huet.

Der Mamm war eng Gromper aus dem Grapp gefall, déi se just amgaange war ze schielen. Si hat se séier erëm opgeraf a gesot, dass se dann eeben e bëssche méi spéit géingen iessen.

Den Dag duerno hat se net opgehalen ze widderhuelen, dass dat en Zeeche gewiescht wier, wéi déi Gromper hir dee Moment entwutscht wier. Si hätt do scho gespuert, dass eppes net an der Rei gewiescht wier.

D'Hand, aus där d'Gromper getrollt war, gëtt elo vu villen anere gedréckt. Eng laang Rei vu Leit trëppelt laanscht si, e puer drécken hiert Bäileed aus, anerer soen näischt. Eenzeler bleiwen och virun him stoen, kucken hatt kuerz an d'Aen. Et wëllen der och e Saz ufänken, mee da verschlécke s'en. Hir Hänn drécken seng Hand, oder leeën sech op seng Schëller. D'Fangeren dorunner taaschten no der Erënnerung u säi Brudder, wëllen him se ewechräissen.

D'Schlaang ass ouni Enn – Famill, Noperen, Lycéeskolleegen, Proffen, Uniskolleegen, Frënn, den Elteren hir Aarbechtskolleegen, Leit aus de Clibb. Hatt spiert seng Been net méi, säi Réck deet em wéi, d'Péng am Bauch hummert em bis an den Hals erop, seng Ae kënnen d'Tréinen net bremsen. Op eemol kënnst kee méi laanschtgetrëppelt. Et ge-

schitt eng Zäitchen näischt méi. Da gëtt de Sarg ewechgedroen, bis bei d'Graf. Do gëtt en an de Buedem néiergelooss. Säi Brudder gëtt bei säi Bop getässelt.

D'Bomi wëllt onbedéngt derbäi sinn. Hatt gesäit, wéi seng Mamm sech dogéint strieft. D'Mamm ass verännert, ganz anescht wéi an de leschten Deeg. Do konnt se net genuch kréien, alles wollt se wessen, alles wollt se kucke goen. Wéi wann s'epptes hätt missten erausfannen.

Fir d'éischt hat se de Papp mat an d'Morgue geschleeft. D'Dokteren haten hir dovunner ofgeroden, mee si hat sech drop behaupt, dass et hiert Recht wier. Wéi se vun do zeréckkoumen, hat de Papp sech eng Zäitchen a säi Büro zeréckgezunn. Mee d'Mamm hat hien nach eemol ugeschier, well se d'Plaz vum Accident nach onbedéngt wollt gesinn. Hatt hat och misse matgoen.

Si hat d'Krazerten um Bam ofgetaascht, déi grouss plakeg Plaz um Stamm, wou d'Schuel ewechgerappt gi war. Du war se de Spueren an d'Feld eran nogaangen, bis bei déi Plaz, wou de Buedem vun der gekippter Karosserie opgekéipt gi war. Si hat sech virun e breede Fleck um Buedem gehuppt, hat hire Fanger driwwer geriwwen, mengem Papp en ze riche ginn. Et wier Ueleg, hat se him erklärt, an dass si scho gefaart hat, et wier dem Jong säi Blut.

Den Dag drop hat se de Papp bei de Garage gehetzt, hat do d'Carcasse vum vreckte Won inspizéiert, mam Handy Fotoen dervunner gemaach. Déi hat se doheem erausgedréckt an huet se mat Passfotoe vum Brudder, mat der Doudesannonce, mat allen Zeitungsartikelen iwwert d'Accident, déi se fonnt an ausgeschnidden hat, mat ausgeprinten Norichtenartikele vum Internet an en Album gepecht. Op den Deckel vum Album hat se just sengem Brudder säin Alter geschriwwen an den Datum vum Accident. Sengem Doudesdag!

Et ass roueg. Hatt kuckt dat Lach, deen opgetippte Buedem niewendrun. An him selwer, bannendran, do ass och esou en opgewulltent Lach. A

sengem Mo, déi Hand, déi et virdrun do gespuert hat, déi huet em et dragemaach, em säi Brudder erausgerappt.

Elo ass e mam Bop am Himmel, seet d'Bom.

Gleeft déi dat, wat se seet? Oder ass deen Himmel an hirem Kapp?

Hatt dréit sech ewech vum Graf, trëppelt lues op de Wee, gesäit en nëmmen ondäitlech, vun elauter Tréinen. Heiansdo bleift et stoen, kuckt aner Griewer. Elauter ënnergeschäerte Mënschen. Hire Sarg gouf bestëmmt och mat der Toilettëbiischt besudelt. Et kuckt dee laange Kiselwee erof. Kiselsteng, esou vill wéi verstuerwe Leit.

Et gesäit, dass nach Frënn a Famill um Trottoir virum Kierfecht ze waarde stinn. Schläicht tëscht de Griewer bis bei e Säitenausgank, geet iwwert Ëmweeër heem. Et mécht sengem Papp en SMS, fir Bescheed ze soen.

Iwwert d'Trottoire probéiert et sech un Detailer ze erënneren. Wat war dat Lescht, wouriwwer et mat sengem Brudder geschwat hat?

D'Tréinen dréchenen am duusse Wand.

Am Haus ass et eidel roueg. Hatt geet a sengem Brudder säin Zëmmer. Et hieft säi Kappkëssen op, richt drun, péckt d'Liederjackett un, déi nach iwwert de Bürostull hänkt.

Säi Bléck ënnersicht de Büro.

E Buch. Dee Roman, vun deem hien him erzielt hat. E war amgaang gewiescht, deen ze lesen.

E Pak Zigaretten. Hien hat dach gesot, en hätt opgehalen?

Eng Zäitschrëft. Opgeschloe bei engem politesche Commentaire. Ënnerstrache Passagen, Froenzechen an Notizen am Rand.

Eng Foto. Hien an hatt – viru véier Méint, op dem Papp sengem Gebuertsdag, Aarm an Aarm. Gespréicher iwwert hir Unien. Iwwert hir Bezéiungen.

Säi grouse Brudder!

Hatt tippt mam Fanger op säi Gesiicht.

– Stell der vir, ech hätt dat do mat dir gemaach!,

pëspert et.

Et grinst a säi Kräischen eran, leet d'Foto zeréck.

Et geet a säin Zëmmer, rëselt de Kapp.

Gräift no engem alen CD, leet en an a lauschtert ee Lidd an der Schläif.

Sou, wéi wann et wéi fréier wier.

Et schwiert sech, säi Brudder all Kéiers besichen ze goen, wann et am Land ass.

Op déi Plaz, wou et hien ni begéine wäert.

Ni méi wäerten se sech gesinn!

An et wäert nëmme bei hien op Besuch goen, op Besuch aus senger an déi aner Welt.

Nëmmen op Besuch, gefaangen tëscht zwou Welten.

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuurger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass.

Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Datt der Protagonistin hire Brudder gestuerwen ass, gëtt eréischt relativ spët am Text ausdrécklech gesot. Fannt déi Plaz a sicht dann no Hiwäiser virdrun am Text, déi dës schlëmm Wourecht schonn undeiten.
- Beschreift déi ënnerschiedlech Reaktiounen vun de Familljememberen op den Doud vun hirem Jong, Enkel a Brudder.
- D'Protagonistin denkt um Kierfecht:
„Wat war dat mat där Toilettëbiischt elo grad?
Wéi e Message sollt domadder vermëttelt ginn?
An eng Schäisswelt goufs de gebuer, du has vill
Schäiss erlieft an elo gëtt Waasser gezunn? Du gëss
entsuergt an deng lescht Spueren uerdentlech ewech
geschruppt? Dass d'eng Kéier gelieft hues, ass am
Endeffekt schäissegal?“
 - Erkläert dës Astellung zum Liewen allgemeng an am Kontext vun der Geschicht.
 - Sidd dir mat där Astellung averstan? Argumentéiert a gitt an ärer Stellungnam konkret Beispiller.

Josiane KARTHEISER

Gees de mat?

Eng modern Famill op der Sich no enger Äntwert

Kremart Edition, Lëtzebuerg 2014. S. 5-10.

Singapur! Wat soll ech zu Singapur? An dat och nach fir zwee Joer! Wann dat elo New York oder London wier, okay, dat kéint ech mer virstellen, mä Singapur? Eng Woch Vakanz do, jo, e bëssen Exotik, eng aner Kultur, en anere Liewensstil, vläicht esouguer eppes, wat een heiheem an den Alldag integréiere kéint, jo, ob-schonn: Ech weess aus Erfahrung, datt déi Begeeschterung ni laang unhält a mer erëm séier an eiser gewinnter Routine landen, ouni eppes ze änneren. Mä zwee Joer laang als Friemen, als permanent opfällege Friemen, esou anzwousch ze liewen, dat geet net, dat kann ech net! An et ass net, wéi wann ech mech net beméie géif, zanter enger Woch froen ech mech vu mueres bis owes an nuets, wann ech waakreg nieft dem Lynn leien, ob ech net awer ... mä neen. Ech wëll net mat op Singapur!

D'Lynn war iwwerglécklech, wéi et owes heemkoum mat senger grousser Nouvelle: Seng Bank wëllt hatt fir zwee Joer dohinner schécken, eng Méiglechkeet, sech op engem neien, e bësse méi héije Posten ze beweisen an duerno nach weider d'Leeder eropzeklammern. Also genee dat, wat sengem Temperament a sengem Éiergäiz entsprécht. A wat si schonn zwee Joer! Mä sinn et wierklech nëmmen zwee Joer? Well maache mer eis näischt vir, dat ass dach nëmmen déi typesch Salamtaktik vun de Patronen. Fir d'éischt heescht et zwee Joer an duerno nach eng Kéier zwee Joer, a wie kann dee Moment schonn Nee soen, et ass ee jo souwisou do, et ass een agelieft, et kennt een déi richteg Leit, also kann een och bleiwen. Wat net onbedéngt wouer ass, vläicht huet een es bis iwwer zwee Oueren, vläicht huet een déi zwee Joer just ausgehalen, well ee sech gesot huet, datt et zäitlech begrenzt wier. A well ee sech dozou engagéiert hat an zu sengem Wuert stoe wollt.

Wien haut Carrière maache wëllt, op d'mannst am Finanzsektor, muss mobil sinn a globaliséiert denken, an domat huet d'Lynn nu wierklech kee Problem, hatt géif egal wat maache fir de Beruff. An 38 Joer ass jo och en idealen Alter, fir esou richteg duerchezestarten, et huet een Erfahrung an deem néidegen Knowhow, et kennt een d'Spillregelen, et huet een nach vëlleg Energie. Mä dat därfer awer net heeschen, datt d'ganz Famill direkt mat globaliséiert gëtt! A wat ass mam Lena? Natierlech fënnt dat et de Moment super, wien aus senger Klass kënnt scho fir zwee Joer op Singapur? Mä wat ass mat senger Schoul? O, ech sinn iwwerzeegt, mir géifen do warscheinlech

eng gutt englesch- oder franséischsproocheg Schoul fannen, renseignéiert hunn ech mech nach net, dofir ass mäi bannenzege Widderstand ze grouss, an d'Lynn och net, well dat huet keng Zäit, mä ass et wierklech dat, wat mer fir eist Kand wëllen? Et géif bestëmmt séier Englesch léieren, fir d'Kanner ass dat jo net schwéier, mä solle mer et wierklech aus sengem Milieu erausrappen, nëmme well dat gutt ass fir seng Mamm?

Wann d'Lynn esou dovun iwwerzeegt ass, kann et dach ouni mech goen, säi Kand mathuelen a sech nieft senger senger wichtiger Aarbecht ëm hatt këmmen, kucke mer emol, wat et da seet. Well eent ass sécher: Bis elo hunn ech haaptsächlech nom Lena gekuckt, fir datt seng Mamm a Rou hir selleg Iwwerstonne maache konnt.

Iwwerhaupt, d'Lynn ka mer net virwerfen, ech géif mäin Deel u Verantwortung heiheim net iwwerhuelen, ech war ni ee vun deene Männer, déi ënnert alle méigleche Virwänn hirer Fra de Stot an d'Kannererzéiung zouschousteren. An hatt gëtt dat och ouni Weideres zou, ech huelen un, et empfënnt eng heemlech Satisfaktioun, wa seng Frëndinnen a Kolleegeinnen iwwert déi klassesch Duebelbelaaschtung vun de Frae jéimeren. An et jéimeren der nach vill haut, d'Realitéit ass nach wäit ewech vum Wonschdenken. Och wa vill jonk Frae mengen, Feminismus wier eng ideologesch Verierung aus der Mattekëscht, well se dach alles kéinten an däreften, well se alles erreicht hätten. Wéi naiv geet et eigentlech?

Mä meng Bereetschaft, d'Hausaarbecht ze deelen, bedeit awer net, datt ech elo d'accord wier, fir déi nächst zwee Joer zu Singapur den Hausmann ze spillen. Well wat soll ech soss do maachen? Wéi kéim ech mer da vir! An neen, ech hunn och keng Loscht, Dag fir Dag dorëmmer trëppelen ze goen an eng nei Kultur z'entdecken, dat häls de dach am Kapp net aus. An ech wëll och kee Buch driwwer schreiwen, ech wëll iwwerhaupt kee Buch schreiwen, wat soll dat! Ech wëll einfach mäi gewinntent Liewe weiderliewen, mäi Liewe gefält mir, et ass esou, wéi mer eis dat virgeholl haten, wéi mer eis vrun zéng Joer bestuet hunn an e Joer drop d'Lena kruten. Ech wollt ëmmer en zweet Kand, an d'Lynn am Fong och, just datt de Moment ni gönschteg war, ni gönschteg ass, well op der Bank ëmmer grad eppes immens Wichtiges leeft, an d'Lynn



onentbierlech ass. Dozou ass näischt ze soen, ech soen och näischt, well soss hu mer Sträit. A wie wëllt scho Sträit mam Lynn, hatt gëtt souwisou ëmmer Meeschter. Dofir bréngen ech, obschonn d'Lynn Enn 30 ass, d'Theema vum zweete Kand praktesch net méi op d'Tapéit. Besonnesch zanter d'Jeanne, dem Lynn seng feministesch Busefrëndin – selbstverständlech net bestuet a kee Kand – behaupt huet, ech hätt e Problem domat, datt meng Fra méi verdéngt wéi ech, a géif dofir versichen, se mat engem zweete Kand ze bremsen. Déi Kou! Et huet mer ni eppes uitgemaach, datt d'Lynn méi an der Pai huet, mir ass et egal, wou d'Suen hierkommen, Haaptsaach, mer hunn der genuch, fir d'Haus ofzebezuelen an een- oder zweemol d'Joer an d'Vakanz ze fueren, an der Hoffnung, datt d'Bank net zesummebrécht, wann d'Lynn net do ass. Dofir, datt ech manner verdéngen, kann ech och vun aacht bis véier schaffen a sinn doheem, wann d'Lena aus der Schoul kënnt, hu manner Stress an Hetz an no der Aarbecht nach genuch Energie, fir doheem e puer Saachen ewechzemaachen, éier d'Lynn kënnt, well dat packt sech owes net méi vu Middegkeet. Ech hunn och ni fonnt, datt ech extra Unerkennung verdéngt hätt, well ech eng aner Astellung hu wéi och haut nach vill Männer, mä dat heescht awer net, datt ech elo als Hausmann zu Singapur sëtze wëll! A wie weess, wéi et duerno berufflech fir mech weidergéing, ech ka mer net einfach zwee Joer Congé sans solde huele wéi beim Staat. O, warscheinlech krit ech dat trotzdem ausgehandelt, mä wie weess, wat fir e Posten ech duerno am Betrib acceptéiere misst. Et geet net drëm, ob ech déi selwecht Pai behale géif, well dat géif ech, mä et geet drëm, ob ech weider Satisfaktioun a menger Aarbecht hätt. Well dat ass mer wichteg, de Rescht ka mer gestuel ginn, d'Lynn huet genuch Éiergäiz fir mech mat.

[...]

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Schreift e Porträt vum Protagonist vun dëser Geschicht. Gitt dobäi op seng Liewensëmstänn an, mä och op säi Charakter.
- Ass de Mann an dëser Geschicht ärer Meenung no en typesche Mann a Papp? Begrënn ärer Meenung mat Hëllef vu präzise Beispiller aus dem Text.
- Schreift eng eege Fortsetzung vun der Geschicht, an där dir entweder dem Lynn oder dem Lena hir Perspektiv anhuelst.
- Diskutéiert: Wéi geet dëse Konflikt ärer Meenung no aus? A wéi eng Richtung weist den Text? Wéi gesitt dir de Fall vun der Famill aus dem Text an der Lëtzebuerger Gesellschaft vun haut?



Guy REWENIG

Am falsche Film



In: Guy Rewenig: **Do wéinstens däi Sonnebrëll aus, wann s de mam Kapp duerch d'Mauer renns.** Geschichten an Erzielungen. Éditions Guy Binsfeld, Lëtzebuerg 2017. S. 7-10.

Strubbelvoll ass de Kino. Ech hu mer en Eemer Popcorn kaaft a maache mir et gemittlech op mengem Sätz Soubal et däischer gëtt am Sall, fänkt mä rietsen Noper un a mengem Popcorneemer ze baggeren. Wéi wann et dat Normalst vun der Welt wär, gräift hien dran, schöppt sech eng déck Portioun eraus a stécht sech s'an de Mond. Ech kucken hie vun der Säit, ganz streng, awer hie kuckt de Film a maufelt iwwert dem Kucken. Gutt, dat war sécher eng eemoleg Gaffe, en Iertum souzesoen, et wëllt ee jo net gläich en Drama lasstrëppelen. Sgratsch! Schonn nees huet hie seng Hand a mäin Eemer gezappt. Hie verzitt keng Minn a bafft séileroueg mä Popcorn. Wat ass dat fir e Spillchen? Wëllt deen Typ mech onbedéngt provozéieren? Esou gesäit hien net aus, hien ass éischer ganz friddlech an entspaant a konzentréiert sech voll op de Film. Sgratsch! Scho sinn ech deen nächste Grapp Popcorn lass, mäin onverschimnten Noper ass guer net hektesch, hie knätscht net, mee schubst sech de Popcorn ganz elegant an de Mond, ech héiere keen opfällegt Geräisch. Elo geet et awer duer. Elo muss ech awer sou lues agräifen. Vun der Säit fixéieren ech de Mann esou schaarf wéi ech kann. Dat kritt hie guer net mat. Hie leckt sech d'Lëpsen a biicht op den Ecran. Sgratsch! Hie gëtt sech net. Elo ass de Moment komm, wou ech mech energiesch wiere muss. Elo kritt dee Raudi awer den Dicks geriicht. Dat do geet esou lues iwwert all Grenzen eraus. Sgratsch! Ech hunn nach kee Mënsch erlieft, dee sech esou radikal iwwert d'Notioun vum Privatbesëtz ewechsetzt. Dat do si barbaresch Tricken. Esou en antisoziale Borscht ass mir nach net iwwert de Wee gelaf. Sgratsch! Et ass net ze faassen. Mir verschléit et d'Sprooch. Ech si richtig geläimt vun där primitiver Brutalitéit. Sgratsch! Ech muss meng ganz bannen-zeg Kraaft mobiliséieren. E stomme Protest. Stomm, awer konsequent. Sgratsch! Iwwert esou Leit kann ech nëmmen de Kapp rëselen. Ech rëselen de Kapp, datt et mer bal dronke gëtt. De Popcorneemer wackelt op meng Knéien. Sgratsch! Géint d'Gewalt ass kee Kraut gewuess. Et ass fir ze katzen. Et gräift ee sech un de Kapp. Sgratsch! Do ass eppes net normal. Do dréint eppes net méi ronn. Do läit d'Kromm an der Heck. Do ass Happ a Malz verluer. Sgratsch! Ech ignoréieren einfach dee Lëmmel. Ech maachen, wéi wann hien net do wär. Esou en ongezillte Stëppeler soll een net och nach valoriséieren, andeems een hie kontert. Sgratsch! Et huet kee




Sënn, mat esou engem ongehuwwelte Bëlles ze streiden. Ech fänken hei net un, ze jäischen. Ech stéieren déi aner Leit net. Mir sinn am Kino. Ech bleiwen ziviliséiert. Ech féieren hei keng op. Sgratsch! Et deet mer leed. Ech hunn näischt matkritt. Huet hie schonn nees seng knaschteg Patt a mäi Popcorneemer gestach? Sgratsch! Ma sécher. Klau mäi Fudder. Genéier dech net. Sgratsch! Verfroossene Sak. Sgratsch! Onmanéierlecht Kallef. Sgratsch! Leck mech dach. Sgratsch! Du Iesel. Sgratsch! Mir egal. Sgratsch! Maach derbäi. Sgratsch! Kee méi dran? Sgrips! Schon eidel? Sgreps! Sgreps! Wat schäers de dann nach? Soll ech e frëschen Eemer kafe goen? Hie stëpelt sech mam Fanger e puer Popcornreschter tëscht den Zänn eraus. An de Film ass fäerdeg. D'Luten am Sall ginn un, de Mann steet op a laacht mir ausgesprache frëndlech. Ech sëtzen do wéi erschloen. Ech sinn net méi amstand, mech ze hiewen. Op mengem Schouss steet den eidele Popcorneemer. Et ass kee Mënsch méi am Sall. Elo has d'awer Chance, datt ech de Popcorn net gäer hunn!, jäischen ech esou haart, datt d'Wänn bal zidderen. Ech haassen de Popcorn! Ni méi Popcorn! Fir d'Vrecken net! Keen héiert mech. Wat war dat fir e Film? Keng Anung.



Méiglech Aufgaben

- Den Titel vun dëser Geschicht zitéiert eng bekannt Riedensaart. Fannt nach aner Riedensarten a Spréchwierder am Text an erkläert kuerz hir Bedeitung.
- Beschreift dem Protagonist seng Reaktioun op dee Mann, deen him am Kino de Popcorn ewech ësst.
- Fannt eng Erklärung fir dem frieme Popcornëisser säi Behuelen. Beleet är Interpretatioun mat Hiwäiser op den Text.
- Hätt dir grad esou reagéiert wéi de Protagonist an der Geschicht? Begrënnt är Äntwert!
- Liest den Text als Parabel. Wat fir eng reell Situatiounen falen iech an, an där d'Leit esou reagéiert hunn (oder allgemeng esou reagéieren) wéi d'Hauptfigur aus dëser Geschicht?



Guy REWENIG

Feierowend

In: Guy Rewenig: **Do wéinstens däi Sonnebrëll aus, wann s de mam Kapp duerch d'Mauer renns.** Geschichten an Erzielungen. Éditions Guy Binsfeld, Lëtzebuerg 2017. S. 11-19.

Wéi ech bei d'Keess koum mat mengem Caddie, stoung do eng laang Schlaang Leit ze waarden, vun zwanzeg Keesse war just nach eng eenzeg op, an dat matzen am Feierdagstrawolt mat dausende Leit um Dill, Problemer mat der Elektronik, krut ech gesot, alles ass zesummegebrach, awer mir schaffen drun, mir kréien dat an de Grëff, an deenen nonzéng gespaarte Keessen huet sech eng Hällewull Techniker gedréckt, e puer Keesse ware scho komplett auserneegeholl, déi eenzel Deeler louchen duercherneen um Tapis roulant, et ass haart diskutéiert ginn, mat Wuppens an zimlech opbruecht, well nach kee vun den Techniker de Feeler fonnt hat, dat halleft Land war hei zesummegelaft, wierklech, et ware méi Mënschen am Geschäft wéi bei engem Futtballlännermätsch, et si méi Caddien hin an hier gerullt wéi Autoen am Stadverkéier, déi Caddië ware vollgetässelt bis uewenhin an nach méi héich erop, si hu bedreelech gewackelt, e puer waren der vum Laascht esou schwéier ginn, datt d'Rieder sech net méi gedréint hunn, mee den Direkter vum Centre commercial hat dat anticipéiert an der Clientèle *pushing helpers* ugebueden, also Mataarbechter, déi de Leit gehollef hunn, hir Caddien ze drécken, bis zu véier *pushing helpers* konnt ee fir de private Gebrauch ufroen, dat waren am Schnëtt opfälleg staark Männer, et huet een hinnen ofgesinn, datt dat Caddiedrécke fir si eng Klenggeheet war, e Spaass niewebäi, hir däischter Minnen hu mer verroden, datt si scho ganz aner Gewaltakten hannert sech haten, si hu sech e Plesier draus gemaach, déi sauméisseg schwéier Caddië mam klengen Fanger weiderzedrécken, mir näischt dir näischt, just bei de Keessen ass guer näischt méi gaang, ech hat mäi Caddie ganz eleng bei déi eenzeg oppe Keess manövréiert, obschonn en zimlech iwwerfëllt war an och schonn uerg schwéierfäleg op de Rieder, muer ass jo Feierdag, hunn ech mer geduecht, da lappt een net beim Akafen, et ass déi lescht Geleeënheet, sech uerdentlech anzedecken, datselwecht huet och de Rescht vun der Clientèle sech geduecht, Tonnen an Tonne sinn aus de Regaler an d'Caddien erapraktizéiert ginn, d'Personal ass bal net nokomm, am Akkord déi geplëmmte Regaler nees opzefëllen, an där eenzeger oppener Keess souz eng ural Madamm, nonzeg Joer op d'mannst, wou hu se déi dann ausgegruewen, hunn ech mech gefrot, déi ass dach vill ze lues, déi ass

dach net fit, déi ass dach där Mënschemass net gewuess, wéi wëllt déi dann dausende Leit duerch d'Keess schleisen, well och an där eenzeger Keess d'Elektronik ausgefall war, huet déi ural Madamm op der Hand all d'Artikelen opgeschriwwen an de Präis derhannert gesat, schéi propper op en almoudesche Keessenziedel mat Duerchschlag, dann huet si an aller Rou d'Präisser an eng Calculette getippt, dann den Total nach eng Kéier kontrolléiert a schéin exakt um Keessenziedel agedroen, dann de Keessenziedel vum Block gerappt, een- zweemol gefaalt an dem Client gereecht, dann d'Copie vum Keessenziedel schéin uerdentlech an eng Enveloppe gestach, dat war esou eng onvirstellbar laangwiereg Prozedur, datt déi ural Madamm eng Véierelstonn gebraucht huet, fir een eenzege Client duerchzekréien, dee ganzen Oflaf ass ëmmer méi zéi ginn, well op villen Artikele guer kee Präis méi stoung, mee just nach de Code-bar ofgedréckt war, dann huet déi ural Madamm an de Rayon telefonéiert, fir de Präis gewuer ze ginn, ganz entspaant a frëndlech, am Rayon war da meeschtens keng kompetent Persoun, déi e Code-bar hätt kënnen an e konkrete Präis iwwersetzen, dann huet vum Rayon aus missen iergendee Chef geruff ginn, dee gutt am Decodéiere war, heiansdo huet déi ural Madamm heemlech de Kapp gerëselt a stëll fir sech gelaacht, déi huet keng Nerven, hunn ech geduecht, där hunn s'all d'Nerven erausoperéiert, esou eng stressfräi Persoun hunn ech nach ni erlieft, du mengs, déi hätt grad virdrun dräi Stonnen an der Sauna gesiess an duerno fënnf Liter Berouegungstéi geschluppt, all fënnf Minutten huet déi ural Madamm séileroueg hire Brëll mat engem fichten Dichelche gebotzt, et huet hir sécher gedréint am Kapp a geflackert virun den Ae vun deene villen Zuelen, déi si huet missen notéieren, dat Botzen huet si esou grëndlech a pedantesch gemaach, datt eleng vum Nokucken d'Hoer mir am Genéck zu Bierg stoungen, an der Schlaang hunn d'Leit ugefaang ze ramoueren, e puer Hypernervöser hu scho fraefeindlech Bemierkunge láchéiert, doduerch hunn aner Hypernervöser sech animéiert gefillt, rassistesche Witzen ze rappen, well s'iwwerzeegt waren, déi ural Madamm an der Keess war eng total antiquéiert Auslännerin, eng problematesch Hëllefskraaft aus dem Hecke-Pays, awer déi ural Madamm huet Lëtzebuergesch geschwat, ouni dee geréngsten Accent a mat engem enorme Wuertschaz, si huet de Leit och nach an engem Stéck lëtzebuergesch Komplimenter gemaach, schéi Feierdeeg, hoffentlech hält d'Wieder sech, wa mer alt keen Niwwel kréien, vläicht bleift et dréchen, da kënnt Dir muer mat der Famill spadséiere goen, loosst Iech et gutt goen, all Gutts, vill Freed, génisst de Congé, Äddi a Merci, där uraler Madamm hiert Schwätzen huet d'Leit nach e Krack méi opgehal, si ware souwisou schonn opgedréint bis ënnert d'Hirschuel, scho praktesch bannewänneg zerfränjelt vun elauter Nervositéit, a stounge kuerz virum Explodéieren, well et scho mam Keessenziedel esou onendlech laang gedauert hat, si hunn déi ural Madamm ugestuerkt, wéi wa se gläich géifen e Schluechtmesser aus der Paltongstäsch rappen an der Fra d'Fiseminn zerschnëppelen, no enger hallwer Stonn eréischt hunn ech gemierkt, datt ech do, wou ech stoung, iwwerhaupt näischt verluer hat, richteg déplacéiert war ech, well ech mech an Ongedanke parallel zu der Schlaang installéiert hat, dat geet natierlech guer net,

et kann een net kuerz virun der Keess eng zweet Frontlinn opmaachen, besonnesch dann net, wann et déi eenzeg oppe Keess wäit a breet ass, dat féiert direkt zum Krich, da brennt gläich de Supermarché, stellt Iech un de Wupp vun der Schlaang, huet ee mech an engem onheemlech schaarfen Toun ugeranzt, dunn ass meng Gaffe mir eréischt opgefall, ech hu mech entschëllegt an de Wupp vun der Schlaang gesicht, awer ech hunn de Wupp net fonnt, do war kee Wupp, do war nëmmen eng Schlaang, déi guer net méi opgehal huet, d'Leit stounge mat hire Caddië laanscht de Geméisrayon, op der ganzer Längt, dann huet d'Schlaang eng schaarf Kéier laanscht de Räis- an Nuddelsrayon geholl, tëscht de Caddien an de Leit war emol net e Millimeter Sputt, si stoungen esou enk widdereneen, datt keen Duerchkommes war, ech hunn et probéiert a si mat Blécker bal erdolcht ginn, um Enn vum Räis- an Nuddelsrayon war nach laang net Schluss, vun do aus huet d'Schlaang sech gezu laanscht de Fëschrasyon, da weider duerch de ganze Wäin- a Spirituoserasyon bis bei d'Metzlerlei, vun der Metzlerlei aus duerch de Mëllech- a Kéisrayon, dann eran an de Kleederrasyon an duerno an de Parfümeriesrayon, op dësem Punkt war d'Schlaang bestëmmt schonn 250 Meter laang, awer d'Enn war nach ëmmer net ze gesinn, ech hat keng aner Wiel, wéi mech ëmmer weider no hannen ze schaffen, d'Schlaang ass wéi eng kompakt Mauer duerch dat ganz Geschäft gelaf, all 50 Meter huet d'Personal probéiert, d'Schlaang wéinstens fir e Moment auserneenzerappen, fir d'Leit duerchzeloossen, déi nach net an der Schlaang stoungen, si hu sech op de Kapp gestallt, fir e Passage an d'Schlaang ze baggeren, dat war eng Corvée, well kee Mënsch gewach ass, am Contraire, alleguer hu se hir Caddien nach méi fest widdert dee Mënsch virdru gedréckt, dat huet zu wéischtem Sträit gefouert, well verschidde Leit gemengt hunn, si kréiche vum Caddie hannendrun d'Hëften zertéitscht an den hallwe verlängerte Réck opgerappt, d'Personal huet ëmmer nees missen energesch



agräifen, fir Kläppereien ze verhënneren, stur a steif stoung d'Vollek an der Schlaang, verbruet a bal verstengert, well näischt bougéiert huet, et ass einfach net virugaang, bestëmmt huet déi ural Madamm an der eenzeger oppener Keess nees gemittlech hire Brëll gebotzt, oder si hat sech nees verrechent, oder si huet missen eng Paus maachen, well se bal keng Loft méi krut vun deem ganzen Drock, hannert dem Luten- am Elektreschrayon war Schluss, do koum déi baussenzeg Mauer vum Geschäft, awer d'Schlaang ass duerch eng stole Klappdier eran an d'Lager dirigéiert ginn, duerch e laangen, kale Gank mat schwächer Beliichtung, lénks a riets stounge Lageraarbechter, déi iergendwéi brutal ausgesinn hunn, mësstrauesch ware s'op alle Fall, si hunn e scharfe Bléck op d'Leit geworf, datt nëmme kee sech erlabe géif, eppes aus dem Lager a säi Caddie ze tässelen, well am Lager waren d'Artikelen nach net etikettéiert, esou Wueren hätten zu neie Blockagen an där eenzeger Keess gefouert, well déi ural Madamm dann hätt missen an d'Lager telefonéieren, wou kee Mënsch méi Lëtzebuergesch verstan huet, an déi aner zwou offiziell Sproochen vum Land och net, a wann ieren een drënner gewiescht wär, deem zoufälleg Lëtzebuergesch verstan hätt, wär dat doudsécher e frustréierte Borscht gewiescht, e Saboteur, dee sech domm gestallt an där uraler Madamm einfach op Serbokroatesch geäntwert hätt, am Lager war et onheemlech roueg, kee Mënsch huet méi geschwat an der Schlaang, d'Lageraarbechter haten tatsächlech en zimlech rabiante Look, et wär net gutt gewiescht, déi Männer verbal ze reizen, well se sech jo sproochlech guer net wiere konnten a méi wéi secher op hir Fäischten an hir Klappmesser zréckgegraff hätten, wann et zu engem kontrolléierten Ausbroch vu Roserei komm wär, si stounge laanscht déi meterhéich stole Regaler an hunn nogekuckt, wéi d'Clientèle an der Schlaang geziddert a gebibbert huet, well et ëmmer méi kal ginn ass, saukal, well ganz wäit hannen um Enn vun der Hal déi grouss Paart opstoung, déi äiseg Dezemberloft huet erageblazen, et war en Duerchbruch, fir eenzock d'Vreckecht opzerafen, mech huet ee vun de Lageraarbechter vun hanne mat de Schëllere gepaakt, ech hu säin eisene Grëff gespiert bis erof a mäi Rëppegestell, hien huet mech laanscht d'Schlaang gedréckt mat enger Vitesse, datt ech op en Hoer d'Schlappe verluer hunn, ech si mam rietse Schong ënnert d'Rad vum Caddie geroden, dat huet deem Herkull a mengem Réck guer näischt uitgemaach, hien huet u mer gerappt a mech gestouss, bis d'Rad mer iwwert de Fouss gerullt an de Schongstréckel futtigerappt huet, meng dräi Päck Saumon fumé, déi scho laang bedreelech uewen um Wuerekoup a mengem Caddie geklunschelt haten, sinn duerch de Schock op de Buedem geflunn, mäin Zerberus huet sech gebéckt an déi dräi Päck héich duerch d'Loft tëscht d'Lagerregaler gejummt, wa mech net alles täuscht, koumen am hallefdäischtere Fong vun der Lagerhal onversinns e puer Fraen tëscht de Regaler erausgesprong an hunn d'Päck mam Saumon fumé opgefaang, ier se séier wéi de Blëtz nees verschwonn sinn, deem ongehuwelter Bëlles ass wuertwiertlech mat mir Schlitt gefuer, hien huet mech regelrecht zu der Lagerhal erausgepucht, ech sinn dobaussen um Parking vum Supermarché gelant, do war Kaméidi, datt et mer bal d'Oueren zerappt huet, e wëllt Getuts, e Klaxonskrich sonnergläichen, gläich e puer honnert

Automobiliste waren nieft de Kapp geroden, well se schonn zwou Stonnen am Krees gefuer waren an nach ëmmer keng Parkplaz fonnt haten, si hu sech géigesäiteg zerschoss mat de schaarfe Lute vun hire Pharen, e puer hunn der abrupt de Motor ausgemaach a si mat gliddege Käpp aus dem Auto geklomm, fir e puer aner Chauffeure mat der Guergel ze huelen, dozou ass et net komm, well um Parking honnerte vu Kontrolleren opgepasst hunn, datt et net zu gréisseren Turbulenze kéim, déi Kontrolleren hate bluttrout Sécherheetsjacketten un, si stounge Spaléier laanscht d'Schlaang mat de Caddien, eng bluttrout Mënschebarrikad géint déi duerchgedréinte Kläpper an den Autoen, well ech net séier genuch weidergezu sinn, hunn d'Kontrollere mech mat hire schrecklechen Trillerpäife gedriwwen, ech hu probéiert ze lafe sou gutt et gong mat deem schwéiere Caddie, nëmme fir deem fierchterleche Gepäifs aus de Féiss ze kommen, awer ech krut mäin zännerschwéiere Wuerebiereg knapps beweegt, d'Kontrollere ware richteg gelueden, voll alkoholiséiert déi meescht, et hätt net vill gefeelt, dann hätt se mech op d'Säit gezunn a mir d'Longen aus dem Läif gebréngt oder d'Gedärms, well ech esou lues weidergetierkelt sinn, sou ongeschéckt, wéi wann ech Bläiklumpen un de Féiss hätt, ech war frou, datt ech op eemol déi Säit dem Parking ukomm war, mee de Wupp vun der Schlaang hunn ech nach ëmmer net erbléckst, elo ass et schëtzege e Rampli erofgaang, stäil no ënnen an e Bësch, ech hu mech gefrot, wéi d'Schlaang iwwerhaapt an deem géien Hank d'Riicht behale kéint, lénks a riets vun der Schlaang stounge Männer mat schwaarzen Helmer um Kapp, op deenen Helmer hu Lute geblénkt, wéi d'Mineuren der an de Galerien hunn, am Luteschäin hunn ech gesinn, datt d'Caddien an der Schlaang mat Eiseketten uneneegestréckt waren, d'Leit hounge tëscht de Caddien ze jéimeren, si koumen net méi hannerzeg an net méi vijenzeg, déi ganz Schlaang aus Caddien a Leit houg no ënnen an de stackdäischtere Bësch, eppes wéi en décken, verwurrelte Kabel, ech hunn op eemol d'Keelt gespiert, si huet mech gebass, déi sauméisseg Keelt, ech hat nëmme en Hiem un an e Gilet, well ech aus dem ënnerierdesche Parking mam Lift direkt erop an dat waarmt Geschäft gefuer war an op deemselwechte Wee hannescht bei mäin Auto trëppele wollt, elo sinn ech iwwert dee glëtschege Bëschwee an d'Déift gerëtscht, ech weess nach ëmmer net, wéi d'Rieder vu mengem Caddie sech duerch dee Bulli gewullt hunn, ech ka mech erënneren, datt ech e puermol d'Kopplabunz geschloen hunn, ech erënnere mech och, datt ech op eemol um Wupp vun der Schlaang ukomm war, ganz ënnen an enger Zort Steekaul, do hunn ech beschloss, elo géif et definitiv ganz déck duergoen, Schäisscaddie, hunn ech gejaut a wollt mech säitwäerts an de Bësch schloen, du sinn hannert mir an der Steekaul onheemlech grell Scheinwerfer opgeflaamt, déi Scheinwerfer waren op héije schwaarze Pottoe festgemaach, déi am Krees stoungen, ënnert de Pottoen hunn ech grad esou schwaarz gekleeten Zaldote gesinn a Rei a Glidd, hir schwaarz Maschinnepestoule waren op d'Schlaang geriicht, keen an der Schlaang huet sech gemuckst, all hu se de Kapp gebéckt an op hire Caddie gestuerkt, kee Bléck no uewen op dee stäile Bëschwee, kee Bléck no lénks oder no riets, zwee päerdsstaark Vermummter hu mech aus de Louhecke gerappt a mech zrëck bei mäi

Caddie geschleeft, hei gött net desertéiert, huet deem ee mer an d'Ouer gejaut, elo geet et vive bei d'Keess an da bezills de, wat s de kaaft hues, huet deem anere gebirelt, ier ech iwwerhaapt iergendeppes begräife konnt, haten déi Vermummte mech brutal mat Handschellen un de Grëff vu mengem Caddie gestréckt, ech hätt mech net sollen ëmdréinen, ech hätt net sollen no hanne kucken, an der Steekaul virun den Zaldote louchen Dosende Caddien op der Kopp, all d'Wuere waren erausgefall a si wäitverspreeet tëscht de Steekéip getrollt, keng Spuer vun de Leit, déi d'Caddië gedréckt haten, kee Lieweszeechen, nëmmen déi dausende faarweg Artikelen, déi ënnert deene schaarfe Scheinwerfer nach méi faarweg gewierkt hunn, happy Christmas, huet d'Fra viru mir op eemol an hirer Verzweiwung gehurelt, wem sees d'et, hunn ech geduecht, ier ech an e schwaarzt Lach gefall sinn.

Méiglech Aufgaben

- Beschreift an äre Wierder, wat de Protagonist vun dëser Geschicht wëlles huet a firwat aus sengem Plang näischt gött.
- Dës Geschicht besteet aus engem Saz. Interpretéiert dës formal Eegeschaft vum Text, andeems der se op d'Handlung bezitt.
- Wat fir sproochlech Mëttele benotzt den Auteur nach, fir d'Eskalatioun vun der Handlung duerstustellen? Gitt an ärer Äntwert Beispiller aus dem Text.
- Dësen Text ass eng Satir. Recherchéiert d'Definitioun vun dësem Begrëff an notéiert se. Erkläert dann, wat fir e Phänomen an dësem Text kritiséiert gött.
- Fannt dir d'Kritik vum Auteur ubruecht? Äntwert, andeems der Argumenter a konkreet Beispiller aus ärer Erfahrung ugitt.



Sprooch a Sproochen

Antoine MEYER

E Schrëck op de Lëtzebuerger Parnassus

(Auszug) (1829) Virgestallt a kommentéiert vum Roger Muller.
Éditions du Centre national de littérature, Miersch 2004. S. 164ff.

Noried

[...]

Ech weess net, ob der sech vill virue mir mat Ierscht ëm onsen Dialekt bekëmmert huen. Dach wonnerlech, eng Ried, déi vun allen am meeschten ëm ons kléngt, a wellecher gewëss ee vun de wiichtegste Mëttelen zur Kenntnes vun der Lëtzebuerger Individualitéit läit, bleift vun alle verloosst, a selwer den Ëmstand, datt ee mat der gréisster Freed eng Schrëft a Lëtzebuerger Däitsch, vir Jorhonnerte geschriwwen, selwer hätt se wéineg literaresche Wiert, géif liesen, huet ons net uegedriwwen onse Kandskanner, vëlläicht wann ons Sprooch ganz verännert ass, déi selwecht Freed emol ze maachen.

Net wëll ech riede vun aner Nopeschprovinzen, wéi z. B. Léck, déi hir Sprooch scho laang grammatikalesch verstinn. Ower d'Kenntnes vun engem Dialekt, ass en och anescht vu kenger grousser Wichtigkeet, huet dach, philologesch betruecht, an Hinsecht vun der allgemenger Sproochwëssenschaft, e méi oder wéineger grousser Wiert. Eng Sprooch ass en Naturfactum, wouvun ass mer d'Bedeitung nëmmen durech Observatiounen, iwwer dat Factum uegestallt, fanne kënnen. Wuel wär et eng Dummheet, sech aanzebiller, datt ons Mondaart, durech vill dran ze schreiwen an ze liesen, wäit verbreet, emol vu grousser Wichtigkeet géif; de fränkeschen Dialekt, deen de Luther zur däitscher Schrëftsprooch erhuewen huet, hat durech seng Natur an seng Ausgebreeetheit Pretentiounen, op wellech ass mir net hoffe kënnen. Dach dat, wat onser Sprooch eegen ass, muss deen, deen dra ried, uegon.

Méiglech Aufgaben

- Erkläert dem Auteur seng Usiichten iwwer de Stellenwert vun enger Erfuerschung vum Lëtzebuergeschen.
- Erkläert, mat wat fir enger Methodik den Auteur proposéiert, datt een d'Sprooch erfuersche sollt.
- Fannt am Text Schreifweisen, déi dem haitege Gebrauch net méi entspriechen. Stellt se an enger Tabell dem haitege Gebrauch géintiwier. Diskutéiert zesummen, wéi déi Ënnerscheeder zum Lëtzebuergesche vun haut méiglecherweis ze erklären sinn.

DICKS (Edmond de la Fontaine)

D'Kiermesgäscht

(Auszug) (1856) In: Jeff Baden, Pierre Marson, Colette Mart, Josiane Weber, Josiane Zeimes (Ed.): **Literaresch Welten. Eng Lëtzebuerger Anthologie an dräi Sproochen.** Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Lëtzebuerg 2012. S. 33-35.

6. Optrëtt

Déi Vireg, De Koseng Ficelle.

DE KOSENG FICELLE (*geet op d'Nannéi lass, ouni den Holzknuet anuecht ze huelen*): Bravo! bravissimo! adorable Kusinnchen. Ech hunn nogelauschtert. Mon cœur est en compote! Dir sangt jo, comme un rossignol. (*D'Nannéi mécht eng Näip.*)

DEN HOLZKNUET (*klappt dem Koseng Ficelle op d'Schëller*): Hee, Koseng Ficelle! Wëllkomm op der Kiermes.

DE KOSENG FICELLE: Pardon, excuse, mäi léiwe Meeschter. Ech hat Iech de prime abord net remarquéiert. Dir begräift, de ravissement, den éblouissement, deen d'vue subite vu menger adorabler Cousine mer occasionéiert huet, ass d'faute, dass mer esou e manque de savoir vivre inqualifiable ganz innocemment échappéiert ass.

DEN HOLZKNUET: Hahahaha! 't gesäit ee wuel, dass Dir e stodéierte Mënsch sidd. Dat nennen ech mer nach Lëtzebuerger Däitsch schwätzen! Onseree versteet wuel net vill méi dervun, 't ass iewel schéin.

D'NANNÉI (*zum Koseng Ficelle*): Elo huel Der eppes zou Iech, Här Koseng.

DEN HOLZKNUET: Maja. Nannéi, géff de Koch eraus, a schenk emol e Glas Wäin an. (*D'Nannéi mécht, wat den Holzknuet seet.*)

DE KOSENG FICELLE: Grâce! grâce! mille grâce!

DEN HOLZKNUET: Gras? Gras? Glëscht Der Gréngs, Koseng?

DE KOSENG FICELLE: Dir verstitt mech net. Merci, mille fois merci, fir Äre Koch an Äre Wäin. Bréngt mer léiwer e wéineg vinaigre de Bully, dass ech mech net évanuéieren an der contemplation vun dëser merveille de la nature! (*E weist op d'Nannéi.*)

DEN HOLZKNUET: Huet ee senger Liewen esou eng verléift Ficelle gesinn? Héiert, Koseng, setzt mengem Meedchen net zevill de Geck an de Kapp.

D'NANNÉI (*présentéiert dem Koseng Ficelle Wäin a Koch*): Heit, Här Koseng. Ech hoffen dach, Dir wäert mer näischt ofschloen.

DE KOSENG FICELLE: O Kusinnchen, Är Guttheet confondéiert mech! Engagéiert mech dach net, je vous en prie.

DEN HOLZKNUET: Jeejee, duergefuer.

DE KOSENG FICELLE (*zum Nannéi*): Géif da meng Adorable vläicht e Gliesche mat huelen?

D'NANNÉI: Dat wär gutt, wa mer zu Arel op der Knippche wären.

DE KOSENG FICELLE: Sublime! sublime! ma charmante! Wat e spirituellen Apropos!

(*E séngt.*) Zur Arel op der Knippchen,
Do sinn déi Weiber frou.
Si huelen oft eng Schlippchen,
Eng drénkt der aner zou.
Berelénk etc.
(*D'Nannéi huet erëm alles op den Dösch gesat.*)

DEN HOLZKNUET (*zum Koseng Ficelle*): Ëmmer deeselwechte Spaassvull bei de Meedercher. 't brauch een Iech nach net op d'Zéiwen ze drécken ewéi engem Kiewerlénk a flick o flick o Marike ze sangen.

DE KOSENG FICELLE: C'est vrai. Ech hat de beau sexe toujours an der Schnouer. En revanche konnt ee mech och allzäit ëm de Fanger wéckelen.

DEN HOLZKNUET: 't gött och nëmmen eng Ficelle wéi Dir! Mat Iech wäert dem Nannéi d'Zäit net laang ginn. Elo loosse ech Iech en Abléck eleng.

D'NANNÉI: Ech mengt iewel, Papp ... Elo ...

DE KOSENG FICELLE: Loosst e goen, bel ange! Appréciéiert Der dann net d'Délicatesse vu senger Procédée vis-à-vis vun ons zwéin? Loosst de Papa goen, a fiéiert Iech un d'Galanterie vun engem jeune homme, dee mat enger amoureux Anxiétéit de moment suprême erwaart, wou en Iech, an engem délicieux tête à tête, d'Sentimenter, déi sai blesséiert Hierz mélancoliquement oppresséieren, ouni Zeien, librement expriméiere kann.

DEN HOLZKNUET: Respekt derfir! Elo ginn ech. (*E geet zur Dier lénks eraus.*)

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuerger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Méiglech Aufgaben

- Handelt et sech bei dësem Stéck ärer Meenung no ëm eng Comédie oder ëm eng Tragédie? Begrënnt är Meenung mat prezise Beispiller aus dem Text.
- Erkläert, wat fir en Androck de Koseng Ficelle mat senger Aart a Weis ze schwätze wëll maachen. Wéi reagéieren déi aner Figuren an der Zeen dorop? (Kuckt bei Fro 1: Wat fir eng Reaktioun kann ee vum Publikum erwaarden?)
- Interpretéiert déi lescht dräi Replike vun dëser Zeen. Gitt besonnesch dorop an, wat sech déi verschidde Figuren nom Enn vun dësem Gespräch erhoffen an erwaarden.
- Spillt dës Zeen no. Benotzt dobäi äert Wëssen ëm d'Intentioun vum Text an d'Motivatiounen vun de Figuren.

Caspar Mathias SPOO

Heemechtssprooch Ried an der Chambersëtzonk vum 9. Dezember 1896

(Auszuch) In: Jeff Baden, Pierre Marson, Colette Mart, Josiane Weber, Josiane Zeimes (Ed.): **Litaraesch Welten. Eng Lëtzebuenger Anthologie an dräi Sproochen**. Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, Lëtzebuerg 2012. S. 98-100.

Ons [...] Lëtzebuenger Autoren hunn ons de Wee gewisen, fir ons Heemechtssprooch zu enger Gebiltesprooch ze maachen. Loosst mer hirem Beispill follegen, an hirem Geescht virubauen, onsem Vollek seng Sprooch kultivéieren an net noloossen, bis datt all Lëtzebuenger se esou wuel schreiwen ewéi riede kann. Mir setzen dann och onsem Land a Vollek Grenzmaarked fir all Éiwegkeet, vill stierker a sécherer, als wa mer eng bommesécher Mauer rondëm bauen déiten.

Ech hunn ower nach dräi aner Grënn, déi mech bestëmmt hunn, hei a kenger friemer Sprooch ze rieden. Déi dräi Grënn sinn ee méi wichteg wéi deen aner; se ginn, wéi een an der Musek seet, „crescendo“, an et sinn déi hei:

Éischtens hunn ech ons Heemechtssprooch iwwer alles gier. Ech hunn se geléiert a geschriwwen vu Kanddo un an et ass déi Sprooch, déi ech wierklech vun allen anere Sproochen am beschte praktizéiere kann. Schon 1848, wéi eent vun onsem herrleche Méchel Lentz senger schéiner Lyrik, „de Komper Kueb“ erauskoum, konnt ech mir dat Lidd och schonn opschreiwen, an e puer Joer spéider, wéi onsem groussen Dicks säi „Scholdschäin“ erschénkt ass, du wor a blouf ech mäi Liewe laang derfir verkaaft.

Zweetens, als waarme Frënd an Unhänger vum allgemenge Wiel- a Stëmmrecht, muss ech natierlech drophalen, datt ons Vollekssprooch hei an der Kammer op d'mannst déiselwecht Berechtegong huet wéi déi friem. Onsen Escher Kantong huet Léiergeld mat der friemer Sprooch ginn; en hat laang genoch grouss Leit hei sëtzen, déi net esou kéng woren, de Mond opzedoen an hir Meenong am Intressi vum Kantong a vum Land auszedrécken, well se dat an der friemer Sprooch net konnten, a well se de Mutt net haten, et an der Heemechtssprooch virzebréngen.

An engem Parlament, dat aus alle Klasse vun der Bevëlkerong zesumme gesat ass, wéi et am „suffrage universel“ jo muss sinn, do ass déi Sprooch, déi ons vu Papp a Mamm vun uralen Zäiten hier iwwerkomt ass, déi eenzeg, déi no alle Säiten an an allen Ecke vum Land gutt verstaange gëtt, während de friemen Ausdrock vernünftiger Weis näischt weider beusproche kann, als wéi toleréiert ze ginn, well et nach Leit am Land gëtt, déi hir Erzéiung an der friemer Sprooch kritt hunn.

Mäin drëtte Grond ass deen, ech son et riicht eraus, datt onst Lëtzebuerger Vollek laang genoch, jo, vill ze laang mat der friemer Sprooch iwwert d'Ouere geschlon ass ginn. Ass dat moralesch erlaabt, datt iwwert Hab a Gutt, Éier a Gléck, Liewen an Dout vun de fréie Lëtzebuerger Bierger an enger Sprooch plädéiert an ofgeurteelt gëtt, déi néng Zéngtel dervun net verstinn?

Souvill ech weess, sinn ech den éischte Lëtzebuerger Deputéierten, dee sech virgeholl huet, an der Vollekssprooch ze rieden. No mir wäerten nach aner kommen an d'Land wäert net schlecht derbäi fueren. Am Géigendeel, et wäert e ganz neien, fréie Geescht iwwert d'Héichten an d'Dällte vum Lëtzebuerger Land a Vollek zéien, wann emol seng Sprooch op eng gebilt Aart a Weis voll zur Geltong kënnert.

Méiglech Aufgaben

- Stellt fest, vu wéi engem Beräich sech de Politiker C. M. Spoo inspiréiere gelooss huet, fir an der Chamber Lëtzebuergesch ze schwätzen.
- Erkläert an eegene Wierder déi Grënn an Ziler, déi de Spoo ugëtt, fir an Zukunft Lëtzebuergesch an der Chamber wëllen ze schwätzen.
- Vergläicht de Stelleväert vum Franséischen a vum Lëtzebuergesch haut. Wou gëtt meeschtens Franséisch geschwat? Wou Lëtzebuergesch? Maacht eng Tabell a schreift déi Grënn fir de jeeweilege Gebrauch dobäi, vun deenen dir ausgitt.
- Wéi eng Ried kéint e progressive Politiker haut iwwert d'Sproochesituatioun zu Lëtzebuerg an der Chamber halen? Schreift är Ried!

Jean-Michel TREINEN

latztenbörk blues

In: Jean-Michel Treinen: **wou d'wäiss mais schlittschung fueren**. Op der Lay, Esch/Sauer 1989. S. 29.

oh latztenbörk oh land so true
you are sou red and white and blue
the grufties have you in the hand
oh latztenbörk my wonderland

i wonder jhiddfer dag i go
an d'stad eraus and see the show
they féier op and my despair
is like a gëllent framënsch in the air

they make me baschten alleguer
they say eis sprooch wär bal verluer
well nobody méi hätt se gär
an dofir kaaft den dixonär
for learning latztenbörksch at once
without a feeling in the panz

when you come from the minettsland
da läis de mat der schnëss am sand
when you say „goart“ they call it „gaart“
their „kouh-ii-nee“ is very smart

when you come from the northern wupp
they treat you like dee leschte mupp
when you say „cliärref“ they say „klierf“
and think: dee bauer deen as mierf
and when you come from eechternoach
they laugh you out wéinst dénger sprooch
eng titsch is a téitsch and an eek is an eck
that's latztenbörksch oh nondivreck!

and when you dann de geifer hues
you got the latztenbörger blues

Méiglech Aufgaben

- Erkläert déi zwee Begrëffer aus dem Titel, „latztenbörk“ a „blues“.
- Beschreift d'Sprooch(en) an dësem Gedicht a stellt eng Thees op, firwat den Auteur grad dës Mëschung ustriift.
- Wien ass mat „they“ gemengt a wat hält den Auteur vun dëser Leit? Beleet är Interpretatioun mat Hiwäiser op den Text.

Guy REWENIG

Häwwi! Lëtzebuerger Leckzikon

(Auszieh) éditions ultimomondo, Nospelt 2013.

Schwätzt Nei-Lëtzebuergeresch!

Op der ganzer Welt gött et keen anert Vollek, dat esou opgeschloss, fortschrëttlech, tolerant a mënschefrëndlech ass wéi mir Lackzëmbööger. Joerhonnerte laang hu mir voller Freed a Begeeschterung bei eis Leit vun alle Kontinenter opgeholl, souguer dann, wa se mat Kavallerie a Kanounen ugeréckt sinn. Ni an eiser Geschicht ware mir bornéiert oder äerzkonseervativ, eis eenzeg Ambitioun war ëmmer, aus eisem Land Lackzëmböög eng Insel vum Fridde a vun der Solidaritéit ze maachen. Natierlech ass och eis Sprooch zanter éiweg eppes wéi e faarwege Gaart, an deem déi exoteschst Planze fräi wuessen däerfen. Eise Lackzëmböög Länguitsch ass näischt Hermetesch oder Exklusives, näischt Verbruetes oder Reaktiönäres, mee e richtegt Freedefeier vun der internationaler Sproochendiversitéit. Nei-Lëtzebuergeresch, des wonnerbar Mëschung aus alle méigleche Sproochen, erlaabt eis, iwwerall um Planéit Kontakter ze knäppen a Frëndschaften ze fannen. Dese kleng Leckzikon soll hëllef, eis schéi Sprooch nach méi transparent a lackeleg ze maachen.

Wuerterklärungen: hermeetesch – schwéier verständlech
reaktiönär – réckstänneg

Aasch, Passepartout-Wuert fir all méiglech Zwecker, huet ongeféier 7345 Bedeitungen. Begrëff, deen aus der Lëtzebuerger Kultur net ewechzedden ass. *Deen Aasch do ass e richtegen Aasch*: Dee Mënsch geet mer grausam op de Sak. *Deen huet den Aasch op*: Dee vertrëtt Usichten, déi mir net passen. *Déi sinn ee Kapp an een Aasch*: Déi maachen déck Baken. *Bei deem kann een de Kapp net vum Aasch ënnerscheiden*: Deen huet de Baart ganz déif hänken (respektiv: Deen huet e Fuerz am Kapp). *Deen huet eng Schnëss wéi en Aasch*: Dee leid ënnert rhetoreschem Duerchfall. *Aasch bleift Aasch*: Dee wiesselt net stänneg seng Positioun. *Stiech der deng Komplimenter an den Aasch!*: A vergiess net, Waasser ze zéien!

Apräschi, Tarnwuert fir eng öffentlech Sëffecht, och wa guer kee Schnéi gefall ass. *Miss Apräschi*: Wiel vun der beschter Promille-Schnéikanoun. *Alpinen Apräschi*: Komasaufen am Biergmassiv hanner Buerschent.

Banditti, al Gaunerin.

Biitsch, Sandkoup iergendwou an der Landschaft.

Braddelherkull, Philosoph. Och nach: *Seefeblosentässeler, Wollekepilot, Niwwelstëppeler*.

Daun, Flemm. *Wann ech mech an de Spigel kucken, kréien ech en Daun*. Edukativ Bedeutung: *Eist Katia konnt gëschter net an d'Schoul kommen, hatt hat en Daun* (Entschëllegungsformel vu modernen Elteren).

Eemuwwéiert, geréiert, gepaakt vu staarke Gefiller. Kléngt vill méi soffistikéiert wéi dat banalt franséisch *ému*. Typescht Beispill, wéi mir Lëtzebuerger déi franséisch Sprooch lafend verbessern. Aner Beispiller: Elektoréiert (amplaz *élu*), rëssewéiert (amplaz *reçu*), deeduktéiert (amplaz *déduit*), battéiert (amplaz *battu*), inkluséiert (amplaz *inclus*).

Fack!, Interjektioun, meeschtens Ausdrock vun der Roserei. E puer Bedeitungen: *Ech hunn es sat, leck mech dach, rëtsch mer de Bockel erof, looss mech a Rou, botz d'Blat, hal de Bak, du gees mer gewalteg op de Geescht!* An der deeglecher Konversatioun: *Wann dee fack Auto elo net gläich uspréngt, fueren ech haut fack net op meng fack Aarbecht!* Kënnt intressanterweis och an der offizieller Terminologie iwwert d'Monarchie vir: *Domine, salvum fack Magnum Ducem nostrum Enricum* (Här, schenk eis endlech eng kleng Republik).

Fannforkizz, Beschäftigungstherapie fir Kanner, pseudo-pädagogeschen Zinglabum. Mir waren haut um *Fannforkizz* an duerno am *Muuwiforkizz* an elo sëtze mer virun der *Tiiwiforkizz*.

Feier Brigéit, Pompjeeën. *De Jos Brenner ass Äxikiutiif Tschiif vun eiser Feier Brigéit* (De Brennesch Jos ass Pompjeeskommandant). *D'Feier Brigéit ass an e kummörschel Bilding geruff ginn* (An der Stad huet eng Bank gebrannt).

Fréistéck, germanophil Bezeechnung fir Muereskaffi. An der Politik: *Zitti Bräckfëtz* (Fréistéck, bei deem d'Press draguéiert gëtt). Weider Wierder mat preiseschem Aschlag: *Gléibir, Kappschëddelen, Knuetpunkt, Fäinkaschtbuttek, Wollekebroch, Botterbrout, Féiwerkéier, Waasserhunn, Drëpsstenghiel*.

Heileit, Héichpunkt. Wuertwiertlech: héich Lut. *An der Kichen ass mäin Heileit vum Plafong gefall*. Am iwewdroene Sënn: bescht Nummer am Programm. *Dem Isabelle säin Äerdbierzorbä ass all Kéier en Heileit*: Mir hate keng Loscht, en Dessert ze maachen an hunn nach séier eng Glace kaaft. *Den Optrëtt vum Äerzbëschof war den Heileit vun der Sprangpräzëssioun*: Mir wosste guer net, datt dee stramme Rietsen esou fléck no lénks trëppele kann. Wat sinn hei Leit!

Iwänt, Sammelbegrëff fir all méiglech Banalitéiten. *Mir haten haut e grouse Gaarden-*

Iwänt (Mir hunn haut Onkraut gerappt). *Eist Nora hat gëschter säi Skuul-Iwänt* (Eist Nora huet gëschter an der Schoul eng Prüfung geschriwwen). *Kommt dir op eise Gästronommik-Iwänt?* (Kommt dir bei eis eng Gromperenzalot iessen?). *Ech brauch all Samschdeg mäi Schopping-Iwänt* (Ech kafen all Samschdeg zwou Douse Ravioli). *Ëm 17 Auer konnte mir e spektakulären Hydro-Iwänt observéieren* (Ëm 17 Auer huet et ugefaang, ze reenen). *Mir luewen eise Butz fir säi gelongene Pämpers-Iwänt* (Eise Butz kouw zwar nees net mat Zäit op d'Dëppchen, awer de Koup war wierklech enorm).

Kässkëzäkëza? Gehuewent Lëtzebuergesch, heescht eigentlech wat? oder hä? Gëtt gär am Lëtzebuergesch-Unterrecht gebraucht, fir d'Trema-Inflatioun an eiser Sprooch z'illustréieren. Ouni Trema géif d'Wuert klénge, wéi wann et aus dem Kasachstan kéim: Kasskezakeza. Grujeleg!

Kou, melancholiefähg, fundamental friddlecht Déier. Gëtt leider sproochlech schwéier diffaméiert. *Déi Kou geet mer ferm op de Geescht:* Déi Schreckschrauf ass net auszehalen. *Wat sinn ech eng Kou!:* Elo hat ech bal an d'Gras gebass.

Kréisi, heescht alles an näischt. *Dat Buch ass kréisi:* Dat Buch ass saugutt, dat Buch ass sauschlecht, ech verstinn dat Buch net, ech kann dat Buch auswenneg opsoen. *Meng Eltere si kréisi:* Ech kann net derfir, datt ech sou kréisi sinn. *Du bass jo guer net kréisi:* Sief dach net ëmmer sou doudiescht! *Haut fillen ech mech ganz kréisi:* Haut hunn ech iergendwéi eng mat der Ratsch. *De Jesus ass kréisi:* Ech sinn neierdénks erëm ganz reliéis. *Du mechs mech kréisi:* Mat dir géif ech direkt an d'Këscht klammen. *So, bass du kréisi?:* Hues du se nach all, mech ze froen, ob ech mat dir an d'Këscht klammen? *Wat bass du awer eng kréisi Nuddel:* Ni wëlls du mat mir an d'Këscht klammen.

Kruasiär, Päischtkruasiär: Alkoholkonvoi mat Statisten.

Länguitsch, Sprooch. *Lackzëmböök Länguitsch:* Muselfränkischen Dialekt.

Leifstriiming, elektronesch gestäipte Bléck op d'Realitéit. *Sou bal et dobausse schneit, filme*



mir dee ganze Schnéi mat eiser Uäppkämm a kucken en am Leifstriiming.

Lëtzebuenger, Mënsch, deen zu Lëtzebuerg Steiere bezillt
(all weidert Definitiousgepiddele kënne mer eis also spueren).

Nationalhümm, Alkoholikersong, pathetsch iwwerhéicht a getarnt
(cf. „den Himmel Wäin ons mécht“).

Neitklapp, Kläpperei ëm Mëtternuecht an enger Bar.

Neitleif, Nuetsliwen. Komasauf bei Käerzeschäin, Vandalismus bei Vollmond,
obstinéierte Refus, sech an d'Bett ze leeën an einfach Rou ze ginn.

Nougou, eppes, wat net geet, eppes Onméigleches. *E plakege Papagei ass en Nougou:*
Wann nach eng Kéier een eisem Hausdéier d'Plommen ausrappt, da gëtt et awer
schéin! Falsche Gebrauch vum Wuert: *Mäi Mann ass en Nougou* (Mäi Mann geet net
gär zu Fouss), *Eisen Auto ass en Nougou* (Mir musse stänneg an d'Garage mat där
Rabbelkëscht).

Pabblizitti, fréier: Reklamm. *Wa mer gutt Pabblizitti maache fir eisen drämmätk Iwänt,*
da verkafen d'Tickitts sech wéi hott Béikeri Staff (Mir mussen e bëssen Tamtam maache
fir eisen Theaterowend, da verkafen d'Plaze sech wéi waarm Mëtschen). *Ech brauch keng*
Pabblizitti, ech muss mech net verkafen (Politikersproch: Ech hu mech scho verkaaft, wat
soll ech dann do nach Klacke sprange losse fir deier Reklamm?).

Pafefrësser, kannibalistesche Gurmang ouni gastronomesch Affinitéit. Ob réi oder
gekacht, kulinaresch betruecht ass de Paf prinzipiell ongenéissbar: vill ze zéi, bal net
ze tranchéieren (zevill dogmatesche Knorpel). Souguer wann de Paf 8 Deeg laang am
Calvados marinéiert gëtt, schmaacht en ëmmer nach no Wäiwaasser. [...]

Roude Léiw, afrikanescht Déier, huet zu Lëtzebuerg Asyl gefrot. Fält op wéinst senger
onnatierlecher, politesch kontraproduktiver Faarf. Ass hei vum Immigratiounsministär
rout markéiert ginn, fit datt all Lëtzebuenger gesäit: Opgepasst, dat do ass en Auslänner!
An och nach kee kathouleschen!

Schlabberschlips, schlecht gestréckte Krawatt mat engem vill ze labbere Knuet. De Mann,
deen esou eng Krawatt dréit, ass e *Schlabberschlipsschlappi*. An der Kannersprooch
och nach: *Latzifändel, Sabbeldichelchen, Guergelfatz*. Eng korrekt Krawatt heescht
Kënnbakekordel oder *Broschtlamberkéng*. Am Éislek plazeweis och: *Häerzplooschter*.

Tschuuing Gamm, Knätsch. *Gëff mir däin Tschuuing Gamm, da kriss du mäi Rättbull*

(Teenager-Släng).

Wükédatt, schlecht Iwwersetzung, géif am Original *vu que que* heeschen. *Wükédatt ech kee Franséisch kann, soen ech an all Saz zéngmol wükédatt.*

Zäckzi, 1) Begrëff aus der Konsumwelt. *Ech hu mer de Mëtteg eng Geméiszopp gebrutscht, mat enger zäckzi Tomat, enger zäckzi Courgette, enger zäckzi Karott an engem zäckzi Schotz Rham aus dem zäckzi Tetrapack.* 2) Alles, wat gefällt. Beispill: *Ech schédde mer ëmmer Brunello di Montalcino an d'Buedwaasser, wow, dat ass vläit zäckzi!*

Zolden, Rabatt an de Geschäfte. Geleeënheet, alles ze kafen, wat ee guer net brauch, mee wat een awer keeft, well et esou bëlleg ass. *Ech krut mäin Typ an den Zolden: Mäi Mann daagt net vill.*

Zuppermaarkitt, Kultur- a Kommunikatiounsänter. Am Wanter och eng beléifte Vakanzdestinatioun.

Zwielefmeter, Stroofstouss vun engem Futtballspiller, deen den Eefmeterpunkt net fënnt.

Méiglech Aufgaben

n.b. D'Interpretatioun vun dësem Textbeispill eegent sech – ganz oder zum Deel – besonnesch gutt fir eng Gruppennaarbecht.

- Benennt dat Stilmëttel, dat an dëser Persiflage vun engem Lexikon am däitlechste gebraucht gëtt.

Tipp: Recherchéiert d'Definitioun vum Begrëff „Persiflage“!

- Benennt déi formal Mëttele vun engem Lexikon, vun deenen den Auteur Gebrauch mécht.
- Analyséiert d'Lexikonantrëg an deelt se a verschidde Kategorien an, wéi se ärer Meenung no am beschte beienee passen. Schreift d'Begrëffer an eng Tabell. Begrënnt äre Choix am Plenum.
- Analyséiert dës Auszich am Hibleck op dem Auteur seng gesellschaftskritesch Aussoen. Beschreift, andeems der op den Text agitt, wat fir eng Positiounen den Auteur vertritt.
- Fannt fir all Kategorie op d'mannst ee weidere Begrëff a schreift e Lexikonantrag dozou. Vlächicht fannt dir och nach weider Kategorië vu Wieder am „Nei-Lëtzebuergesch“!

Guy REWENIG

De Korrekter

In: Guy Rewenig: **Do wéinstens däi Sonnebrëll aus, wann s de mam Kapp duerch d'Mauer renns**. Geschichten an Erzielungen. Éditions Guy Binsfeld, Lëtzebuerg 2017. S. 303–308.

- Ech si mat de Korrektur fäerdeg, Här Wolak. Ären Text ass grosso modo an der Rei. Just ee Saz schéngt mer diskutabel.
- Da musse mer diskutéieren.
- Dir schreift: *De Fomfatz fuppt mam Dibbelwäppchen, am Bullbatz frotschelt d'Krommelplauch*.
- Wat ass dann do net gutt?
- De Fomfatz fuppt net.
- Wat mécht en dann?
- En daddelt.
- Dat hunn ech nach ni héieren. Bei eis doheem huet de Fomfatz ëmmer nëmme gefuppt.
- Bei Iech doheem, Här Wolak? Wou ass dat, wann ech froen däerf?
- Zu Uewerniddereng.
- Dann ass dat vläicht eng lokal Exceptioun. E Partikularismus. Well am Rescht vum Land gëtt et kee Fomfatz, dee fuppt.
- Ech komme jo awer net aus dem Rescht vum Land, mee vun Uewerniddereng. Da schreiwen ech och wéi en Uewernidderenger.
- Wat ass eise Fomfatz haut nees verdaddelt, huet meng Mamm ëmmer gesot. Elo daddelt e schonn dräi Stonne laang.
- Eise Fomfatz hätt net am Dram dru geduecht, ze daddelen. Hie war total verfuppt. E Fuppert, wéi en am Buch steet.
- Mee den Dibbelwäppchen, Här Wolak. Dir schwätzt dach vum Fomfatz sengem Dibbelwäppchen. Normalerweis gëtt domat gedaddelt.
- Wat heescht normalerweis? Mir halen eis dach net un d'Norm. Bei eis doheem gouf et Dibbelwäppercher, déi hu vu mueres bis owes geprinschelt. Well de Fomfatz mat hinne gefuppt huet.
- Geprinschelt? Den Dibbelwäppchen? Kann deen dann iwwerhaapt prinschelen? Ech mengen, autonom?
- Ma sécher. Wann de Fomfatz gutt mat ëm fuppt.
- Dat ass eng gewote Metapher, Här Wolak. De Blitschblatsch prinschelt. Jo. De Grällonk prinschelt. Jo. Awer den Dibbelwäppchen?

- Däerf ech och emol eppes soen? Hutt Dir schonn e Grällonk erlieft, dee prinschelt?
Bei engem Blitschblatsch kann ech mer dat nach virstellen. Mee net bei engem Grällonk.
De Grällonk mompelt. Oder e knapselt.
- Dat hunn ech nach ni héieren. Bei eis doheem huet de Grällonk ëmmer nëmme geprinschelt.
- Bei Iech doheem? Wou ass dat, wann ech froen däerf?
- Zu Daupelgrapperdeng.
- O mei. Déi Daupelgrappeldenger si jo awer bekannt.
- Woufir?
- Fir hir ënnerentwéckelt Sproochkultur.
- Dat heescht?
- En Nascht voller Dyslexiker.
- Wat?
- Daupelgrapperdeng.
- Dat muss ech awer elo kategoresch dementéieren, Här Wolak. Déi Daupelgrapperdenger si bekannt fir hir linguistesche Originalitéit.
- Esou kann een et och nennen.
- An dann hätte mer nach e kleng Problem. Dir schreift: Am Bullbatz frotschelt d’Krommelplauz.
- Gefält dat Iech net?
- Ass et méiglech, datt Dir de Bullbatz mam Mischelpotz verwiesselt?
- Nän. Ech mengen de Bullbatz. An ech schreiwen de Bullbatz.
- An engem Bullbatz ka jo awer keng Krommelplauz frotschelen.
- Dat weess ech och. Dat ass meng poetesche Fräiheet.
- Da froen ech mech, ob d’Krommelplauz frotschelt?
- Wat soll se da soss maachen?
- Si zatschelt.
- Dat ass pur Ideologie.
- Wéisou?
- Zatschelen ass e reaktionäre Begrëff. An och nach sexistesch. Ech fänken awer net un, am patriotesche Bulli ze piddelen. Bei mir gött net gezatschelt. An zwar prinzipiell net.
- Da schloen ech vir, d’Krommelplauz z’ersetzen duerch d’Brimmeldätsch.
- Firwat?
- Dat ass méi eendeiteg. Do ass d’Ambiguitéit fort. An eng Brimmeldätsch ka vun Natur aus perfekt frotschelen.

- Däerf ech eng prinzipiell Bemierkung maachen? Ech kann d'Brimmeldätschen net ausstoen. Zanter menger Kandheet ginn ech verfollegt vun de Brimmeldätschen. Si gi mer gewalteg op de Sak. Déi blatzeg Brimmeldätschen. Déi eekeleg, verbrueten Zickdommelen. Esou eppes Zickdommeleges wéi d'Brimmeldätsche misst verbuede sinn. Et ass mir komplett egal, ob d'Brimmeldätsche frotschele kënnen oder net. A mengen Texter gött et keng Brimmeldätsch! Ass dat kloer?
- Ech hätt e Virschlag, Här Wolak. Mir loosse dee ganze Saz ewech.
- Wéi ee ganze Saz?
- Dee vum Fomfatz a vum Bullbatz.
- Aus wéi engem Grond?
- E bréngt näischt. En ass zevill.
- Dat géif mech wonneren.
- Am Saz virdru sot Dir, datt iwwert der jappkëlzer Gämmelfeipchen eng zampelech, schwaarz Lotschemutschel hänkt. Am Saz duerno sot Dir, déi Lotschemutschel wär am Gaang, lues a lues verpimpelt ze fluddabunzen. Dat ass jo schlësseg. Do brauche mer de Fomfatz an de Bullbatz guer net dertëscht.
- Wéi soll eng Lotschemutschel da fluddabunzen, wann d'Krommelplauz nach guer net gefrotschelt huet?
- Si fluddabunzt ebe vum selwen.
- Nän, vum selwe fluddabunzt se net.
- Loosse mer de Saz dann elo ewech, Här Wolak?
- Nän. Op kee Fall.
- Da soen ech Iech Merci fir Äre fantasteschen Text.

Méiglech Aufgaben

- a. Erkläert – ouni déi erfonnte Wierder aus dem Text ze benotzen – wourëms et an dësem Gespréich geet.
- b. Zielt d'Grënn op, déi déi zwee Personagen uginn, fir hir Positiounen ze rechtfertegen. Iwwerleet iech fir all Grond e Beispill aus dem Standardlëtzebuergeschen.
- c. Wielt an der Klass e puer Sätz aus engem aneren Text aus. Bilt da Gruppen a leet eng Vokabelslëscht mat zéng Schlësselwierder aus deem gewielten Abschnitt un. Erfannt fir dës Wierder eege Wierder an drot se an är Vokabelslëscht an.

Liest är nei Versioun vum Abschnitt vir. Diskutéiert an der Klass: Wat fir eng Léisungen hunn iech am beschte gefall? Wouduerch kann een seng erfonnte Wierder besonnesch witzeg maachen? Wou sinn d'Grenze beim Erfanne vun dëse Wierder?

Tipp: Besonnesch gutt geet dësen Exercice mat dem Text *Poulet mat Fritten an Zalot* vum Jean-Paul Jacobs.



An dësem Deel vum Reader fannt dir den Ufank vun deene Romaner, déi um Programm fir d'4^e proposéiert ginn. Doriwwer eraus sinn nach aner Romaner op Lëtzebuergesch uginn, déi entweder Theemen opgräifen, déi op der 4^e am Unterrecht kënnen behandelt ginn oder kënnen behandelt ginn oder sech speziell mat Kandheet a Jonksinn beschäftegen.

Roger MANDERSCHIED

schacko klak

biller aus der kandheet (1935-1945)

Editions Phi, lechternach a Lëtzebuerg 1988. S. 9-18.

1. De Generol Pinnocchio Woner Jhang vu Conter an Izeg

de grousspapp.

fänke mer mam grousspapp un. e grousspapp as ëmmer e gudden ufank. fir e „krappschass“ as e grousspapp souguer dee beschten ufank, deen ee sech virstelle kann.

a nët nëmme fir e „krappschass“. och fir e „boxeschësser“. fir e „blatzkueder“. fir e „biddesécher“, pardon, wéi ech ee war. wéi ech ee war? oder hien? wéi hien ee war. hien: dee „klengen“. dee „jéngsten“. de „naschtquakert“. de „jéngi“. de „jeizi“. den „toxi“.

pinnocchio: e klengen, schwaarze pinnocchio, ging ech haut soen. a sengem sonndesse fuedem: been, wéi dënn, kromm uewepäifen. o-been. a kleng, wéi gesot. Gestuckelt: de grouss-papp. verdruddelt, wann en do gewetzt as iwwer de knäppchen, eng madrill ënnert dem aarm, den hummer am grapp, e kraiongstomp hannert dem ouer. wéi aus holz geschnëppelt. eng popp vun engem grousspapp. e stuel vun engem bopa. nach haut mengen ech dax, ech hätt an all paltongstäsch esou e klenge grousspapp sëtzen. e passt jhust a meng hand, wann ech eng fauscht maachen.

ëmmer um dill: deemools. vu fënnef auer muejes bis ellef auer owes. op sengem kapp stungen e puer gro fliichten d'lut aus, wéi wann e bauer mat der méimaschinn op der wiss e putsch gras vergësst ze méien.

kee falschen zannt am monn. nët drop aus, déck ze halen, ze téinen, ze deedechen: nolauschteren. dat konnt hien. wéi keen zweeten. dann hu seng kleng, wässreg-blo ae gefénkelt, an all wuert, och dat klengst, war bei him gutt opgehuewen. nët grouss, wéi gesot, de grousspapp. awer papp. papp vun zwee kanner: engem jong an engem meedchen. aus em jong sollt mäi papp gin. dovunner spéider.

ni as hien an d'vakanz gefuer; eng kéier mam gesank op verdun. en hat keng krankekees a keng pensiounskees. dat, wat en hat, an dat huet keen him ewechgeholl: en zwielefstonnendag: pang, pang. knupp, knupp. huwwel, huwwel. de woner. de knäppches jhang. op senge wéinege schréftstécker, déi de bréifdréier bruet huet, an déi ech haut nach hei zu berlin an enger schongkëscht versuergen, stung „stellmacher“.

de woner jhang. ni e brëll op der nues. Nach 1944 nët, wéi e mat 84 joer gestuerwen as. ech zielen op, wat hien hat:

e klengt haus,
véier kéi,
fënnef schwäin,
eelef henger,

een hunn, deen all muejes esou fiirchterlech gekréit a gekäckst huet, wéi wann en angscht hätt, jhust haut ging säi schéinstent hong am kachdëppe landen,

dräi bridder,
 véierzéng kanéngercher,
 ee gaart,
 eng wierkstat,
 dräi holzschäpp,
 zwou kazen,
 schnéiwäiss hoer, *wa se frësch gewäsch waren*,
 dräi kannskanner,
 sechs uebstbäm,
 dovunner

1 birebam

1 quiddebam

1 réngglottebam

1 äppelbam, un deem all zweeten hierscht 1 verknadderten apel hung.

en hat vill ze doen, nët vill ze laachen. de bopa jhang. mä grousspapp. an engem kolléischsaufsatz hat ech ugesat, fir hien ze beschreiwen: „Mein Großvater war schlank wie eine Tanne und sehr groß. Um seinen schmalen Kopf flatterten lange, silbergraue Haarsträhnen im Frühlingswind.“ dat war 1950, op der troisième. haut muss ech laachen iwwer mäin dichteresche külllo vun deemools. well a wiirkechkeet ware seng hoer zwar gro, mä plätschnaass vu schweess an u seng kapphaut ugepecht.

de woner jhang war nët nëmme woner. vum holz as deemools scho kee méi richtig sat gin. hie war och bauer. kéibauer. wéi d'duerfleit, nët ouni géftdrëps op der zong, dat genannt hun. *a vun der kéibaurerei kann ech e liddche päifen: d'kéi ware jorelaang meng beschte frëndinnen. ech hu mat hinne geschwat, wann ech eleng mat hinne war. ech an d'kéi? d'kéi an hien? dee klengen dohannen, dee gif mat de geneelte schong a mam bengel am grapp, hannendrun, ënnerwee fir an d'perch: ee bild an elauter.*

wir deemools am spéide summer vum joer 1944 dat grujhelegt ongléck nët geschitt, mäi grousspapp wir honnert joer al gin. deemools war fir d'éischt en dokter bei him am haus. *e jhinekolog, stell der dat vir. awer dat as eng aner geschicht.* an dee konnt, leider, och nët méi hëllefen.

vu wou hien hir war?

vu conter, aus em nopeschduerf.

wéini hie gebuer war?

een ablack: 1860. als eelste bouf vun engem woner.

wéini hie bestuet as gin? a mat wiem?

1890. mat engem woner sengem meedchen. aus mengem elterenhaus. dat d'duechter war vu mengem urgrousspapp.

de woner jhang. mat senge kromme been, senger grompereger nues, – e getschert, fir riteraas ze soen, – sengem kludderege schnurres. mat sengen zerschënnten hänn, senge vum schaffe krommbockelege fangeren. dee groussen déirefrënd. niewent deem kleespere gas, – zwou flamen –, sutz en owenterlaang op engem kichestull, d'kaz ze heemelen; mat deene selwechten hänn. iwregens hun ech hien ni gesinn an d'hänn späizen, wéi mäi

papp. deen huet dax d'hänn viru sech gehalten, allebéid niewenteneen, an eng rotz komme gelooss, déi et a sech hat.

– himmelnondidjōnammol, hiefs de dech elo, oder nēt?

an de bam huet sech gehuewen. zantimeter fir zantimeter. dat war dax e mätsch, dee stonnelaang gedauert huet. virum haus am atelier, „an der wierkstat“, hu mäi papp a mäi grousspapp zesumme geschafft. matenee gesproocht, gejaut, gewuddert, gehummert a geseet. dee leschte saz vu mengem kolléischsaufsatz gung esou:

„Plötzlich tauchte hinter dem Giebel hervor ein Baumstamm auf, an seinem einen Ende getragen von Vater, an seinem anderen von Großvater.“

de woner jhang. hie war all dag em fënnef auer op de been, huet d'feier an der kachmaschinn ugefaangen, am risege waasserbiz waasser fir de kaffi opgesat, as dann op d'heegenn geklommen, fir op enger leeder, déi laanscht den heekoup stung, mam heekrop hee ze rappe fir d'kéi. deemools war hie schon en ale mann. scho jorelaang grousspapp. dräizéng joer laang hun ech mat him zesummen an deemselwechten haus gelieft, vu mengem gebuertsjoer 1931 u bis zu sengem dout am joer 1944. a mengem aufsatz hat ech dat blot vum himmel erofgedicht:

„Lange glaubte ich fest daran, daß mein Großvater als Großvater auf die Welt gekommen sei.“

en huet näischt gedronk, nēt gefëmmt, wéineg giess. kee botter op d'schmier gemat, keen zocker an de kaffi. de kazefrënd. *elo sëtzt en do, a menger erënnerung, niewent deër hellbloer kachmaschinn um gouerege kichestull, mécht nēt mat bei de gespréicher, déi ronderëm de kichendësch klackenhaart oflafen, oder iren ech mech? op sengem schouss mécht déi kaz eng bull, déi op sengem doudesdag an nach eng woch duerno duerch d'ganzt haus no him siche gaang as an dobäi esou gejaut huet, datt et engem duerch muerch a schank gung.*

e fléckt de baueren hir gebrachen täisselen, feilt hinnen hir stompech seën, verkeeft hinnen neel, am stéck meeschtens, fabrizéiert nueden, felgen, speechen, huet bal ëmmer eng al, gréng stuerzekap um kapp, déi esou speckeg as, datt se ronderëm de stuerz glënnert. keen auto natiirlech, keen téléphone, mol kee velo. awer: aarbecht. soss näischt, wéi aarbecht. seng hänn, an och déi vu mengem papp, hun ech dax gesi bludden, ëmmer ware se geschënnt oder zerschréipst.

op enger vun deene puer fottoen, déi ech vu mengem grousspapp hun, – eng fotto mat engem brongstéch –, steet en do, vrun der wierkstatsdir, schief, wéi verluer, wéi wanns d'e perchepoul an de buedem geschloen häss. sonndes fir an d'houmass war hie ganz schwaarz an däischter, *wéi e bauer an der po-géigend, denken ech elo; deër hat ech der e puer op der hochzäitsrees kennegeléiert, agequëtscht a senge boxeréier, déi uewepäifen, gefaangen a sengem vill ze vill enke kostümm, wéi de wäin an der fläsch, a wéi e stopp sutz um kapp deen zertéitschten hutt, méi am kapp, wéi uewendrop, fir genä ze sin. kanns de dech nach drun erënneren, dass hie bei feierlechkeeten deen extra-groussen, ronnen hutt opgesat huet, pechschwaarz a breet wéi e prappeli, wéi soss am duerf kee bauer een hat? ech hun hie bewonnert wéint deem fantasteschen hutt, dee mech vun der form hir un déi zort scoutenhitt erënnert huet, wéi d'amerikaner se am éischte weltkrich ophaten, an déi ech vu fottoe kannt hun, mä ech hun hien awer och wéint sengem kuraasch bewonnert, anescht ze sin, wéi d'leit aus dem duerf, wann och nëmmen a froen, déi mat der moud ze din haten.*

dobäi hat en deen hutt einfach nëmme vu sengem papp, mengem urgrousspapp also, gëierft, an deen huet misse gedroe gin. wann en deen hutt um kapp hat, gesouch en aus, wéi wann en an d'geheimnis vun der welt ageweit wir. oder as dat iwwerdriwwen? wann ech un hien zrëckdenken, huet en ëmmer dëse risegen hutt op: de generol pinnocchio kéibauer woner jhang vu conter an izeg.

wat war de „pissert“ da schon, vergläch mat esou engem grousse meeschter? e kiewerlék? eng seechomes? e jäizert? „lo fänkt dee schon nees u mat blären.“ „muss deen äis ëmmer hei an der wierkstat an de féiss trëllen?“ „wann dee nët gläich ophält, weess ech nët, wat ech maachen.“

hien huet eemol am joer zwéin humpe gedronk, zesumme mat mengem papp op deemselwechte wiirtschaftsdësch, bei eisem noper, *deens du jo ganz gutt kenns, well et däi grousspapp war*, kiirmessonndeg, no der feierlecher houmass. de grousspapp as an d'kiirch gaangen, meng mamm a mäi papp a meng tatta a mäi brudder a meng schwëster sin an d'kiirch gaangen. jhust dem eisebunnert schmitt seng fammilljen as nët an d'kiirch gaangen, an dem beierche mallert seng fammilljen as och nët an d'kiirch gaangen. *weess de dat nach?* ech sin natiirlech och an d'kiirch gaangen. de paschtouer vun deemools, deem säi numm ech vergiess hun, as all woch e puer mol an der wierkstat agelaf, fir laudenhaart gesprécher ze féieren, déi meng zwee papp wéint dem kamméidi vun der seemaschinn oder dem souere vun der huwwelemaaschinn nëmmen hallef matkritt hun. de paschtouer hat eppes géint d'fammillje schmitt an d'fammillje mallert, an huet dat däitlech ze verstoe gin. dorobber huet ni ee vu menge papp geäntfert. *wat hätte si och sollen äntferen? gell? du „krappert“, du „krappschass“, du „schësser“, „huel d'fangeren aus der nues“, „zéi nët an engem stéck un dengem pullower“, „spill nët mat deem schaarfe schloper do.“*

vläicht hei e puer sätz iwwer d'kichen: déi hat eng fënster iwwer engem donkelbloe waassersteen aus schiefer, an duerch d'fënster huet een an e schmuelen, nëmme stonneweis vun der sonn mat wibbelege kréngele belieftenen hannerhaff gekuckt, an deem de noper, mäi grousspapp a mäi papp, am zweete weltkrich, heemlech schwäi geschluecht hun. schwäin, déi mäi papp nët ugemellt hat. well och d'schwäin an d'hénger an d'kanéngercher huet een deemools missen umellen. „Erfassung des Groß- und Kleinviehbestandes“, ir d'gemetzels lassgung, goufen an all dire grompresäck gestoppt an och déi allerklengste spléck am holz as mat reschter vun ale kleeder zougestëppelt gin: fir datt ee vun dobaussen op der strooss d'kreesch vun de schwäin nët sollt héieren. dem déier as mat engem seel d'schnëss zougestréckt gin, dat nach derbäi, sou datt d'gefor kleng war, datt ee, wann alles glat iwwer d'bühn gung, méi zu ouere krouch, wéi e verzweiwelt, halleferstéckt grunzen. deemools war eis kichen a mengen ae grouss, wéi iwwerhaupt mäin elterenhais sech mat de joeren an e risegt, herrschaftlecht hais verwandelt huet mat onheemlech villen zëmmeren, trapen, diren, gäng, schlëff, ecken, späicheren, kelleren. a mengem kapp allerdengs nëmmen. a wirklecheet war d'kichen enk, zimmlech kill, momentweis zappenduster, ficht munnechmol och, däischter, fir dran ze fäerten, mat engem schwéieren dësch laanscht d'mauer, deen als iessdësch, als mull fir ze baken, an als metzeleschtéik huet missen duerhalen. op deër plakeger hëlze plack goufen déi schladdreg träipekéip vun de schwäin hin- an hirgestouss, ausernee getesselt an zerschnidden, gouv d'gedäarms mat stompege messeren eidel geschruppt, eppes, dat firchterlech gestonk huet, duerch d'ganz hais, en eeklege geroch, dee sech fir wochen a méint an deenen hoerdënne rëss vun der

uraler dëschplack festgesat huet a meng verzoten hongergefiller, no dräi deeg abstinenz, mat engem giirksen erstéckt huet, wéi wanns de dech miss iwweggin. jorelaang hun ech kee fleesch giess. *awer dat weess de sécher nach? oder? déi séisselschaarf schluechtmessen, déi mäi grousspapp, an zeitungspabeier agewéckelt, aus dem atelier, wou se um schläifstee frësch geschlaff gi waren, d'trapen erop an d'stuff bruet huet, an déi hanner dem haus an der sonn ugefaangen hu gëfteg ze blénken, hu mech bal zur verzweiflung gedriwwen. nët ee wuert huet mäi grousspapp jee mat mir iwwer déi bluddeg messerpickerei geschwat. och mäi papp huet näischt doriwwer gesot, mäin dafstomme monni esouwéissou nët, och nët meng tatta oder meng grouss schwëster. mäi brudder, zwee joer méi al wéi ech, hat spaass un der saach, ëmmer war hien an der noperschaft vun de leit, déi gepickt, gestach, gekäicht, gekeimt a gestemmt hun. an engem vu mengen nächste bréiwer hun ech wëlles, op dëst bluddegt geschäars hannert eisem haus zrëckzekommen, deemools huet et mech krank gemat, dat geschluechts.*

„wat stees du dann do ze afen?“ „ma dech an d'haus eran.“ „dat as näischt fir kanner.“ „a botz deng schnuddelen, wat hues de nees fir klackeseeler do hänken.“

d'kichen also: mat hellbloer plättercher gerëscht, hellblo, wéi d'faarf vun der emaillierter kachmaschinn, déi flott gedréite féiss hat an op der rietser säit e längelzeche, sëlwege waasserkessel mat engem deckel. dee kessel huet wäit ënner d'kachmaschinnsplack erofgereecht an ëmmer wotelecht bis waarmt waasser prettgehalen. dann de mauerschaf: uewe glasfënsteren, ënnen holzdiren, an deem d'geschir fir z'iessen an d'dëppe fir ze kache stungen, meeschtens bëlleg telleren, tassen, schosselen, zallettercher, déi de lompekréimer fir een oder zwéi säck al kleeder no stonnelaangen diskussiounen erausgeréckelt huet. zweemol am joer gouf de mauerschaf ausgeraumt an d'geschir uerdentlech gebotzt. aus den déifte vun der schafenhiel si saache wéi aus engem märchen opgedaucht, déi ee soss ni ze gesi krouch: zwou echt chinesesch parzeläinstasen, déi esou dënn waren, dass een derduerch kucke konnt, eng herrlech sandauer mat rengem, roudelzechem miersand, eng gliese figur mat engem opgespaantene prappeli am grapp, dee wäisse marberkapp vun engem bouf, deen e buch gelies huet, an e ganze koup sëlwerläffcher. ech sutz beim dësch, deenen dräi fraen nozekucken, wéi se déi wäertvoll fammilljestécker virsiichteg gewäsch, ofgedréchent an zrëckgestallt hun. meng mamm, meng tatta zëss a meng grouss schwëster, d'nell. wann een d'onglück hat, eng vun deenen deire saachen, déi a wiirkechkeet krom waren, aus den naassen hänn wutschen ze loossen, an de gliesene bop mam prappeli as op de plättercher an dausend stécker gefuer, war d'katastroph do: d'papp si geruff gin, kummen aus der wierkstat erop mat roude käpp, hu gejaut a gedeedegt, a versicht, mat hiren ongehuwwele fängereng d'schierbelen nees zesummenzesetzen a mat schräinerläim uneneen ze pechen. Dat hu si ni fäerdegbruet. an awer hu si et ëmmer nees probéiert.

niewent dem mauerschaf gung eng trap an de kéistall erof. eng trap mat aacht trapplécken, déi dax a menge kannerdräm opgedaucht as. besonnesch an deene béisen. aus em stall erop huet een d'kéi héieren idderzen, schnauwen, un de kunde rappen a mat de féiss am stréi schären. souguer dat schmuelt, samettecht gedäisch, dat de mëlleschfuedem am eidelen eemer gemat huet, konnt ee vun hei uewen aus héieren, wann d'kéi gestrach gouwen. an der mëtt vun der kichen hung vum plaffong erof eng gasluucht mat engem strëmpchen dran, deen iwwer déi laang hierscht- a wanterowenter eng schaarf hellegkeet verbreet huet,

déi ee mat engem riedche konnt regléieren: erofschraue bis op näischt, wéi dat am krich dax geschitt as, fir gas ze spueren. ech hu mer méi wéi eng kéier, wa jhust kee wéi derbäi nach no war, e stull gefëscht, fir esou un d'riedchen ze reechen a mat kiirpen an dréien déi aarmséileg atmosfär eng grëtz ze beliewen. *ech haasse schappech beliichten zëmmeren, vun deemools un. wees de dat nach?*

– wien huet nees heemlech un der gaslut gekniwwelt? huet mäi papp geroost. wann ech erausfannen, wien ëmmer nees un deër lut fengert, schloen ech deem dropmecher eng fatzeg an d'akaul.

wéi ech kleng war, war d'kiche meng welt. duerno war et d'haus, duerno d'duerf. wann ech, heemlech, un der gaslut gefummelt hu bis hannenhin, as d'sonn opgaangen iwwert der kréibänk

also:

feier,

hee,

kaffi,

täisselen,

brout,

am wanter e schlitt fir d'kanner,

huet de grousspapp gemat,

teimere gefléckt

schong,

veloen,

platter am velo,

gebrache fënsteren,

mengem brudder d'hoer geschnidden, ouni zallettchen um kapp,

kaze gestréilt,

äppel gebroden um uewen,

kéi gefiddert a gestrach,

eër opgehuewen an de näschter,

mais an de fale gefaangen, déi en am ganzen haus dorëmmer opgestallt huet,

hénger mam beilen de kapp erofgeschloen, um stack, an der wierkstat. *hues du jee eng kéier en hong ouni kapp gesi fléien? ech schon.* och war mäi grousspapp de regisseur, wann eng kou gekaleft an dobäi d'halleft duerf sech am stall versammelt huet, fir beim zéien eng hand unzepaken.

grousspapp: grousse, grausame meeschter, kazefrënd, kannerfrënd, metzeler, schluechtert, ech hat dech gär, ech hun dech gefaart, a menger kandheet huet bal ëmmer d'sonn geschéngt, (och alt nees esou eng ligen, gelt?) mä du bas heiantdo virdru getrëppelt an dann as de schiet äiskal iwwert ee gefall, wéi am éislék an den däller, nomëttes em véier, wann d'schieder iwwer dech falen an dech schuddere loossen.

Cathy CLEMENT

Aleng

Roman fir Jonker. Op der Lay, Esch/Sauer 1996. S. 8-15.

[...]

1.

Du wolltest ein Spiel
 namens Liebe spielen,
 du hast es mit mir gespielt,
 und ich verlor.
 Du nahmst keine Rücksicht auf meine Gefühle,
 du wolltest nur gewinnen,
 dir war jedes Mittel recht.
 Am Anfang gefiel mir dieses Spiel,
 es war aufregend.
 Doch als das Spiel endete,
 spürte ich einen Schmerz in mir.
 Ich hatte verloren –
 was ich am meisten liebe –
 dich.

Et huet eng Kéier ee gesot, wann s de eppes wierklech hale wëlls, da looss et fräi, wann et dann zu dir erëmfënnt, gehéiert et dir fir ëmmer an éiweg; wann net, da war et souwisou ni richtig däint.

Da weess de Bescheed ... mee, wëlls de d'Wourecht wierklech héieren?

*No I can't forget this evening
 Or your face as you were leaving
 But I guess that's just the way the story goes
 You always smile
 But in your eyes
 Your sorrow shows,
 Yes, it shows*

Wéi ech de Mike fräigelooss hunn, wosst ech schon, dass hie mir ni richtig gehéiert huet ... hien huet nuets bestëmmt net vu mir gedreemt, virum Aschlofen net u mech geduecht, a wann awer eng Kéier, da just, well hie säi Spaass mat mir hat!
 Ech kann zwar net behaapten, dass ech ni Spaass mat him hat, mee dorëm ass et mir am Häerz net gaangen. Et wor mir am Ufank egal, dass hien nach eng Frëndin hat, mee ech hu mech dono ëmmer méi oft bei deem Gedanken erwëscht, wéi schéin et wier, hie fir mech ganz aleng ze hun ... wéi deemools, wou mir zesummen an de Bësch spadséiere waren.

Et war Fréijoer, an et war déi éischte Kéier, dass mir aleng matenee waren. Mir sollten eis virun der Kierch treffen ... Am Ufank hat ech hie guer net erkannt. Ech hat hie well dräi Méint net méi gesinn, an an där Zäit hat hien seng Hoer wuesse gelooss. Hien hat ee bloen Overall un an huet superséiss ausgesinn. Am Ufank duecht ech: „Wat ass dat da fir ee léiwe klenge Portugis ... oh, merde neen, 't ass mäi klenge Mikchen!“

Mir hunn ons Moie gesot, eis op de Bak gekusst a sinn nach eng Kéier bei hien heemgaangen, well hien sech wollt anescht undoen.

Seng Eltere waren och ganz léif mat mir (net sou wéi dem Yves seng), an ech war gehierlos frou! Ech hat dem Mike een Apel matbruecht, an deen hu mir giess, wou mir net wossten, wat mir sollte schwätzen. Et war déck peinlech!

Ech wosst, wat ech wollt, an hien och. De Problem war just deen, dass ech net wosst, ob hie mech nees eng Kéier géing wëllen, well hie jo dunn eng aner Frëndin hat.

Mir lungen also mol eng Stonn zesummen am Gras an hunn ons lues geheemelt. Ech ka soen, dass dat dee glécklechste Mëtteg a mengem Liewe war. Mir kruten eis mateneen an hunn eis ausgedoen. Et huet keen eis gestéiert, an ech hat dat Gefill, dass mir voll firenee bestëmmt wären ... mee leider war dat nëmme fir dräi Stonnen. Säi Papp huet sech opgereegt, well mir vill ze spéit heemkoumen. An dat war et dann. Ech konnt nuets net méi schlofen, well ech just nach un hie geduecht hunn.

Mee sou Mëtteger oder Nuechte wéi dës sinn der nach vill nokomm, an ech sinn déi Zäit wierklech vun engem Extreem an dat anert gesprongen.

Mir haten eis dunn iwwer aacht Méint, all Kéier, wou mir ons gesinn hunn, mateneen, a wat ech méi glécklech bei him war, wat ech méi traureg dono war. Ech froe mech wierklech, wat déi aacht Méint am Mike sengem Kapp virgaangen ass. Huet hie mech wierklech just sou perfekt a léif ausgenotzt, oder hat hie wierklech eppes fir mech iwwreg a wollt dat awer just net zouginn? A wou ech hien do fräigelooss hunn, an hien as net méi zeréckkomm, du hat ech meng Wourecht ... mee ech war net frou iwwert se.

*No I can't forget tomorrow
When I think of all my sorrow
When I had you there,
But then I let you go
And now it's only fair
That I should let you know,
What you should know:*

De Mike wor mäi Liewenszil, an dat ass et indirekt nach ëmmer ... ech wëll hien nämlech gär bestueden ... a wann hien net wëll (wat zu 98% sécher ass), da muss ech mech eebe mat engem Yves beglécken an sou endege wéi meng Mamm.

*I can't live
If living is without you,
I can't live
I can't give anymore*

Mariah Carey

Mike, ech verlaangere sou schrecklech no dir.

An ech sinn, trotz allem, wat s du mir ugedoen hues, der Meenung, dass du mäin Deckel bass. Och wann s du dovun näischt wëlls wëssen.

Eng Zäit (néng Méint) war et och mam Yves sou gutt wéi wonnervoll. Mir haten eis an enger Vakanz a Südfrankräich kenne geléiert. Ech hat 13 Joer. Hie war mäin éischte richteg Frënd, an dat warscheinlech, well ech mech bei him a Sécherheet gespuert hunn. Ech konnt stonnelaang roueg a sengen Äerm schlofen, ouni mech dowéinst ze schummen. Ech konnt bei him kräischen ... an hien och bei mir. Do war dat Vertrauen, dat zwar beim Mike ni do war, mee wat ech sech do och net zerstéiere gesinn hunn. Den Yves hat mech dem Mike virgestallt, an ech war direkt hin und weg vun deem senger Schéinheet. De Mike ass wierklech wonnervoll ... en huet riicht brong Hoer, grouss Zänn, eng wäiss Haut, an en ass grouss, sportlech an dënn. Den Yves ass genau de Contraire. Mee ech hat hien och gär; et war just net sou geheim an opreegend wéi beim Mike. Beim Yves konnt ech mech ni faleloossen. Ech duecht ëmmer, hien hätt just Sex am Kapp, an dobäi hat hie mech schrecklech gär, wat ech vum Mike gemengt hunn.

Mengen a Botter schäissen ass eeben nach ëmmer zweeërlee!

2.

Firwat?

Merde, ass dat dann näischt, wann ee mat enger Pëllevergiftung 3 Deeg an der Clinique läit? Ech hunn se dach net fir näischt geholl! An och net aus Dommheet, mee well ech et net méi ausgehal hunn!

Den Dokter hat mäi Papp gefrot – firwat?

Seet deen dach tatsächlech Liebeskummer! Egal wat.

Mat mengem Häerzeleed sinn ech nach ëmmer selwer eens ginn ...

Bon, den Yves hat mir de Kuerf ginn, well ech weidererzielt hat, dass mir am Walibi matenee geschlof haten, an hien hat mir dee super Bréif geschriwwen, dee meng Mamm fonnt hat a mengem Papp gewisen huet. Déi zwee ware gehierlos rose mat mir, hu mir de Kino verbueden, obwuel ech owes do ee Rendez-vous mam Mike hat. Den Yves hat nämlech geschriwwen, ech hätt mech verännert – zum Schlechten. Mee lies selwer:

E Bréif eng Woch virum Matenee-schlofen-a-Schluss-maachen:


Cathy!

Ech weess elo nach net, wéi dese Bréif ophale soll, oder ob ech en iwwerhaupt fäerdeg schreiwen.

Ech wëll dech op kee Fall verléieren, an dofir wëll ech och net Schluss maachen. Du hues dech vill geännert säit mir zesumme sinn, an ech weess net, ob dat soss och geschitt wier oder ob et wéinst mir ass.

[...]

Jhemp HOSCHEIT Perl oder Pica



Roman. Editions Schortgen, Esch-Uelzecht 1998. S. 7-12.

Ech weess net, wuer ech kucke soll. Kucken ech erop, gesinn ech de Wecker um Kicheschaft. Kucken ech erof, gesinn ech den Teller. Am Teller, eng Päckelcherszopp. Ech kucken huer-teg erop.

„Nach zwou Minutten“, seet mäi Papp.

Dee Bléck! Hien huet säin Teller schonn eidel. An en huet eng Auer am Kapp. Hie weess, wéi laang zwou Minutten daueren. Net sou laang wéi fir mech. Meng Mamm a meng Schwëster si roueg. Jidderee spiert, datt elo gläich eppes geschitt.

Uewen op der Britt schwamme fetteg Guckelcher. Klenger. Grousser. Si hu mech am A. Si réieren sech net. Aus Angscht oder aus Scholdgefill. Ënnert de Guckelcher, ënnen um Fong, leien d’Wermischel. Dënn, giel Wiermercher. Déi kréien ech erof. Déi rutschen! Ech spieren se net, wann ech s’ofschlécken. Awer déi kleng Geméisstécker, déi hott an har an der Supp leien, déi spieren ech. Och mat den Aen zou. Rout a gréng Stécker, wéi kleng Pabeierfatzen. Si schmaachen och no Pabeier. Geméis aus Pabeier. Papegen Dreck aus engem Päckelchen. An dat nennt meng Mamm eng Zopp. Déi kleng Geméisstécker rutschen net wéi geschmiert duerch meng Schléck. D’Wiermercher eleng, déi krit ech jo nach erofgespullt. Awer déi krazeg Geméisstécker net. Déi bleiwen um Gomm pechen. Wéi eng Hostie, wann ee kee Spaut méi huet. Da kann ee mat der Zong schären sou vill ee wëllt, wann se pecht, da pecht se. D’Pabeiersgeméis ass grad sou zéi.

„Schléck!“, seet d’Josette. „Schléck dach!“

Hatt mengt et gutt. Wéinstens een, deem zu mir hält. Ech ka schlécken sou vill ech wëll, déi eekleg Geméisfatze rutschen net vun der Plaz. Ech gierksen, meng Zong gëtt ëmmer méi dréchen. Et hieft mer. Vun elauter Schlécken a Gierksen ass mengem Mond de Spaut ausgang, an d’Stécker bleiwen op där papeger Zong pechen. En eeklegt Gefill. Ech kéint e Löffel mat nëmme Britt drop noschëdden oder eng Schlupp Waasser drénken, fir d’Stécker ewechzeschwemmen. Kéint ech alles! Awer ech wëll net. Dat ass den Hoken.

„Et ass Dreck an der Zopp!“, soen ech.

„Deng Mamm kacht keen Dreck!“, brëllt mäi Papp a schléit mat der Fauscht op den Dësch. D’Guckelcher an der Britt si paff a rippen sech.

De Minuttenzär ass op eng Minutt vrun zwielef gesprong. E weess, datt et gläich rabbelt. Net am Wecker. Um Dësch. Vlächet géif e soss stoe bleiwen. En hält zum Papp an dréint seng lescht Ronn.

„Wann s de deng Zopp net bis zwielef giess hues ...“

Zwielef Auer ass d’Schéizäit.

E klengen, rabbelege Wecker kuckt mat sengem ronnen Zifferblat héich uewe vum Kiches-
schaf op mäi Papp erof, wéi vun engem Troun, a schreift him vir, wéini hien opzestoen
huet. Keng Sekonn méi fréi oder méi spéit. Tick. Tack. Tick. Tack. Tick. Tack.

Et huet kee Wäert, datt ech elo nach ufänken. Fofzeg Sekonne fir eng Zopp eranzefeieren?
E Weltrekord! Mat engem batteren Nogeschmaach. De Papp schäert mam Stull. Gläich
spréngt en op. Meng Mamm réiert sech net. Si géif mer nach e puer Minutte ginn, sou wéi
ech se kennen, eng hallef Stonn, „Dajee, maach d'Aen zou!“ – eng Stonn, zwou Stonnen, bis
ech an d'Schoul misst – „Dajee! maach wéi wann et Sauerampelszopp wier, da rutscht et!“
Wat heescht hei, maach wéi wann! Et ass keng Sauerampelszopp. Et ass meng Liblingszopp
net!

Nach véierzeg Sekonnen. Den Zär ass kuerz vrun der Arrivée. E geet aus dem Suedel. Ech si
frou, datt en et sou gutt mat mer mengt. Gläich ass alles eriwwer. Ech muss et nach drësseg
Sekonnen aushalen. Drësseg Sekonnen. Eng Éiwegkeet.

Zu Munneref, an der Vakanzkolonie, do hat ech et drësseg Sekonne gepackt. Net bei enger
Zopp. Bei der Folter. Drësseg Sekonne war deen neie Rekord. Owes, am Gank, nodeems
de Moniteur mech erwëscht hat. Ech hat hien net an den Dortoir kommen héieren, a krut
meng Täschelut am Bett net matzäit aus. Wann de Moniteur gesäit, datt nach een eng
Täschelut am Bett un huet, gött et eng Strof. Dat wësse mer, awer et geet näischt driwwer,
mam Feier ze spillen.

„Op d'Knéien!“

De Moniteur hält zwee Puer Schung. E stréckt d'Schung mat de Stréckelen uneneen an
hängt s'iwwert meng Handgelenker. Un all Aarm ee Puer. D'Ärm musse mer ëmmer säit-
lech ausstrecken. Wéi d'Flilleke vun engem Fliger. Wien d'Ärm erofléisst, kritt eng geprafft.

„An der Riicht! Héiers de! Soss kriss d'eng gemoult!!“, brëllt de Folterkniecht.

Moies hate mer nach mat vill Zodi d'Sketcher vum Kuelenhändler a vum Stärekuickert
geprouft, mat deem selwechte Moniteur; mëttes, am Park, hate mer d'Kette mam Réngel-
chen drun an d'Kreep gehäit, bei deem selwechte Moniteur, an ech hat déi meeschte Punkte
kritt, an owes huppen ech mat Gewiichter an den Ärm am däischtre Gank niewent dem
Dortoir, wou s'all den Otem anhalen, an niewent mir steet de Moniteur, dee säin zweet
Gesicht weist. Ech hätt gär déi meeschte Sekonnen. A mengen Ärm ass Jelli.

„An der Riicht! Héiers de!“

Dat ass kee Sketch! Dat ass batteren Eescht. No enger Zäit spiers de d'Ärm net méi, an
ënnert der Laascht loossen se d'Läpper hängen.

Ech erënnere mech, wéi ech deemools gezielt hat: „Achtanzwanzeg. Nénganzwanzeg,
Drësseg.“ Neie Rekord zu Munneref an der Vakanzkolonie.

Awer elo, hei um Dësch, ass dat anescht. Et sinn nach genee fofzéng Sekonnen. Mäi Papp
tuppt mam Fanger op den Dësch. Tupp. Dududupp. Tupp. Op den Tualziri. Genee an
d'Mëtt vum Karo. Ech kucken net op de Wecker, net op den Teller. Ech kucken op mäi
Papp. Riicht an d'Aen. Ouni mat den Aen ze zécken.

„Kuckt en an d'Aen!“, sot eis de Lucien am Dortoir zu Munneref. „De Fall gesat, dir musst
iech am Gank op d'Knéie setzen, kuckt de Folterkniecht an d'Aen! Wann der laang op hie

kuckt, da kucken är Aen iech, verstitt der, si kucken eran an iech, wéi wa se soe wéilten, a wie sidd dir dann, datt der op eemol Tréinen an d'Ae kritt, si kucken iech un, wéi wa s'engem anere gehéiere géifen, engem, deen net kräische kann, engem, dee keng Tréinen huët, an eng Stëmm, déi seet, Männchen! du wäerts dach vrun deem Drecksak net an d'Box maachen! Kuckt en an d'Aen!“

Ech kucke mäi Papp an d'Aen. Mäi Papp spréngt op. Zwielef Auer. Punkt Mëtteg. De Fareschwanz läit hannert dem Kicheschaf. E Wutz vun deem geträtzte Béischteknëppel luusst ëmmer hannendrun eraus. Mäi Papp zitt en hannert dem Schaf eraus – Knëppel aus dem Sack! – rappt mech vum Stull, schleeft mech an de Gank. Ech héieren d'Josette jäizen: „Pappa! Net!“

Am Gank ass méi Plaz fir de Fareschwanz. Wann de Knëppel säin Zweck erfëlle soll, brauch en – mam Papp sengem Aarm dobäi gerechent – op d'mannst dräi Meter, dofir geet et net sou gutt an der Kichen, d'Tellere kéinten nach vum Dësch fléien, d'Dëppe kéint vun der Kachmaschinn trëllen, de Kicheschaf kéint eng erwëschen. Oder eng Persoun. Aus Versinn. Mäi Papp verrenkt mer bal den Aarm, ech gesinn nach, wéi meng Mamm sech d'Oueren zouhält an dobäi d'Ielebéi gebéit no vir streckt, datt de lénksen Aarm hir d'Vue an de Gank verspärt, am Gank, wou elo deen haarden awer gewiewege Fareschwanz duerch d'Loft päift an um Enn vu sengem Elan a senger ganzer Längt op mengem Réck niddergeet. Neen, ech dierf keen Toun vu mer ginn. Ech muss op d'Zänn bäissen a mech méi bécken a krëmmen, datt deen haarde Knëppel net mäi ganze Kierper ze spiere kritt. Wann ech elo kräischen oder vu Péng jäizen, hält en op. Dat weess ech. Ech kräischen net. Ech jäizen net. De Fareschwanz flitt aus alle Richtungen op mech erof, laanscht d'Been, op d'Ärm. Dat päift an dat peffert.

„Net op de Kapp!“, ríft meng Mamm.

„Bass de da geckeg!“

Ech zéien d'Schëlleren erop, bécken de Kapp, ginn an d'Knéien a maache mech méi kleng, ech sinn e Kellerschwéngchen, dat sech zesummerullt, a mäi Papp spréngt an danzt wéi en Haalwerweis, danzt a spréngt wéi e Rumpelstilzchen, deen net méi weess, wien hien ass, ech dréine mech am Krees, halen dem Kläpper de Réck dohin, um Réck deet et net sou wéi, de Kläpper wëllt mech an d'Lut zéien, fir mech an d'Riicht ze kréien, awer de Fareschwanz kritt mech net voll ze paken, ëmmer ass meng Hand dertëscht, déi de Schlag opfänkt, en Aarm, deen de Schlag ofwiert, de Kläpper geréit meng Wueden, en heet op mech lass, en heet an en heet, en ass ausser Otem a mat senger geträtzter Gäissel dreift e mech am Gank hin an hier wéi en Dapp.

„Sou!“ seet en a botzt sech mam Aarm de Schweess vun der Stir.

Sou! Net méi. E geet nees an d'Kichen. Ech héieren, wéi en de Fareschwanz rëm tëscht d'Mauer an de Kicheschaf stécht, wéi e Folterinstrument an d'Scheek. Da quiitscht e Stull. E sëtzt rëm um Dësch, wéi wann näischt geschitt wär.

Meng Ärm, mäi Réck, meng Been, alles deet mer wéi. Iwwert der Hand fänkt et un, rout ze ginn. Eng laang Strumm zitt sech vun der lénkser Hand bis bei den Ielebou. Ech loossen den Aarm eropgestrëppt. Meng Hänn a meng Wuede pefferen am meeschten. D'Péng gehéiert mir ganz eleng. Ech ginn an d'Kichen a sëtze mech un den Dësch. Ech

kucken d'Josette. A sengen Aen glënnert e sëlweregen, fichte Flom. Am Eck, eng Tréin, déi net fält. Hatt weess och, wat sech passt. Meng Mamm kuckt och op mech. Si léisst de Kapp liicht no enger Säit hänken, verzitt de Mond, kuckt grouss an trei, wéi e Schoussmippchen, dee gär eppes hätt. Ass dat Matleed? Mäi Papp kuckt op meng Hand. Ech gesinn, wéi säi Bléck bis bei den Ielebou eropfiert. Meng Mamm hält mäin Teller a schëtt d'Zopp erëm an d'Dëppen op der Kachmaschinn. Mäi Papp seet näischt. Hien hat op de Wecker gelauschert. Ech krut meng Britt. Dobäi hunn ech d'Päckelcherszopp net missen iessen!

D'Josette hält mech mat a seng Kummer. Ganz bestëmmt fir mech ze tréischten. Et mécht d'Dier vum Kleederschaf grouss op a verstoppt sech derhannert, fir säi Plower auszedon. Wa bei eis een sech ausdeet, meng Mamm, mäi Papp, meng Schwëster, sinn ëmmer Dieren do, hannert deenen een sech verstoppe kann oder déi een hannert sech zouspäre kann. Esou ka keen deem aneren eppes ewechkucken. Bei mengem klenge Bridderchen gëtt et nach net vill ze kucken.

„Déi nächste Kéier iessen ech deng Zopp“, seet eng Stëmm hannert der Schafendier. „Vläicht féiert de Papp da keng sou eng op. Et ass jo egal, wien d'Zopp ësst. Haaptsaach, si gëtt giess. Et kann ee jo mol probéieren.“

Am Spigel vun der Kommoud kann ech meng Schwëster gesinn. De Spigel besteet aus dräi Spigelen. E groussen an der Mëtt, a lénks a riets zwee méi schmueler, déi ee verstelle kann. D'Josette spigelt sech an deem rietsen Deel. Et huet säi Plower net méi un. Mäi Bléck fält op de Soutien. Meng Schwëster huet der schonn. Ech kucken ewech. Ech muss un de Mirno denken, dee sot, et wär erlaabt, der eegener Schwëster hir ze kucken, et misst een déi souguer kucken, da wéisst een, wat een erwaart, wann een enger anerer Moss hir géing gesinn, an dat kéint näischt schueden. Ech kann der Versuchung net widderstoen. Hatt stréppt sech e frësche Plower iwwert de Kapp. Seng wujeleg Hoer luussen aus dem gedruddelte Plower eraus wéi aus engem oppenen Turban. Säin Hals ass fräi. An am Hals, op Fangerlängt ënnert sengem Ouer, eng roudelzeg Plaz.

„Du luuss!“, seet et.

Et mécht d'Dier vum Schaf zou. Ech dréine mech huerteg op d'Säit. Hatt kënnt eraus aus senger Stopp. Mam neie Plower un. Ee mat engem Rollkoll.

„Gëff et zou! Du hues geluusst!“

„Wéi kënns d'un déi rout Plaz?“, froen ech.

„Gesäis de! Wat sot ech?“

„Wie war dat?“, froen ech entsat.

„Net de Papp, wann s de gemengt has“, seet et.

„Weis nach eng Kéier!“

„Et ass keng Weis, soss géif et sangen!“

„Weis!“

Hatt zitt de Plower uewen ewech.

„Gesäis de“, seet et, „du bass net deen eenzegen, deem seng Haut bemoolt ass.“ Et muss laachen. 't heemelt mat de Fangere meng rout Strumm um Aarm.

Ech komme mer es net zou. Wie kann esou eppes gewiescht sinn? En décken, ronne Fleck, wéi wann ee meng Schwëster mam Hals geholl hätt, an d'Daume wieren nach op der Haut ofgezechent.

„Dat muss schéi wéi gedoen hunn“, soen ech.

„Hmmm“, mécht et, firt sech mat der Zong iwwert d'Lëpsen a pëtzt dobäi seng Aen zou.

„Dat deet guer net wéi!“

„Wie war dat dann?“, froen ech.

„Wann de Papp et gewuer gëtt –“, seet d'Josette an dann näischt méi. Et mécht de Saz net fäerdeg. An 't spaant mech op d'Folter. An der Schoul mussen mer e „Wenn“-Saz ëmmer fäerdeg maachen.

„Wat, wann de Papp?“, froen ech.


„Da kréien ech richteg Plazen. Awer bloer!“, laacht et. „Et ass e Knuutschfleck! Wann s du de Meedercher mol sou schéi Flecke maache kanns –“

Scho rëm mécht et säi Saz net fäerdeg. Mäi Schoulmeeschter krit mat deem Mippercher. Meng Schwëster ass an der Haushaltungsschoul, a vläicht muss ee bei den Nonnen d'Sätz net fäerdeg soen. Vlächcht sinn d'Nonnen net virwëtzig. Net op hallef Sätz. An net op Knuutschflecken. Mee vlächcht sinn s'awer virwëtzig. Besonnesch op geheimnisvoll Knuutschflecken am Hals vun engem jonke Meedchen. Engem Meedchen, dat e Plower mat engem Rollkoll undeet, fir eng rout Plaz am Hals ze verstopen, an dat – elo gesinn ech et erëm vru mer – um Mëttesdësch säin Hals mat enger Hand verdeckt hat an dobäi gemeet hat, wéi wann et u sengem Ouerläppche piddle géif.

D'Josette léisst sech hannerécks op säi Bett falen a kuckt verdreemt op de Plaffong. Wann et esou do läit, weess ech, datt d'Gespréich eriwuer ass. Da kann een et fléiwen, dajee! so mer dëst a so mer dat! dann ass näischt méi ze wëllen. Hatt huet sech verkroch. Et spillt Stoppchen mat sech selwer. Dann hunn ech besser, ech botzen d'Blat. Wann een dat bis weess, da gëtt ee gutt eens mat him.

[...]

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegelen vun der Lëtzebuergesch Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.



Lucien BLAU

Mam Schucos-Auto an den Zinema Royal. Eng Kandheet am Brill

Geschichten. Éditions Ultimomondo, Nospelt 2007. S. 7-11.

De Brill

De Brill, dat sinn a menger Erënnerung fir d'éischt emol Fuarwen.

D'Gréng vun deene ville Beem, déi d'Leit an hire Gäert stoen haten. Wa s'an der Bléi stongen, hunn d'Biren-, d'Äppel- an d'Kiischtebeem duerch de ganze Brill geliicht a gedoft. Gréng waren déi geflechten eise Glänneren mat enger eiserner Päertchen, déi de Virgäertchen an de klenge Bannenhaff vun der Strooss ofgetrennt hunn. Gréng wuar och heiansdo de Maschendrot, deen d'Gäert vunenee getrennt huet. Grenzen, déi awer ënnerbrach goufen. Oft stongen do, wou d'Gäert openeegestouss sinn, Bänken, wou d'Fraen an der Mëttesstonn nom Iessen zesummen eng Tas Kaffi gedronk an heiansdo eng gefëmmt hunn.

Routbrong ass d'Fuarw vun den Zillen, mat deenen déi meeschten Haiser aus dem ieweschte Brill gebaut waren.

D'Wäiss, well esou d'Fassade vun den Haiser, déi zur Parkstrooss zou an op enger Säit an der CECA-Strooss luchen, ugestrach waren.

De Brill huet d'Hierarchie an d'Uerdnong, déi op der ARBED gegolft hunn, erëmgespigelt. Am Ufank stong massiv, vun héije Maueren ëmginn, dem Direkter säin Haus, „d'Direktesch-Villa“, mat engem Park an engem Tennis-Terrain. Hannendrun de Beamten hir Haiser, do hannendrun de Cheffen hir. An dann d'Uarbechterhaiser. Zwee Haisertypen, no engem eenheetleche Muster gebaut. An deenen engen hu 4 Famillje gewunnt. Op d'mannst 16 Leit, déi vill vuneneen héieren hunn, net nëmmen d'Gekréckels vun den hëlzenen Träpen. Mëttes hunn d'Kanner mol hei, mol do giess, deen een huet deem anere seng Kanner mat versuergt. Et ass op de Summerowenter vill dobausse gespillt a geschnësst a virun allem och beschass ginn, meeschtens wie grad net derbäi wuar. Dann ass et och nach Haiser ginn, wou nëmmen eng Famill gewunnt huet.

D'Stroossen, déi no engem Schachbrietmuster ugeluecht waren, hunn Nimm gedroe vun ARBED-Direkteren. Rue Emile Mayrisch, rue Gaston Barbanson, rue Norbert Metz, fir d'Aarbechter all Dag un hier Bienfaiteuren z'erënnere. Eng hat den Numm vum Sydney Gilchrist Thomas kritt, deem seng Erfindung dat éischt ARBED-Stolwierk zu Diddeleng méiglech gemat hat.

Mär hunn an der CECA-Strooss gewunnt, an engem ARBED-Haus op der Nummer 1. Déi Eent ass mer ëmmer wéi eppes Besonnesches, bal wéi eng Auszeechnung virkomm. Op deenen zwou Säiten hunn Uarbechter gewunnt, mee déi eng a méi neien, méi grouse moderne CECA-Haiser. Déi hu sech als sozial Opsteiger verstan, als eppes Besseres ewéi

d'Leit vun der anerer Säit. Oder wuar et esou, dass déi an deenen alen ARBED-Haiser dat nëmme gemengt hunn?

Mattsen am ieweschte Brill louch eng Spillplaz mat ville Beem. Do ass virun allem Fussball gespillt ginn, an d'Konscht huet doranner bestanen, net nëmmen de Géigner z'ëmdribbelen, mee och d'Beem. D'Beem hu missen an d'Spill abezu ginn. Ganz Geschéckter hunn de Bam ugespillt mat enger Pass an esou de Géigner ausgetrickst. Ech wuar net esou gutt dodran an hat et fäerdegbruecht, mer mat Hëllef vun engem Bam mäin eegene Brëll futti ze schéissen. Dat huet mäi Papp mer net gegreeft. Hien huet gemengt, et wier alt erëms de Bruno Ries gewiescht, deen de Pech hat, beim Fussball ëmmer mäi Brëll ze geroden.

D'Goler wuaren déi gréng Diere vun zwee Schäpp, déi op deenen zwou Säite stungen. Am Hierscht hu mer d'Blieder vun de Beem gesammelt a se deenen zwee Golkipper als Ënnerlag virun d'Goler geluecht, fir datt se dorop mëll plongéiere konnten. Op dëser Spillplaz wuaren et virun allem d'Orioli- an d'Parage-Bridder an de Vinicio Monacelli, déi hir Fussballkonschten virgefouert hunn, ier s'an der Alliance oder an der Stade gegläntzt hunn.

De Brill, dat wuar fir d'Kanner och den Numm, deen hir Schoul an dem Véierel hat. E grousst, schwéiert Gebai mat engem risegen Haff, deen an der Mëtt duerch Hecke gedeelt wuar. Op där enger Säit wuar d'Meedercherssäit, an op der anerer d'Jongesäit, grad esou wéi am Gebai selwer. Déi Trennung no Geschlechter huet natierlech de Virwëlz op dat anert Geschlecht gestëppelt. Iwwert d'Heck sinn all Dag „Libesbréiwer“ an déi zwou Richtunge geflunn. Koum e Meedchen ze no, huet och schonns eng Jongenhand no senger Mutz oder sengen Hoer gegräff.

Ass et an den Hecken ze bont hiergaang, an hunn d'Meedercher Kreesch gedoen, huet eng Joffer oder e Schoulmeeschter, déi fäin no Geschlechter getrennt, alleguerten am Haff op an of gaange sinn a bei enger onsichtbarer Linn ewéi op Kommando alleguerten matenee gedréint hunn, agegräff.

Lénks a riets wuaren zwou schwéier Dieren, virun deenen d'Kanner sech no Klassen opgestallt hunn, esoubal et geschellt hat. Dann ass et a Rou eragaangen, an op deenen zwou Säiten hunn déi zwou Öffnunge lues a lues d'Jongen an d'Meedercher verschléckt, bis d'Dieren an d'Schlass gefall sinn. Am Haff, wou virdrunns nach gelaf, gelaacht, gestouss a gerippt gouf, wuar et eidel a roueg ginn.

No der CECA-Strooss an der rue Bessemer ass deen ënneschte Brill ugaangen, mat erëm engem aneren Haisertyp. Dat wuar fir eis Kanner aus dem ieweschte Brill eng Grenz. Ass een eleng doriwwer gaangen, huet een der alt emol op d'Schnëss kritt vun deenen aneren, déi zu enger anerer Band gehéiert hunn. Do huet och de „Walli“ gewunnt, den ongekréinte Chef vun de Jongen aus deem Stéck Brill.

Beim Fussball am Schoulhaff vum Brill huet déi Grenz net méi bestan. Ieweschten an ënneschte Brill hunn dann eng eenzeg Ekip gestallt a Konkurrenz mat Biereng an deenen aus dem Gebeessquartier aus dem Wolkeschdall. Dee Moment huet dann esou eppes ewéi Klassebewosstsinn tëschent de Briller Jongen existéiert.

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuurger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthograpesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.

n.b. Dëst Buch ass aktuell vergräff.

Josy BRAUN

Meewäin

Roman. Éditions Phi, Esch/Uelzecht 2007. S. 5-7.



Dem William Bresser war dat Pechbild schonn an der Stad opgefall, wéi en an den Taxi geklommen ass. Ënnerwee fir op Fréileng dréit en sech um hënneschte Sëtz nach eng Kéier ëm, fir sécher ze sinn, datt en de Sproch richteg gelies hat. Hie muss e lo a Spigelschrëft ausdäitschen, mä hien hat sech beim Aklammen net geiert. Wat „Lëtzebuerg de Lëtzebuerger“ déit heeschen, freet e vun hannen deen eeleren Taxichauffer. Dat ass zoufälleg nach e Lëtzebuerger, an dee bekuckt hie kuerz am Réckspigel a grommelt eppes vun engem ale Lidd. De William Bresser ass es zefridden, schmonzt souguer.

Et sinn nëmmen eng fofzéng Meile bis op Fréileng, fir den Zeitungsdirekter aus dem Maine awer Zäit genuch, fir sech déi puer leschter Deeg nach eng Kéier duerch de Kapp goen ze loossen. D'Kollege fléie lo am Nomëtteg zréck an d'States, hie bleift nach, souguer vläicht nach eng ganz Woch, 't hängkt vun e puer Saachen of. „Kollegen“ ass eigentlech ze vill gesot, dat waren der bal lauter aus der Generatioun vun sengem Papp; Pätteren haut, wierklech Veteranen aus dem II. Weltkrich, aus dem „Battle of the Bulge“. Den Numm vun där leschter Schluecht mat Nazidäitschland hat hie wuel schonn héieren, war him awer ausdenkeg ginn; säi Papp haten se deemools zwéi Méint méi fréi rofgeschoss.

An awer konnt hien sech bei deene véier oder fënnf Erënnerungsfeieren zu Lëtzebuerg an am belschen Nopeschland, méi wéi e geduecht hat, virstellen, matfillen, wat sech an den Ardennen viru siechzeg Joer ofgespillt hat. Spéitstens op deem grouse Militärkierfecht bei der Stad krut een eng Iddi vum Asaz a vum Affer vun Amerika fir dëst mikroskopescht Land; vum Leed an de Familljen. Hie konnt deemools nach näischt matkréien, mat knapps

engem Joer. Awer seng Mamm! Déi Fra, déi den „Morning“ mam Grousspapp virugefouert huet, déi sech net méi bestuet huet, déi d'Zeitung vun 1970 u leng dirigéiert huet, d'Oplo souguer op iwwer Honnerttausend ropschrauwe konnt. Hien huet dee leschte Mount säin 61. Gebuertsdag gefeiert, mä hien ass sech es gewëss: wann seng Mamm mol stierft, da kënnst hien sech wéi e verloossent Weesekand vir. 't ass jo och zum Deel seng Schold, firwat huet en sech net méi bestuet, nodeems säin éischt Bestietnes fréi an d'Bréch gaange war? Vlächst well e gefaart huet, souwéissou kees an néierens eng Fra ze fannen, déi senger Mamm kënnt d'Waasser reechen, déi éiweg an där hirem Schiet stéing a verkëmmere géif. Hie konnt d'Mabel verstoen, wéi et no zwee Joer sengerwee gOUNG. Seng Mamm huet der lo 84 a géing haut nach am léifsten allmueres an d'Redaktioun; mä zënter de Computere weess se, datt hir Zäit ëm ass; zou gëtt s'et natierlech net. Wann se d'Fëmmen nach léiss!

Hie kennt déi Fréilenger Famill Bresser nëmmen aus Korrespondenzen, aus Bréiwer, déi d'Mamm scho viru laange Jore geschriwwen oder beäntwert huet, aus dem Bréifwiessel, deen och hie bis haut viruféiert. Eent ass awer zimlech sécher: Famill mat sengem Urgrousspapp Martin Bresser, dee vu Lëtzebuerg an de Maine koom, sinn déi Fréilenger net. An och déi sinn sech kenges wäitleefege Monni, Koseng oder Nëwwi bewosst, deen ëm 1900 iwwert „de grouse Pull“ gereest wier, wéi déi Fréilenger sech an hire Bréiwer ausdrécken. An dach – Zoufall oder net – verbënnt dës Famill eppes mat him, an dofir bleift hien nach hei: den Doud vun sengem Papp, deemools, den 18. Oktober 1944. Lo an engem Mount ginn dat och siechzeg Joer.

Vu wäitem gesäit hien déi éischt Wäibierger an der Hierschtsonn an erwëscht sech lo derbäi, datt hie schonn déi ganzen Zäit op Lëtzebuergesch an net op Amerikanesch geduecht huet. Säi Grousspapp Francis Bresser huet zäitliewens drop gehalen, datt dem Urgrousspapp seng Mammesprooch net verkéim. An 't war ausgerechent seng Mamm, eng jiddesch Amerikanerin aus dem Vermont, déi nëmmen e puer Wuert Lëtzebuergesch konnt, déi nom Krich derfir gesuergt huet, datt all déi al lëtzebuergesch Famillje vun Augusta an och soss aus dem Maine sech eemol am Joer geséichen an den Nationalfeierdag vun hirer aler Heemecht matenee feiere géifen. Souguer eng Minizeitung huet se fir d'Maine-Lëtzeburger an d'Liewe geruff, déi vun engem „lëtzebuergeschen“ Redaktiounsstaff gemaach gëtt, déi all dräi Méint rauskënnt, an déi och hien haut nach mam Staff viruféiert; am Internet ginn engem méi Neiegkeeten aus deem klengen Land zerwéiert, wéi ee verschaffe kann. An hie spiert et, seng Landsleit sinn houfreg op dat Lëtzebuerg, dat sech matzen an engem Europa, dat ëmmer méi grouss gëtt, sou clever ze behaapte weess.

Se fueren duerch eng Uertschaft a laanscht e Floss; dat muss d'Musel sinn. Am Ausgang vum Duerf reechen d'Riewe bis un d'Strooss. D'Lies ass nach net am Gaang, dierft awer virun der Dier stoen. E Schëld weist rop an d'Wéngerten: „Cité Buschland“ kann hien sou jhust nach liesen, da sinn se laanscht. Hie schmonzt nees, rëselt an engems awer de Kapp.

Bis op Fréileng dierft et lo net méi wäit sinn.

[...]

n.b. Dëst Buch ass aktuell vergraff.

Tullio FORGIARINI

Amok

 Eng Lëtzebuurger Liebeschronik. Éditions Guy Binsfeld, Lëtzebuerg 2011. S. 9-12.

– An den Aasch geféckt ze ginn. An den Duschen. Wat soss?

Dat hues du net gesot. Du hues et geduecht. Well ech et geduecht hunn. An ech hätt et och gesot. Mee du net. Net well s du dech net getraut häss, esou eppes ze soen. Schliisslech hues de dem Här Kerger schonns *Houere Wichsert!* nogebierelt an der Madame de Matos gesot, si soll hir Mamm fécken. Neen, du häss problemlos der Madame Steines kënne soen *An den Aasch geféckt ze ginn. An den Duschen. Wat soss?* Virun allem, well d'Madame Steines *Educatrice* ass. An si sech ni opreegt. Bal ni. Iwwert eng Stonn ass si elo schonns amgaang, op dech anzerieden. *Kuck mech, wann ech mat der schwätzen!*, seet si. Du méchs dat dann och. Just kuerz. Well du kucks da souwisou nëmmen hir Brëscht, déi sech um Kantinsdësch breet maachen. *Megafett megagail Titten*, wéi s de ëmmer sees. A wéi ëmmer gëss de rout am Gesiicht. A wéi ëmmer kriss de e Steiwen. D'Madame Steines mierkt dat net. Et ass hir och vläicht einfach egal. Si probéiert, dir Dräibuer ze verklickeren. Et wär guer net esou schlëmm do, seet si. Guer net esou, wéi ëmmer verzielt géif. An du wäers besser do wéi doheem. Vill besser. Well s du do e feste Kader häss. Reegelen, déi dir doheem esou géife feelen. A Leit, déi der géifen hëllef, erëm op déi riicht Schinn ze kommen. An et wär jo net fir ëmmer. Mee just fir e puer Méint. Wann alles géif klappen. Wann s du dech géifs e bësse rappen. Du solls dech net esou stellen. Firwat wéilts du dann net? Ob s du géifs fäerten? A wat s du géifs fäerten? *An den Aasch geféckt ze ginn. An den Duschen. Wat soss?* Natierlech fäerts de dat. Awer du géifs et fir d'Vrecken net soen. Net der Madame Steines. An och soss kengem vun all deenen Aaschlächer. Mee dat fäerts de. Well et ass dat, wat d'Kollegen zielen. Well du hues Kollegen, déi schonns do waren. Zu Dräibuer. Eng ganz Partie schonns. Kee vun hinnen ass an den Aasch geféckt ginn. Weeder an den Duschen nach soss anzwousch. Dat behaapte si op alle Fall. Mee nëmmen, well si Kollegen do haten. Soen si. Just an d'Schnëss kruten si der. Mee dat wier normal. All déi Nei kriterien der an d'Schnëss. Dat wier eeben esou. Mee e puer an d'Schnëss ..., dat fäerts du och net. Och net d'Zell, wou s de agespaart gëss, wann s de dech net packs. Eng Matrass um Buedem. Waasser a Brout. Wéi an de Filmer ..., wéi zu Köln ... Mee an den A...

Näischt!, äntwers de der Madame Steines an da kucks de nees séier den Dësch. De knaschtege Kantinsdësch. D'Grimmelen, déi drop leien. Du stells der vir, et wäre Leit. Richteg lieweg Leit. Wann s du e bësse méi staark ausotems, da beweegen se sech. Jee-nodeems, wéi s du de Kapp häls, dreifs de se zesummen oder auserneen ...

D'Madame Steines ass fort. *Mir gesinn eis dono*, sot si, dunn ass se gaang. Eng fëmmen, bestëmmt. Et ass zwar verbueden, mee si fënnt ëmmer eng Plaz. Wéi all déi aner Proffen och. D'Madame Steines huet 28 Joer. Du weess et. Du weess et, well du hues si selwer

gefrot. D'Madame Steines richt no Zigretten an no Knätsch. Hir blond Hoer richen no Äppel. Dat richs de, wann si sech niewent dech setzt, fir der bei den Hausaufgaben ze hëllef. Meeschtens ass si ganz fei mat dir. Och wann s du dech opféiers wéi de leschten Topert. Och wann s du hir dauernd an den Decolleté kucks ...

Ausser dir ass bal kee méi an der Kantin. Déi aner sinn all um Bus. Déi hu jo och kee Conseil. Lauter eidel Dëscher. Voller Tuten a Schockisflecken. An d'Fraen, déi den Dreck ewechmaachen. Lauter Portugisen. Et war der emol net opgefall. Bis deng Mamm der et sot. Si hat och hei geschafft. Net laang. Bis si Sträit krut. D'Sandra kritt ëmmer Sträit op der Schaff. Gutt, datt hatt net méi do ass, hä? Elo brauchst du dech net méi ze verstellen. An hatt och net. Maachen, wéi wann s du hatt net géifs kennen. Hatt wollt dat esou. Du och.

Mee elo hoffs de trotzdeem, datt hatt kënnt. Fir de Conseil ... An du hoffs, hatt kënnt eleng ... Net mam Steve Dee mécht nees soss voll op Liewenspartnerersatzpapp. Just, well hien deng Mamm zanter e puer Woche biischt ... Total peinlech. De kleng Wichsert ass just zéng Joer méi al wéi s du ... An du? Du weess, wéi et geet. Et ass jo net däin éischte Conseil. Deen ... Weess du iwwerhaupt, dee wéivillten? Zweek zu Péiteng ..., dann zu Gréiwemaacher just een, awer nëmmen, well s du gaang bass, ier se een zweete gemaach hunn ... An elo deen hei ... An ... Wat? ... Net emol zwee Schouljoren.

Maach wéi ëmmer, du weess jo, wat se gär hätten. Am Conseil ass keng Plaz fir Eierlecheet. Am Conseil gëllt just eppes: Zéi de Schwanz bäi, de Kapp an a léi esou vill an esou gutt s de kanns. Du däerfs och kräischen. Virun allem, wann se vun Dräibuer schwätzen. Si kënne souwisou bal näischt maachen. Du hues eréischt fofzéng Joer. Si mussen dech souwisou erëmhuelen.

Däin iPhone vibréiert. Deng Mamm. Si ass a Verspéidung. Mee si kënnt. Seet si. A schéckt der en :-P. En :-P fir mat an de Conseil! Deng Mamm ass eng domm Kou. Kourommeldomm! Si kann net dofir. Wierklech net. Mee du och net. Du bass just en Accident. Dat huet si dir selwer gesot. An net nëmmen eng Kéier. Si zielt et och, wann aner Leit dobäi sinn. An da laacht se. Wéinst esou enger Toz brauchst du dech wierklech net ze schummen. Mee du schumms dech trotzdeem ...

Du sichts d'Filmer, déi de Rui der iwwer Bluetooth geschéckt huet. Iwwer dausend Pornoen huet de Rui. Heiansdo schenkt hien der een. Meeschtens muss de awer bezuelen. Wéi all déi aner och. Gutt verstoppe muss een se, net datt d'Jofferen se direkt fannen, wann se der den Handy ofhuelen ...

Du stéchs der d'Kopfhörer an a gees der een op d'Toilett wichen.

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuenger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.



Claudine MUNO

Komm net kräischen

Op der Lay, Esch-Sauer 2015. S. 5-11.

Hien huet Paul geheescht. Dat war eng vun deenen éischte Saachen, déi d'Marie un him gär hat. Et war en einfachen Numm. En einfachen Numm fir en einfache Mann.

Hie war de Papp vum Marie sengem beschte Frënd. De beschte Frënd huet Theo geheescht, mee dat ass net esou wichteg, an dat, wat net esou wichteg ass, soll hei och net erzielt ginn.

Si ware Frënn, wéi Kanner an deem Alter nëmme kënne Frënn sinn, well si déi selwecht Spiller gespillt a sech fir déi selwecht Saachen interesséiert hunn. An hirem Fall war dat Tennis.

Si hunn Tennis gekuckt an Tennis gespillt op der Strooss an am Club, am Summer op dem roude Sand, deen déi wäiss Tennisschong gefierft an d'Hoer zesummegepecht huet. Et huet ëmmer e puer Wäsche gebraucht, bis en erausgaangen ass. Dat war dee Moment, wou een den Theo eemol wierklech gesinn huet. De Rescht vun der Zäit war hie blond um Kapp a wäiss am Gesiicht, quadratesch wéi e Gummi, d'Hoer an engem Biischeschnëtt. Hie konnt alles ewechwëschen a radéieren, wat iwwerzung.

Si hunn iwwer Tennis geschwat an iwwer den Ivan Lendl an den André Agassi zu enger Zäit, wou si sech net hätte kënne virstellen, iwwer sech selwer ze schwätzen. Wann si de Ball iwwer d'Strooss ewechgeschloen hunn, da sinn d'Autoe virsiichteg ënnendrenner laanschtgefuert an d'Männer an den Autoen hunn d'Käpp agezunn. De Krich war nach net esou laang eriwwe a vun all Säit konnt zu jiddwer Moment eppes geflu kommen. Et war schwéier, sech un déi nei Fräizäitbeschäftigungen ze gewinnen. Hei ass keen einfach esou gelaf. Sport, wéi Krich, ass eppes, wat ee géintenee bedreift.

Dem Theo seng Mamm war gestuerwen, wou hien nach kleng war. Hie konnt sech net méi un si erënneren. Si hat eng Zort Kriibs, un där si warscheinlech e puer Joer méi spët net méi hätt misse stierwen. Et war e Schéinheitsfleck uewen op hirem lénke Been. Si haten en an der Vakanz fonnt. En ass aus hirem Maillot erausgewuess, wéi eng Flëssegheet aus enger Fläsch erausleef, wéi wann een d'Glas vum Liewen onglécklech ëmstéisst. Et war hiert Gléck a gläichzäiteg hiert Ongléck, dass een an der Vakanz konnt an de Süde fueren. Mee warscheinlech ass och Gott heiansdo ongeschéckt: All Absicht wier e Verbrieche gewiescht, all falsch Beweegung nëmme en Ongléck.

An de Bicher, déi d'Marie als Kand gelies huet, huet bal allen Haaptfiguren en Elterendeel gefeelt. Well wéi hätten si soss kënne vun all deenen Abenteuer zielen, déi si ni erlieft hätten, wann een drop bestanen hätt, dass si owes missten an hire Better leien, ees et däischter gouf? Den Theo war deen Eenzege an der ganzer Schoul, deem esou eppes wierklech geschitt war. An der Stuff, op der Kommoud, stung eng Foto vun enger Fra mat enger Frisur aus de 70er, wéi d'Farah Fawcett, a roude Clipsouerréng.

Wou déi Foto gemaach gi war, do wosst si nach net, dass si hire Jong ni géing gesi grouss ginn. Allkéiers, wann d'Marie virum Bild stung, dann huet hatt sech entschëllegt, well hatt sou vill Saachen iwwert hiert Liewe wosst, déi hir virenthale bloufen. Hatt wosst, dass si géing stierwen an hatt duerft esou vill Zäit mat hirem Jong an hirem Mann verbréngen, wéi hatt wollt; hatt konnt esou laang mam Theo Fernseh kucken a Brietspiller maachen, bis hatt keng Loscht méi hat, an dann hat hatt bei sech doheem nach ee ganzt Liewen iwwereg.

Hatt huet déi Zäit gestuel, déi eigentlech hier hätten sollte gehéieren, et huet sech de Bauch dermat vollgeschloen, et huet se ganz déif ageotemt. Dobaussen op der Strooss huet hatt d'Zäit an d'Luucht geblose wéi e Wal a se op den Trottoir zeréckfale gelooss – et huet hir d'Zäit erëmginn. Et dréit se mat sech ronderëm wéi al Frae Kamellen an hiren Täschen. D'Fraen an d'Kamellen si gläichermoossen al an awer nach net ganz verbraucht. Nëmme wat ee verbraucht, gëtt net al.

Wann hatt dann heemkum, da sutz seng Mamm an der Kiche mat sengem Papp sengem Fouss um Schouss an huet him d'Zéiwenneel geschnidden.

„Hunn se dech doiwwer erausgehäit?“

Heiansdo waren d'Intimitéiten an der Léift vun hiren Extremitéiten net ze ënnerscheeden.

Et huet een dem Theo näischt ugemierkt. Hie war net melancholesch, just e bësse méi eescht wéi déi aner Kanner. Hien huet net un Diere geschellt an ass da fortgelaf, hien huet keng Bouwen, déi méi kleng ware wéi hien, an der Schwämm an den déiwe Basséng gestouss an hien huet d'Portugisen aus der Strooss net Portugise genannt, mee bei hire respektive Virmimm. Seng Groussmamm, senger Mamm hir Mamm, huet bei him a sengem Papp am Haus gewunnt. Si huet Geneviève geheescht. Säi Papp an si hunn sech gedierzt, hien huet si Madamm genannt an si hie Paul an si huet d'Heizunge vu September bis Abrëll op 10 gedréint an hien huet ni eppes dowéinst gesot.

De Paul huet wéi dem Marie säi Papp op der Eisebunn geschafft, mee um Bureau, net dobaussen am Gleis. Dem Marie säi Papp war de ganzen Dag bei all Wieder dobaussen, a wann hien heemkomm ass, dann huet hien no Motorsueleg gericht oder no Damp vun engem Feier. De Paul hat e Büro am Héichhaus nieft der Gare. Seng Mamm huet d'Marie ausgelaacht, wou si héieren huet, dass hatt dat e Wolkenkratzer genannt huet. Am Vergläich, an der Perspektiv, war et guer kee Wolkenkratzer, et war knapps en Héichhaus.

Déi, déi um Büro geschafft hunn, haten en Ticket fir d'éischt Klass, déi aner just fir déi zweet. Dat war fir de Fall, dass ee géing vergiessen, wou uewen an ënnen wier. Wann d'Marie a seng Mamm dem Paul zoufällig um Quai begéint sinn, dann ass hie sech ëmmer bei si an d'zweet Klass sëtze komm. D'Marie huet him dat héich ugerechent. „Hie léisst sech erof“, sot seng Mamm. Et dierf een engem et net héich urrechnen, wann ee sech erofléisst.

Wann een nieft him stung oder sutz, dann huet een dono nach eng Zäit no him gericht, och wann hie scho laang net méi am Raum war. Dem Marie säi Papp huet sech mat engem Küb Seef gewäsch, deen am Keller um Spullstee luecht, do, wou hien no der Aarbecht erakoum a säin Anorak opgehaangen huet. De Küb war opgebascht op Plazen an do vu gringgroe

Fiedem duerchzunn, wéi e Stéck Marber oder Roquefort. Dem Marie seng Elteren hunn de Paul de Filmschauspiller genannt, well hien d'Fangerneel ëmmer kuerz geschnidden hat an de Baart gemaach. Hie konnt jo awer net anescht.

Wann de Paul en Zauberer war, da war dem Marie säi Papp den Hutt um Kapp vum Zauberer.

Während dem Marie senger Famill hiert Haus vertikal a rechteckeg war, mat schmuele rechteckege Fënsteren an engem laange rechteckege Gaart hannendrun, (déi genau Form vum Schiet, deem d'Haus zu enger bestëmmter Dageszäit hannert sech geworf huet), war dem Theo an dem Paul säin Haus rechteckeg an horizontal, mat breede rechteckege Fënsteren an zwee Gäert, engem virun an engem hannert dem Haus. An där Strooss huet en Dokter gewunnt an de Mann, deem d'Assurancë verkaaft huet. Hien ass mat senger Famill an der Vakanz op Disneyworld geflunn.

D'Marie huet an Italien um Camping Cola-Calypsoe giess an d'Topolinoe gelies, déi d'Kanner, déi schonn heemgefuert waren, dogelooss haten. Heiansdo huet e grousst Stéck Kartong vum Deckel oder der Récksäit gefeelt. Et huet ee Moment gedauert, bis d'Marie verstanen huet, dass déi Grouss sech aus dem Kartong Zigarettfiltere gedréint hunn. Sou séier ass dat gaang, vun engem Moment op deem anere waren d'Kanner scho keng Kanner méi.

Als Kand hat d'Marie Angscht virun Dauwen. Hatt huet och haut nach Angscht virun hinnen, mee haut därerf hatt hinnen einfach aus dem Wee goen, wann hatt wëll. Doheem sutzen d'Dauwen ëmmer um Virdaach, virun der Kichfënster, mat de Patten tëscht de Leeën no deene Grimmelen ze schären, déi säi Papp vum Teller erof zur Fënster erausgestreet hat.

Well dem Marie säi Stull riicht zur Fënster gedréint war, konnt hatt näischt anescht maachen, wéi si déi ganzen Zäit ze kucken.

Sengem Papp seng Plaz war mam Réck zur Fënster an heiansdo huet et ausgesinn, wéi wann d'Dauwen op senge bleichen, schwaarz behoerte Schëllere séizen. Egal wat fir eng Joreszäit, säi Papp hat ëmmer e gerëpptent Ënneschtkleedchen un. Säi Liewen huet de Schweess aus senge Pore gedriwwen. Kaffi ze drénken huet him de Schweess ausgedriwwen, d'Brout bei de Mond ze féieren, war eng Aarbecht, et ze knaen eng aner. Souguer sech ze wäschen, war eng schwéier Aarbecht, an de Schweess huet sech mat der Seef vermëscht an dofir gesuergt, dass hien ëmmer no Ustrengung gericht huet. Et duerft een ni denken, dass hien sech net ugestrengt hätt.

De Paul sollt dogéint guer net no Aarbecht richen, hien huet mat sengem Kapp geschafft, dat huet him misste liichtfalen, et duerft ee keng Anung vun enger Ustrengung hunn. Hien huet beim Iessen net schwéier geotemt, hien huet säi vollen Teller net gekuckt, wéi wann dat, wat drop léich, eng Aufgab wier, déi misst zu Enn geféiert ginn.

[...]

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegele vun der Lëtzebuenger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass.

Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmte sproochlech Variante goufen net ugepasst.

Samuel HAMEN

Zeeechen

Erzielungen a grafesch Geschichten. Mam Marc Angel.
Éditions Guy Binsfeld, Lëtzebuerg 2019. S. 9-13.

Bal

Et war net ëmmer einfach als Bouf vun enger Staatsbeamtin an engem Staatsbeamte grouss ze ginn. Dat kënne sech déi meescht elo net virstellen. Oder si wëllen et sech net virstellen, dat ass och mäi gutt Recht, mir näischt virstellen ze wëllen, wat geet dech un?, bläre si elo, sou iwwer eis ze schwätzen, du Dëlpe. Mee genee sou ass et mäi gutt Recht, schreiwen ech hinnen hei an elo zeréck, de Contraire ze verzielen. Iwwerhaupt mengen ech, datt déi meescht zwar soen, et wier hiert Recht, et net mussen ze wëllen, mee a Wierklechkeet ass et hir Inkompetenz, et net kënnen ze wëllen.

Bon. Ech mengen elo, sech eppes virstellen, dat *anescht* ass. Déi meescht Leit hu sech Scheiklappen ëm d'Aen an ëm d'Ouere gewéckelt, an dës Scheiklappe si riseg, se sinn enorm, sou grouss wéi amputéiert Flosse vun engem Buckelwal. Oder wéi déi schlabbereg Ouere vun enger aler afrikanescher Elefantemamm. Nujee, d'*N14* wier elo ee gutt Beispill, awer net déi asiatesch Elefantenzort, dat sinn nämlech déi méi kleng Elefanten, an deenen hir Ouere sinn net grouss genuch fir d'Ignoranz an d'Idiotie hei am Land ze erklären. Also, déi Strooss tëscht Dikrech a Steeën, se huet eng laang gezunne Kéier, direkt hanner dem Mouschbiereg zitt sech dës Kéier, a lénks ass Bësch a riets eng wëll Wiss an de Papp huet dat alles gebaut.

Hien, de Papp, huet eng Macarono tëscht den Zänn stieche wéi ee labberege Stréihalem. Dat ass d'Bild, dat hänke blouf; tëscht den Zänn vum Papp d'Macarono an tëscht dem Gehirjelli de Papp mat den Zänn mat der Macarono – an dat alles um Kichendësch.


D'Mamm huet d'Nuddel ëmmer an engem Zock eragesuckelt. Et war ee Projet, wéi alles bei hir. D'Nuddel, also déi eenzel Macarono, heescht dat esou?, de Singular, egal, hir Macarono ass ëmmer wibbeleg duerch d'Loft geflunn, d'Ramzooss, déi drunhoun, ass iwwer den Dësch gesprutzt, heiansdo hat ech se am Gesiicht pechen, nujee, an dann dat Geräisch, sou ee Schlürfen an Zéien a Schmatzen, wéi wann ee fleeschege Reewuerm, dee sech duerch de mätschege Buedem no uewe gewullt hätt, wéi wann deen zeréck an d'Bannescht vun der Äerd gezu géif, duerch iergendee Vakuum oder sou, flang a flatsch a fort war d'Nuddel.

Beim Papp hounge deen Ament déi éischt Nuddel vum Dag nach ëmmer aus dem Mond wéi eng gevreckte Schlaang. An där Zäit, an där d'Mamm nonzéng Nuddele wéi eng

Maschinn a sech eragesuckelt hat, hat de Papp eng eenzeg Nuddel ugeknat. D'Macaroni ass Stéck fir Stéck méi kuerz ginn, d'Pappelëpse waren zougepëtzt, a lues a lues ass d'Nuddel an de Mond eragekroch – an dat eemol d'Woch. Eemol d'Woch gouf et Macaroni bei eis, all Dënschden, an dir gesitt, et ass, wéi ech scho gesot hunn, nawell net einfach gewiescht, de Bouf ze si vun enger Staatsbeamtin an engem Staatsbeamten.

Wéi ee butzege Späicher kënnt mir mäi Kapp vir. Verstëbst, stackdäischter an onnëtz. Et ass dem Papp seng Schold, definitiv ass et seng Schold. Hien huet mäi Kapp zougedreht mat deenen Erënnerungen un de verschassenen Éislek. De Papp huet bei *Ponts et Chaussées* geschafft, d'Mamm sot ëmmer just *Pauvres Chaussées*, ech hunn dat ni verstan als Kand, a ganz éierlech: Och elo verstinn ech dat net wierklech. De Papp hat numol iergendeppes mat Stroossen ze dinn. D'N14 war ee vu senge Projeten, mee de Papp huet d'Stroossen net gebaut, nee, hien huet se baue gelooss. Hie stoung bei der Schaff dacks viru sou engem héijen Dësch an huet breet oder gestrécht oder poulriicht Linnen op riseg Pabeiere gemoolt. Ech hu laang Jore missen op d'Zéiwespëtze goen, fir eppes ze gesinn, mee ech si jo méi grouss ginn a mat mir meng Zéiwespëtzen. An iergendwann, vläicht sou mat dräizéng Joer, konnt ech ganz genee gesinn, wéi de Papp seng Linealer am Grapp gehal huet, hien hat siwe verschidde Linealer um Dësch leien, véiereckegeger mat Karoen, natierlech ee Geodräieck mat giele Linnen, dann zwee Linealer mat Zacken, een dovunner war ganz orange, deen aneren hat ee sëlwerege Grëff. Dat war säi Liblingslineal. Ech wosst et direkt. Et war d'Manéier, wéi hien en ugepaakt huet, e geheemelt huet, ier hien domat ee laangezunnene Stréch laanscht e puer Kréngle gezunn huet, vläicht laanscht ee Bësch.

Schwaarzen Téi soll maximal fënnf Minutten zéien, jee no Zort vläicht fënnfanenghallef Minutt. Mee net méi laang, nee wierklech, soss gëtt e batter, a wie wëll da scho batteren Téi drénken? Mir sinn nees um Dësch, bei eis fänkt ëmmer alles um Dësch un. Et ass fréie Moien, an den Dag virdrun hat d'Botzfra extra missen d'Fënstere botzen, wéi wann d'Mamm gewosst hätt, datt mäi Kannerbléck eraus aus där Fënster, genee un



deem Moien, Jore méi spéit – also elo – sou wichteg wäert gewiescht sinn. Mäi Bléck vun deemools, eraus op den Hiwwel, eran an den Niwwel, am September. Dänn, iwwerall stoungen Dänn, déi sech op där aner Säit vum Dall an enger freeschlech latzeger Landschaft verluer hunn. D'Welt war a sou ee Jeeërgréng gezappt, déi eng typesch Faarf do, déi vum *Land Rover*, dee vum bonzegen Dokter gefuer gëtt, deen een dichten Typ mat der Panz voller Goss, dee jiddweree vun eis kennt, ëmmer ënnerwee fir op eng Klappjuegd, fir e Réi oder Wëllschwäin oder Fuuss vreckt ze schéissen.

Esou ee Gréng stoung mir an den Aen, wéi ech deemools zu där impeccabel poléierter Fënster erausgekuckt hunn. Et war genee zwielef Minutten op siwen, ech hat nach dräizéng Minutten, fir de Bus an d'Schoul ze kréien. An enger routinéierter Hetz géif ech a genee néng Minutten opsprangen, mäi waarme Schocki géif ech bal ëmstoussen, ëmmer just bal, bei mir ass zënter ëmmer alles just bal geschitt, an de Papp géif dann nees soen: Bal ass nach laang keng Maus an der Fal. Och un deem Moie géif dat fir mech kléngen, wéi wann den Deche mir säin houert *Vater Unser* un de Kapp geheet hätt.

Mee nach ass et zwielef Minutten op siwen, elo dräizéng Minutten op, an de Säckelche mam schwaarzen Téi hänkt zënter aacht Minutten an der Taass vum Papp. Ech hat op meng Casio gekuckt, wéi hien den Téi an d'Waasser geluecht hat, mat all Sekonn ass säin dommen Téi méi batter a méi kal ginn, batter wéi Gal, genee wéi säi Liewen, brong wéi Schäiss, denken ech elo, dat huet hien och stoen an zéie gelooss, ouni sech ëm iergendeppes ze këmmen, dee Fainéant, bis alles wotlech a batter war, gedu, froen ech hien elo, du lidderegen Topert, mee natierlech gëtt hie mir keng Äntwert, an ech denke mir: Wéinstens ass haut net Dënschden, wéinstens gëtt et de Mëtte keng Nuddelen.

[...]

Dësen Text entsprécht den offizielle Reegelen vun der Lëtzebuurger Orthografie, déi säit November 2019 a Kraaft ass. Eenzel orthografesch Ofwäichungen a bestëmmt sproochlech Variante goufen net ugepasst.